

Sommaire

1. Ouverture de la séance publique

- M. Fernand Etgen, Président

2. Communications

- M. Fernand Etgen, Président

3. 7729 - Proposition de loi relative à une politique d’investissement socialement et écologiquement responsable du Fonds de compensation commun au régime général de pension

- Déclaration de recevabilité : M. Fernand Etgen, Président

4. Ordre du jour

- M. Fernand Etgen, Président

5. 7733 - Projet de loi modifiant :

1° la loi modifiée du 17 juillet 2020 sur les mesures de lutte contre la pandémie Covid-19 ;

2° la loi modifiée du 1^{er} août 2018 sur la déclaration obligatoire de certaines maladies dans le cadre de la protection de la santé publique

- Rapport de la Commission de la Santé et des Sports : M. Mars Di Bartolomeo (intervention de M. André Bauler)

- Discussion générale : M. Claude Wiseler (dépôt des motions 1 et 2) (interventions de Mme Martine Hansen, M. le Ministre Claude Meisch, Mme Françoise Hetto-Gaasch et Mme Octavie Modert) - M. Gilles Baum - M. Georges Engel (interventions de M. Claude Wiseler et Mme Martine Hansen) - Mme Josée Lorsché (intervention de Mme Octavie Modert) - M. Jeff Engelen (dépôt de la motion 3 et de l’amendement 1) - M. Marc Baum (dépôt de la motion 4) - M. Sven Clement (intervention de M. Gilles Baum)

- Prises de position du Gouvernement : M. Xavier Bettel, Premier Ministre, Ministre d’État (intervention de Mme Martine Hansen) - M. Claude Meisch, Ministre de l’Éducation nationale, de l’Enfance et de la Jeunesse (intervention de M. Marc Goergen) - Mme Paulette Lenert, Ministre de la Santé (interventions de Mme Martine Hansen, M. Laurent Mosar et M. Claude Wiseler) - M. Claude Wiseler (parole après ministre) - M. Marc Goergen (parole après ministre) - Mme la Ministre Paulette Lenert (intervention de M. Claude Wiseler) - M. Marc Baum (parole après ministre) - M. Fernand Kartheiser (parole après ministre) (intervention de Mme Nancy Arendt épouse Kemp) - Mme la Ministre Paulette Lenert

- Vote sur l’amendement 1 (rejeté)

- Vote sur l’ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

- Motion 1 : Mme Paulette Lenert, Ministre de la Santé

- Vote sur la motion 1 (adoptée)

- Motion 2 : M. Xavier Bettel, Premier Ministre, Ministre d’État

- Vote sur la motion 2 (rejetée)

- Vote sur la motion 3 (rejetée)

- Motion 4 : Mme Josée Lorsché - M. Marc Baum - M. Marc Goergen - M. Claude Wiseler - M. Michel Wolter - Mme Lydie Polfer - Mme Josée Lorsché - M. Marc Baum - Mme Martine Hansen

- Vote sur la motion 4 modifiée (adoptée)

Au banc du Gouvernement se trouvent : M. Xavier Bettel, Premier Ministre, Ministre d’État ; M. Claude Meisch et Mme Paulette Lenert, Ministres.

(La séance publique est ouverte à 09.01 heures.)

1. Ouverture de la séance publique

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Ech maachen d’Sitzung op.

Huet d’Regierung eng Kommunikatioun ze maachen?

■ **M. Xavier Bettel, Premier Ministre, Ministre d’État.** - Nee, Här President.

2. Communications

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Ech hu follgend Kommunikatiounen un d’Chamber ze maachen:

D’Lëscht vun den neie parlamentareschen Ufroen a vun den Äntwerten ass um Büro deponéiert.

D’Lëscht vun de Gesetzesprojeten an dem Projet de règlement grand-ducal, déi säit der leschter Sitzung deponéiert a gestrach gi sinn, ass verdeelt ginn.

D’Lëscht mat de Petitiounen, déi säit der leschter Sitzung deponéiert goufen, ass och verdeelt ginn.

Communications du Président - séance publique du 15 décembre 2020

1) La liste des questions au Gouvernement ainsi que des réponses à des questions est déposée sur le bureau.

Les questions et les réponses sont publiées au compte rendu.

2) Les projets de loi suivants ont été déposés à l’Administration parlementaire :

7732 - Projet de loi portant modification de la loi modifiée du 24 juin 2020 concernant la célébration du mariage dans un édifice communal autre que la maison communale dans le cadre de la lutte contre la pandémie Covid-19

Dépôt : Mme Sam Tanson, Ministre de la Justice, le 09.12.2020

7733 - Projet de loi modifiant :

1° la loi modifiée du 17 juillet 2020 sur les mesures de lutte contre la pandémie Covid-19 ;

2° la loi modifiée du 1^{er} août 2018 sur la déclaration obligatoire de certaines maladies dans le cadre de la protection de la santé publique

Dépôt : Mme Paulette Lenert, Ministre de la Santé, le 10.12.2020

3) Le projet de loi suivant a été retiré du rôle des affaires :

6479B - Projet de loi modifiant certaines dispositions de la loi communale modifiée du 13 décembre 1988

Dépôt : M. Jean-Marie Halsdorf, Ministre de l’Intérieur et à la Grande Région, le 14.05.2013

4) Le projet de règlement grand-ducal suivant a été déposé à l’Administration parlementaire :

7731 - Projet de règlement grand-ducal modifiant le règlement grand-ducal modifié du 19 juillet 2004 concernant la commercialisation des matériels de multiplication végétative de la vigne

Dépôt : M. Romain Schneider, Ministre de l’Agriculture, de la Viticulture et du Développement rural, le 08.12.2020

5) Les demandes de pétition suivantes ont été déposées :

1729 - Demande de pétition publique : *Ofséchere vun onse constitutionnelle Rechter*

Dépôt : Jean-Paul Rischard, le 09.12.2020

1730 - Demande de pétition publique : *Multiplication et déploiement d’équipes de la Police grand-ducale pour effectuer des contrôles de vitesse, d’alcoolémie et supprimer les radars fixes*

Dépôt : Fabien Jauget, le 09.12.2020

1731 - Demande de pétition publique : *Pétition pour augmenter le nombre d’invités pour les 24 et 25 décembre*

Dépôt : Andreia Martins, le 09.12.2020

1732 - Demande de pétition publique : *Couvre-feu exceptionnel prolongé pour les réveillons du 24.12.2020 et du 31.12.2020*

Dépôt : Mike Lourenço Caetano, le 13.12.2020

1733 - Demande de pétition publique : *Pas de pénalisation pour les parents pendant la pandémie*

Dépôt : Ana Sofia Brás De Azevedo, le 14.12.2020

(Tous les documents peuvent être consultés à l’Administration parlementaire.)

3. 7729 - Proposition de loi relative à une politique d’investissement socialement et écologiquement responsable du Fonds de compensation commun au régime général de pension

Déclaration de recevabilité

An hirer Reunioun vum 10. Dezember 2020 huet sech d’Presidentekonferenz fir d’Recevabilitéit vun enger Proposition de loi ausgeschwat. Et handelt sech ëm d’Proposition de loi 7729 iwwer eng nohaltteg Politik vum Pensiounsfo ng, déi den 3. Dezember vum Här Marc Baum deponéiert gouf. Schléisst d’Chamber sech dem Virschlag vun der Presidentekonferenz un, d’Proposition de loi 7729 als recevabel ze erklären?

(Assentiment)

Et ass also esou decidéiert.

4. Ordre du jour

Den ofgeännerten Ordre du jour, esou wéi d’Presidentekonferenz e virschléit, ass lech zougestallt ginn. Ass d’Chamber mat dësem ofgeännerten Ordre du jour averstanen?

(Assentiment)

Dann ass et esou decidéiert.

5. 7733 - Projet de loi modifiant :

1° la loi modifiée du 17 juillet 2020 sur les mesures de lutte contre la pandémie Covid-19 ;

2° la loi modifiée du 1^{er} août 2018 sur la déclaration obligatoire de certaines maladies dans le cadre de la protection de la santé publique

D’Chamber fänkt d’Sézungswoch u mam Projet de loi 7733, enger Ofännerung vum Gesetz iwwert d’Aféierung vun engere Rei Mesuren am Kader vun der Covid-19-Pandemie. D’Riedezäit ass nom Modell 2 festgeluecht. An d’Wuert huet elo de Rapporteur vun dësem Projet de loi, den honorabelen Här Mars Di Bartolomeo. Här Di Bartolomeo, Dir hutt d’Wuert.

Rapport de la Commission de la Santé et des Sports

■ **M. Mars Di Bartolomeo (LSAP), rapporteur.**- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, léif Kolleeginnen a Kolleegen, allze gär wär ech haut de Rapporteur gewiescht vun engem Gesetz, dat géif soen, dass de Virus kapituléiert huet a mir eis Anticovidmoossnam kéinte manner streng maachen. Leider ass dat net esou!

De Krankheetserreeger huet eis och weiderhin am Grëff, mécht vill Leit méi oder manner krank a léisst vill ze vill Leit stierwen, déi ouni hien nach gutt Jore viru sech gehat hätten. Dat lescht Gesetz, dat mer virun dräi Wochen hei gestëmmt hunn, mat deem weider Aktivitéiten zougemaach goufen, nodeems schonn ee Mount virdrun eng Ausgangsspär vun 23.00 Auer bis 6.00 Auer moies beschloss gi war, huet wéi déi säit längerem gëllend Moossnamen dozou bäigedroen, dass mer eng reegelrecht Explosioun vun den Infektioune verhënnere konnten. D’Zuelen hu sech net méi an engem schnelle Rhythmus verduebelt, mee hu sech op engem ëmmer nach däitlech ze héijen Niveau stabiliséiert. D’Situatioun ass also net schéinzerieden.

Eis Spideeler an eise gesamte Gesondheetsssektor stemmen déi enorm Belaaschtung zwar nach ëmmer, mee op Dauer ass esou eng héich Duebelbelaaschtung net ze packen, och wann d’Dokteren, d’Fleegepersonal an déi, déi mat hinne zesummeschaffen, alles ginn. Mee dat huet och seng Limitten.

De Risiko, dass de Gesondheetssystem ëmmer méi ënner Drock kënnt an d’Gesondheetsversuergung ëmmer méi ënnert der Situatioun leit, mat der Konsequenz, dass Patiente mat anere Pathologien net méi déi Soine kréien, déi se bräichten, ass reell. Mir mussen d’Zuelen also weider erofkréien. Dofir ass et noutwendeg, d’Mesurë weider ze verlängeren a keng Ausnamen ze maachen. An och wann dat haart ass, musse mer eis bewosst sinn, dass de Virus kee Chrëschttag oder Neijoerschdag kennt, keng Vakanz a keng Paus mécht an ëmmer dann zouschléit, wa mer him eng Dier oder eng Fënster opmaachen.

Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, wéi bei deene viregte Gesetzter ware mer eis eens, dass mer müssen handeln, och wa mer am Detail net iwwerall enger Meenung waren, mee dat ass nun emol esou an der Natur vun de Saachen. An iwwert déi néng Méint waren d’Virwërf, déi eis gemaach gi sinn, eis alleguer, dass mer eng Kéier ze streng, eng Kéier net streng genuch, eng Kéier ze fréi, eng Kéier ze spët legifériert hunn, a souguer eng Kéier, dass mer Hickhack géife maachen.

(Interruptions)

Ech héieren, de Message ass verstanen.

Wat bréngt dat neit Gesetz elo? Éischstens, d’Verlängerung vun de Restriktiounen, déi en place sinn. D’Ausgangsspär tëschent eelef Auer owes a sechs Auer moies mat deene bekannten Ausnamen. Doheem a fir Versammlungen am private Kontext bleiwen d’Limitatioune bestoen. D’Gesetz gesäit vir, dass ee maximal zwou Persounen kann doheem empfänken, déi müssen aus deem selwechte Stot kommen. D’Gesetz gesäit dat esou vir mam Zil, dass Leit, déi aleng sinn, net vereinsamen. Mee et bleift weiderhi recommandéiert, all Kontakter, déi ee kann evitéieren, ze evitéieren. Well wat ass méi schlëmm, wéi wann een d’Häerz spille léisst, an herno sinn déi, déi een empfänkt, am Spidol oder nach méi schlëmm?

Verschidde Commercë müssen och weider zoubleiwen: d’Caféen, d’Restaurants, d’Kinoen, d’Fitness-

an d’Sportzentren, d’Spill- an d’Entertainmentplazen, d’Foiren an d’Salone grad wéi d’Casinoen. Et geet drëms, fir ongeschützten oder längere Kontakt mat méi Persounen ze verhënnere, wou de Risk, sech unzestiechen, am gréissten ass.

D’Sportsinfrastrukturen ënner fräiem Himmel bleiwen op. De Sport bleift och erlaabt fir Elittesportler, d’Seniornationalekippen, d’Kanner während dem Schoulsport a Leit, déi Sport vum Dokter verschriwwé kréien. Sportlech a rekreativ Aktivitéite bis zu véier Leit bleiwen erlaabt. Dës Limitt vu véier Persoune gëllt natierlech net, wann déi Leit aus engem Menage kommen oder zesumme wunnen.

Kulturell Etablissementer wéi Theateren a Concertshale müssen och zoubleiwen. D’Schauspiller an d’Museker kënnen awer weider prouwen.

E wichtegen Detail am Zesummenhang mat der Vente à emporter, déi jo fir Caféen a Restaurants ausdrécklech erlaabt ass, bréngt d’Gesetz elo: D’Gesetz verbitt elo ausdrécklech d’Consommation sur place op Plazen, déi dofir ageriicht goufen, ronderëm oder op den Terrasse vu Caféen oder Restaurants, an den Hotellen, bannent de Centres commerciaux, mee och an de Garen. Dës Prezisioun ass wichteg, fir net och dat ze ënnerlafen, wat reegelrecht Caféen an Restaurants net kënnen. An dofir ass dat eng Aart vu Concurrence déloyale. An, ech mengen, et ass gutt, dass mer déi dote Prezisioune maachen.

D’Geschäfte bleiwen am Prinzip op ënnert deene bekannte Virsiichtsmoossnamen. Dat heescht, mat dem obligatoresche Mask an enger Limitatioun vu maximal engem Client op 10 m² fir Geschäfte vun iwwer 400 m². Dobäi kënnt eng wichteg Neierung fir d’Centres commerciaux mat enger Galerie marchande. Do muss de Bedreier ..., an dat ass extreem wichteg, well mer jo gesinn hunn an deene leschten Deeg, déi lescht Weekender, wat et fir e Rush ginn ass. An ech muss soen, bei eis zu Lëtzebuerg wéi am Ausland sinn an enger Covidzäit esou Aktiounen wéi de Black Friday ... Jo, dee verdéngt säin Numm, Black Friday, well mer schwaarz gesinn hunn, an zu Recht schwaarz gesinn hunn, well d’Konsequenzen dov u grad wéi op anere Plazen, ech erënneren un deen amerikanesche Feierdag mam Truhahn, deen och nëmme een Dag gedauert huet, mee wou d’Konsequenzen, déi sech weisen, enorm schlëmm sinn.

■ **M. André Bauler (DP).**- Thanksgiving.

■ **M. Mars Di Bartolomeo (LSAP), rapporteur.**- Dat heescht, do maache mer e wichtige Schrëtt, fir esou Opleef ze verhënnere. A mer ginn deene Centre commercialen, déi nach däreren opbleiwe vis-à-vis vum Ausland eng Chance an eng Verantwortung, fir déi Mënschenopleef ze verhënnere.

Bei deene Geschäftszentre muss de Bedreier elo obligatoresch e Protocole sanitaire entwéckelen an der Santésdirektioun ënnerbreen. Doranner muss e Covid-19-Referent, deen also usprieckbar ass, wann eppes net klappt, genannt ginn, dees responsabel ass fir d’Ëmsetzung vum Protokoll an de Moossnamen, déi doranner virgesi sinn, a Kontaktpersoun ass fir d’Santé a fir déi zoustänneg Autoritéiten.

An deem Protocole sanitaire muss och d’Zuel vun de Cliente festgeluecht sinn, déi am Centre commercial kënnen gläichzäiteg empfaange ginn, grad wéi déi sanitär Moossnamen, déi müssen agehale ginn. Dës müssen dann an de verschiddenen Entréee vum Akafszentrum affichéiert ginn, soudass se gutt ze gesi sinn.

Weider muss e Konzept fir d’Gestion des flux - also wéi den Zoufloss vun de Leit ka geregelt ginn, ouni dass een iwwert deen anere fällt an ouni dass ee sech ze no kënnt - en place gesat ginn an den Entréeën an an de Sortien, mee och bannen am Centre commercial, fir sécher ze sinn, dass iwwerall d’Sécherheets- an d’Schutzmoossnamen agehale ginn.

Dëse Protocole sanitaire ass, wéi gesot, obligatoresch a muss innerhalb vu bestëmmten Delaien un d’Santésdirektioun geschéckt ginn, déi da weider Verbesserungsproposé ka maachen. Fir de Fall, wou de Centre commercial oder de Responsable vum Centre commercial kee Protocole sanitaire géif virleeën oder en awer net géif ëmsetzen, si Strofe virgesinn. A mengen Aen an, mengen ech, och an den Ae vu ville Leit an der Kommissioun sinn déi dote Strofen nach ze bescheiden, fir dass se wierken. Mee bon, mir sinn hei an engem Rame gewiescht, wou mer eis drun erugehaangen hunn un déi normal Strofen. Mee dat muss ee bei enger nächster Geleeënheet nach eng Kéier reconsideréieren.

De Gestionnaire vun engem Centre commercial ass responsabel fir d’Ausschaffen an d’Ëmsetze vun deem Protocole sanitaire an doduerch och dann haftbar, strofbar, wann en dat net mécht.

Mir hunn eis an der Santéskommissioun soe gelooss, dass d’Centres commerciaux de Problem erkannt hunn an net op de Vott vum Gesetz gewaart hunn, fir de Protokoll schonn auszeschaffen, an eenzelner de Protokoll och schonn agereecht hunn, fir e kënnen esou séier wéi méiglech ëmzesetzen.



Dobäi muss een awer och betounen, dass Clienten, déi, obschonns se drop higewise goufen, déi Uweisungen a Reegelen net respektéieren, och ganz kloer derfir responsabel sinn. An deem Sënn muss mer vläicht nach eng kéier rappeléieren, dass d'Butteker an d'Geschäfte zu Lëtzebuerg zwar am Moment opbleiwen, mee dass et am Moment net ubruecht ass, fir Akafen als Fräizäitaktivitéit ze bedreiwen an och nach eventuell méi oder manner laang a geplangt oder ongeplangt Kontakter mat Frënn a Bekannten an den Akafszentren a Butteker ze fleggen.

De Mask ass och weiderhin obligatoresch iwwerall an de Lieux ouverts au public an am öffentlichen Transport. D'Ausname vun der Maskepflicht bleiwe bestoen, ënner anerem fir Kanner ënner sechs Joer, Persounen, déi eng Behënnerung hunn, oder Persounen, déi ënner enger Pathologie leiden an de Mask net verdroen.

Fir Versammlungen tëschent véier an zéng Persounen ass de Mask obligatoresch, zousätzlech zu enger minimaler Distanz vun zwee Meter mat Ausnam fir déi Leit aus deem selwechte Stot. Bei Rassemblementer tëschent 10 an 100 gëllt d'Reegel vu Mask, zwee Meter Distanz an zougewise Sëtzplazen. Ausnamen a puncto Sëtzplaze gëlle fir d'Recht ze manifestéieren, um Maart an am öffentlichen Transport. Um Maart an am öffentlichen Transport gëllt och eng Ausnam, wat d'Distanz vun zwee Meter ugeet.

De Projet de loi proposéiert awer och nach eng Ännerung um Gesetz vum 1. August 2018 iwwert d'Obligation, fir ustiechend Krankheeten ze melden. Dat gëllt fir dat Personal, dat an Zukunft Schnelltester wäert maachen. Et ginn nach eng Rei vu Gesondheetsberuffer respektiv Medezinner zougelooss, fir an der Impfstrategie beim impfen anzesprangen.

Dat Gesetz, iwwert dat mer haut befannen, gëllt bis de 15. Januar ënner Virbehalt, dass, wann d'Situatioun et géif verlaangen, och an der Tëschenzäit weider Upassunge kënnen geschéien. De President huet dat ëmmer ënnerstrach, zu Recht. Déi heite Chamber ass jidderzäit operationell, wann et gëllt, fir enger Situatioun Rechnung ze droen. Dat ass also jidderzäit geséchert.

E puer Wuert iwwert d'Prozedur. De Projet de loi gouf den 10. Dezember vun dësem Joer deponéiert an ugepasst. Wichteg ze ënnersträichen, well heiansdo soss eng Gesetzesprozedur vun engem Joer kee Seltenheitswäert huet. Hei ass de Projet innerhalb vun enger knapper Woch vum Projet zum Gesetz ginn, wa mer dat stëmmen.

D'Santéskommissioun huet dee selwechten Dag de Projet analyséiert. An de Staatsrot huet säin Avis - merci dem Staatsrot fir déi enorm schnell Aarbecht - den 11. Dezember ofgi mat enger Rei vu Remarken, déi net weider op de Fong ageange sinn, mee déi awer op wichteg Detailer an den Textformulatiounen higewisen hunn. An d'Kommissioun huet dës Remarque grad wéi eng Rei vu legistesche Verbesserungen zum gréissten Deel berécksichtegt.

Haaptdiskussionspunkt an der Kommissioun waren déi méi strikt Reegele bannent de Centres commerciaux an hir praktesch Ëmsetzung, déi jo iwwert de Protocole sanitaire sollen zum Droe kommen. An deem Kader gouf prezisiéiert, dass dës nei Bestëmmungen net d'Passagé betreffen, déi zwou Stroosse matenee verbannen a wou och Butteker dra sinn. Et dréit sech dobäi net ëm e reegelmäessige Centre commercial.

D'Fro gouf opgeworf, firwat bei de Centre-commerciellen net och, falls se d'Oplagen net erfëllen, déi selwecht Strof virgesinn ass wéi bei anere Commerçanten - ech war am Ufank schonn dorop agaan - , déi esou wäit ginn, dass een d'Autorisatioun kann ewechhuelen. Bon, hei ass et e bësse méi komplex, well een net ëmmer genee weess, wem een dann déi Autorisatioun soll ewechhuelen, well et fir d'gesamt Centres commerciaux e bësse méi problematesch ass. Mee dat muss een am A halen.

De Rapport vun der Santéskommissioun gouf gëschter mat de Stëmme vun der Majoritéit ugeholl. Ech wëll awer nach eng kéier ënnersträichen, dass an där Kommissioun ganz konstruktiv zesumme geschafft gëtt an dass och selten eng Fro, déi vun den Deputéierten opgeworf gëtt, onbeäntwert bleift. Dofir, mengen ech, ass dat heiten e gutt Beispill, wéi d'Chamber an d'Regierung zesummeschaffen, och, an ech mengen, dat ass normal, wann et Meenungsverschiedenheeten iwwert d'Ausmooss, den Zäitpunkt an den Detail gëtt. Mee an der Kommissioun ass d'Ausenansetzung tëschent Majoritéit an Opposition respektvoll a konstruktiv.

Zum Schluss nach e puer Bemierkungen, déi mer awer wichteg sinn. Bei der Pandemie, déi säit néng Méint iwwer eis rullt, handelt et sech net ëm eng besser Gripp. Et brauch een nëmmen an d'Intensivstatiounen vun de Spideeler eranzekucken, fir dat ze verstoen, oder awer mat Patienten ze schwätzen, déi sech och no Méint nach net vun där Krankheet erholl hunn. Deenen, déi mengen, et géife jo

bal nëmmen al Leit un deem Virus stierwen an et wär net kloer, ob si um oder mam Virus gestuerwe sinn, sief gesot, dass vill vun dëse Leit ouni de Virus nach munch schéi Jore viru sech gehat hätten.

■ **Une voix.**- Jo.

■ **M. Mars Di Bartolomeo** (LSAP), *rapporteur*.- Dat vergësst een heiansdo.

■ **Une voix.**- Très bien!

■ **M. Mars Di Bartolomeo** (LSAP), *rapporteur*.- An amplaz sech ze iwwerleeën, wéi een d'Anticovidgesetz oder d'Restriktiounen fir d'Feierdeeg am beschte kéint ëmgoen oder ënnerlafen, wär et besser, eis ze iwwerleeën, wat mer kënnen als Bäitrag leeschten, fir dee Virus lasszeginn an eis Léifste beschtméiglech ze schützen. Et ass ewell zu engem Sport ginn, dass een deem aneren erzielt: „Dat do, dat gëllt net fir mech! Ech wäert scho maachen, wat ech fir richtig fannen!“ Jo. Ech mengen eeben net, dass déi Leit wëssen, wat richtig ass, well se sech an hir Léifsten doduerch gefäerden.

Nëmme wa mer onnéideg Kontakter verhënneren, hu mer eng Chance géint dee Virus. An Dir wësst dat, ech gehéieren zu deenen, déi Leit, déi ech gär hunn, mat Freed ëmäerbelen an e festen Händdrock schätzen. Mee haut ass nun emol dat beschte Zeeche fir Sympathie, Respekt a Virsuerg d'Anhale vun den Ofstands- a Kontaktregelen.

■ **Une voix.**- Très bien!

■ **M. Mars Di Bartolomeo** (LSAP), *rapporteur*.- Also een, dee seng Leit gär huet, dee soll dat weisen, dass e se net a Gefor setzt, net onnëtz a Gefor setzt!

■ **Plusieurs voix.**- Très bien!

■ **M. Mars Di Bartolomeo** (LSAP), *rapporteur*.- Wat mer dat besser verstinn, wat mer méi schnell erëm zu deene Kontakter zrëckfannen, déi eis haut esou feelen.

Mat dem Verantwortungsgefill, gekoppelt mat dem Vaccin, dee virun der Dier steet, kënnen mer et packen. An deem Sënn: Kommt, mir paken et zesammen un, da packe mer et! Ech soen lech alleguer Merci. A bleift gesond, Dir an Är Familjen.

Merci.

■ **Plusieurs voix.**- Très bien!

■ **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci villmools, Här Rapporteur Mars Di Bartolomeo. An als éischte Riedner ass den honorablen Här Claude Wiseler agedroen. Här Wiseler, Dir hutt d'Wuert.

Discussion générale

■ **M. Claude Wiseler** (CSV).- Merci, Här President. Loosst mech och ufänken, andeem ech eise Kommissionspräsident villmools Merci soe fir de Rapport, fir déi Aarbecht, fir déi Gedold, fir déi Ausdauer, fir alles, wat ee brauch, wann een awer kontrovers Diskussiounen an enger Kommissioun muss féieren. An haaptsächlech wann ee se fir d'siwecht muss féieren. Well ech mengen, et ass fir d'siwecht, wou mer esou e Projet maachen. Dofir him villmools, villmools merci.

Mir sinn an engem Moment vun der Lëtzebuurger Politik ukomm, deen a mengen Aen aussergewöhnlech an, ech wëll och soen, ganz sensibel zur gläicher Zäit ass. Sensibel, well, dat spiert een dobaussen, vill Leit midd sinn, vill Leit opbruecht sinn, eng Stëmmung och vun Onverständnis opkënn, an dat net onbedéngt, well d'Pandemie hei zu Lëtzebuerg ass - ech mengen, dat verstinn d'Leit, wa se kucken, wat op der ganzer Welt lass ass -, mee ganz oft, an ech soen dat kloer hei, well d'Leit net richtig verstinn, wat d'Regierung mécht, an d'Leit net richtig verstinn, wat d'Regierung wëllt.

Mir kréie säit Méint a stonnelaange Liveiwwerdroungen op Pressekonferenzen erzielt, datt d'Situatioun méi berouegend wéi an eisen Nopeschlänner wier, datt mer zwar keng ideal Situatioun hätten, mee datt et stabiliséiert, zwar op engem héijen Niveau, mee stabiliséiert wier, an dat wier jo positiv.

Leschte Freideg hunn ech eng Pressekonferenz nogelauschert, wou gesot ginn ass: „Et ass positiv, well d'lescht Woch hate mer manner Doudeger wéi déi Woch virdrun. Et ass positiv, well mer manner stationär Patienté wéi déi Woch virdrun haten.“ Ech soen lech, a mengen Aen ass d'Realitéit net déi, déi esou beschriww gëtt.

D'Realitéit ass déi, datt mer europawäit, wann net weltwäit, mat Spëtzerreider bei den Neiinfektiounen an Doudesfäll sinn, an dat zumindest bei den entwéckelte Länner. D'Situatioun ass déi, datt mer d'lescht Woch méi Intensivbetter beluecht hate wéi de 17. Oktober, den 28. Oktober, de 25. November. Dat sinn d'Datume vun deene leschte Gesetzestexten. D'Realitéit ass déi, datt mer zënter deene gréisere Moossname vum 25. November d'Neiinfektiounen op deem selwechten Niveau haten d'lescht Woch, wéi dat virdrun de Fall war. D'Realitéit ass déi, datt verschidde Spideeler hir Aktivitéite via Communiqué hu mussen ofsoen, wat emol kaum kommentéiert ginn ass an der politescher Welt. An

d'Realitéit ass och déi, datt déi Covid-19-Taskforce an aller Däitlechkeet virun zwee Deeg sot, an ech zitieren hei den Text: „Surprisingly, the last implemented measures seem to not have a strong effect so far and do not lead to further relaxation of the epidemic dynamics.“ Dat ass kloer an däitlech. Och d'Covid-19-Taskforce gëtt der Regierung hei eng schlecht Zensur a seet kloer an däitlech, datt déi Moossnamen, déi geholl gi sinn, net dat bruecht hunn, wat erwaart ginn ass oder wat d'Zilsetzung war.

Mir si weltwäit bei deene Schlechteste vun den entwéckelte Länner. A mir si weltwäit eent vun deenen, déi am mannste maachen. An d'Leit wëssen dat, well se kucke jo d'Télee, wat ronderëm lass ass. A vill Leit hunn es vun deenen aschleiernden an - wéi soll ech dat soen - schéieriedenden Aussoe vun der Regierung momentan einfach genuch. An et ass genau dat, wat amgaangen ass, zu engem groussen Problem ze ginn: d'Kreditabilitéit vun dëser Regierung, d'Autoritéit vun der Regierung. An eng Regierung ouni Autoritéit an ouni Kreditabilitéit a Krisenzäiten ass en enorme Problem a mengen Aen.

Ech ginn lech och gär e puer Zuelen, déi kloer an däitlech sinn. Net, datt hei gesot gëtt: „Dir erfannst dat alles!“ E puer Zuelen op den 13. Dezember, dat heescht, ech hunn déi gëschter nach eng kéier duerchkucke gelooss, d'Moyenne vu siwen Deeg op eng Millioun Awunner héichgerechent. Ech gi se och relativ prezis, geholl op „Our World in Data“, genau déi selwecht Source wéi déi, déi d'Regierung benotzt huet, wéi se der Conférence des Présidents gewisen huet, firwat se Moossname géif huelen.

Bei de Verstuerwenen op eng Millioun Awunner pro Dag op eng Siwen-Deeg-Moyenne läit Lëtzebuerg wäit vir. Lëtzebuerg läit bei 10,73. Belsch bei 7,78. D'USA bei 7,26. D'USA bei 7,26! Frankräich bei 6. Däitschland bei 5. An Irland bei 0,72. Ausser verschidde Staaten an den USA hunn alleguer déi aner weesentlech méi drastesch Moossname geholl, wéi mir dat gemaach hunn.

Déi deeglech Neiinfektiounen, och op eng Millioun Leit gezielt a mat enger Siwen-Deeg-Moyenne, leien zu Lëtzebuerg bei 823. An den USA bei 635. An Däitschland bei 248. Mir leie bei 823! An der Belsch bei 191. A Frankräich bei 178. Mir bei iwwer 800! Just fir lech ze soen, wou mer dru sinn. A wann ee kuckt, wat fir eng Moossnamen eis Noperen a Frankräich zum Beispill elo erëm geholl hunn, andeem se de System relaxéiert hunn, mee elo nach weesentlech méi streng sinn, wéi mir dat sinn, da verstinn d'Leit dobaussen d'Situatioun net.

Wësst Der, ech hunn am Fong iwwerhaupt keng Loscht, iwwer Statistiken an Zuelen hei ze schwätzen. Well bei deene Leit, déi krank sinn, an de Mars Di Bartolomeo huet dat richtig gesot, do si Leit, déi engem ganz nostinn a vun deenen ee weess, wat se an deene leschten Deeg a Woche matgemaach hunn. A well ech bei deene 410 Doudeger, déi mer momentan kennen, och eng Rei Gesiichter virun Aen hunn, déi ech kannt hunn an déi net méi do sinn, dofir, wann ech bis d'Emotiounen dovunner am Grëff hunn an et fäerdegbréngen, iwwer Statistiken ze schwätzen, da muss ech awer soen: Mir hunn déi schlechtesten Zuelen a mir hunn am mannste gemaach a mir reagieren net. An dat mécht mech rosen!

Elo kann een diskutéieren, ob de Large-Scale-Testing déi Statistiken dann elo esou oder anescht licht verschiebt, ob d'Aart a Weis, wéi d'Statistiken hei an do gemaach ginn ... Mir wëssen alleguer heibannen, egal wéi een et dréit, datt der Regierung hire Bilan e schlechte Bilan ass. An déi Zuelen, déi ech hei virbréngen, si weltwäit fiabel Zuelen. Se komme vun der Johns Hopkins University, déi weltwäit als Referenz consideréiert gëtt. An deen anere Problem dovunner ass, datt se och weltwäit bekannt sinn, inklusiv an eisen Nopeschlänner. A meng zweet grouss Suerg, dat ass déi, wat fir e Bild mer momentan am Ausland ofginn. A liest emol, wat an der Press iwwer Lëtzebuerg amgaangen ass, momentan gesot ze ginn. Do kriss de d'Fro stellt, wann ee mat auslännesche Politiker oder auslännesche Kollege schwätzt: „Wat ass da bei lech lass?“ D'Leit verstinn net, datt mer et esou wäit konnte komme loossen. Si verstinn net, datt d'Lëtzebuurger Regierung net oder net genuch reagiert. Se verstinn net, datt och nach Incitatiounen kommen, fir op Lëtzebuerg akafen ze goen, fir verkafoppe Sonndeger ze maachen, fir den Tourismus ze incitéieren.

■ **Une voix.**- Très bien!

■ **M. Claude Wiseler** (CSV).- Dat Bild, wat mer am Ausland momentan ofginn, ass keent vu Seriositéit. Et ass keent vu Solidaritéit. An ech muss soen, och am Ausland huet d'Regierung momentan e Kreditibilitäitsproblem, an och eist Land huet domat e reelle Problem, an net nëmmen am Dossier vum Covid, mee dat Bild spigelt sech jo an aneren Dossieren niddre. Liest emol, wat an der auslännescher Press momentan iwwer Lëtzebuerg gesot gëtt. D'immediat Resultat ass, datt mer selbstverständlech op alle roude Lëscht stinn, fir datt Lëtzebuurger, déi mussen an d'Ausland goen, a Quarantän kommen. An de Risiko ass deen, datt eis och fréier oder spéier

der nach eng kéier d'Grenzen zougemaach ginn. Mir ginn am Ausland net méi ganz seriö geholl. An dat ass nach léif ausgedréckt.

■ **Plusieurs voix.**- Très bien!

■ **M. Claude Wiseler** (CSV).- D'Leit gleewen och net méi, wat Der ëmmer sot, dat huet mat lech selwer an Ärer Kommunikatiounspolitik ze dinn. Ech ginn lech e puer Beispiller. Am Pressebriefing vum 17. Oktober sot de Premierminister, d'Zuele géifen eropgoen, dat wär erwaart ginn an et wär och virauszegesi gewiescht.

Et war och virauszegesinn! Dir hutt et virausgesinn - mee da sot mer, wann Der et virausgesinn hutt, firwat hutt Der et dann net anticipéiert? Firwat hutt Der dann, wann Der et virausgesinn hutt, net déi roueg Méint benotzt, fir lech ze organiséieren, fir dogéint unzekommen?

■ **Plusieurs voix.**- Très bien!

■ **M. Claude Wiseler** (CSV).- Ech hunn den Här Benoy de Moien um Radio héieren iwwer Hickhack-Politik schwätzen, an en huet am Fong genau dat ausgedréckt, wat ech och mengen. Dir hutt déi roueg Méint net benotzt, fir eng uerdentlech Strategie hinze kréien. Dir wusst - an Dir sot et selwer -, datt eng zweet Well géif kommen, an Dir hutt se net virbereet. Mir hunn lech gefrot, a virun der Vakanz schonn, Dir sollt e Stufeplang maachen, wou Der lues a lues opzielt, a wat fir engen Etappe wat fir eng Moossname géife kommen. Deen ass net gemaach ginn! Mir hunn lech am Abrëll scho gefrot, Dir sollt d'Virbereedunge fir e Covidspidol maachen - oder, wann Der dat léier hutt, en Netcovidspidol, dat heescht, wou keng Covidkranker dra sinn, fir eis aner medezinnesch Organisatiounen esou ze maachen, datt d'Leit, déi krank sinn a kee Covid hunn, och nach kënnen normal gefleegt ginn. Mir hunn lech gefrot, a multiples reprises, eng Tracingapp ze maachen. Dat ass alles ofgeleent ginn! Mir hunn lech gefrot, eng Gesamtstrategie zum Schutz vun den eeleren a vulnerabele Leit ze maachen, déi am Oktober net do war, wou mer se gebraucht hätten. Mir hunn lech schonn am September gefrot, eng Maskepflicht anzeféieren, och dobaussen am öffentlichen Raum, wou vill Leit zesumme sinn. Och dat ass sengerzäit a multiplen Motiounen, Aussoen einfach ofgeleent ginn! A wéi Der et gemaach hutt, ass et vill ze vill spéit komm! Mir hunn lech heibannen, a Pressekonferenzen an a Motiounen eng ganz Rei Moossnamen an der Éducation nationale gefrot, se sinn alleguer heibannen ofgeleent ginn! Ech kommen nach eng kéier dorobber zrëck.

Am Fong wësst Der, dat wat mer am Fong wëllen, dat ass, datt keng Decisiounen einfach esou aus der Héift geholl ginn. Mir wëllen, wéi den Här Benoy et seet, keen Hickhack an där Politik. Mir hätte gär e Stufeplang gehat virun der Vakanz respektiv no der Vakanz. Mir hätten elo gär eng laangfristeg Strategie, datt mer wëssen, wou mer an deenen nächste Méint higin. Mir hätte gär eng laangfristeg Strategie, wou och ageplangt gëtt, wann dann am Januar e Vaccin kënnt, wéi mer domadder ëmginn. Dir hutt eng op den Dësch geluecht, wou Der eis erkläert hutt, wéi Der wëllt den Deploiment vum Vaccin maachen. Dat, wat mir gär hätten, dat ass eng Strategie, déi eis iwwert de rengen Deploiment vum Vaccin eraus seet, wéi mer da mat den Impfungen eens ginn, wa se au fur et à mesure kommen, wat déi nächst Schrëtt sinn, wéi mer d'Ekonomie erëm lues a lues un d'Lafe kréien, wéi mer an der Schoul, wann de Vaccin da kënnt, eens ginn, an déi verschidden Etappe bis Juni. Mir wëssen, datt mer de Covid nach laang Méint wäerte mat eis schleefen. Mir wëllen also wëssen, wéi déi verschidden Etappen an der Schoul sinn. Mir wëllen och wëssen, wéi Der wëllt an deenen nächsten Etappe mat dem Privatlieue vun de Leit ëmgoen. Ech mengen, datt een do muss flexibel sinn, schéngt mer evident ze sinn. Datt ee muss monitoren, wéi Der sot, schéngt mer evident ze sinn. Datt een awer an engem Plang déi grouss Etappen elo scho virausgesäit, an datt ee sech e Plang gëtt, wéi ee wëllt wouhinne hkommen, mat wat fir enge Moyenen, dat schéngt mer awer eng absolut minimal Evidenz vun der Lëtzebuurger Politik ze sinn, déi ee muss kënnen stellen. An ech hu mat Freed den Här Benoy héieren, datt deen dat de Moien och um Radio gefrot huet. An ech erwaarde mat Spannung seng Ausféierungen de Mëtten, wou en eis dat dann nach eng kéier wäert soen. Op jidde Fall leeën ech hei emol eng Motioun vir, wou mir als CSV eng laangfristeg Strategie bis de Juli froen, wéi Der elo an deene verschiddenen Etappe wëllt an deenen nächste Méint verfueren.

■ **Plusieurs voix.**- Très bien!

Motion 1

La Chambre des Députés,

- *considérant que le va-et-vient de la politique actuelle en matière de Covid-19 n'est pas tenable à moyen et à long terme ;*

- *considérant que les citoyens ont besoin de perspectives de sortie de crise comportant des phases précises et des critères fiables ;*



- *rappelant que la pandémie va encore - malgré l'espérance après l'annonce de vaccins contre le Covid-19 - dominer le vivre-ensemble en société et par conséquent aussi la politique pour de longs mois ;*

- *considérant que notre système de santé avant tout a besoin d'une prévisibilité à long terme ;*

- *considérant que les citoyens ont droit, notamment en temps de crise, à des réponses politiques claires et cohérentes, justes et efficaces,*

invite le Gouvernement

- *à présenter dans les meilleurs délais une stratégie politique globale couvrant les volets sanitaire, social, économique et politique de la pandémie Covid-19 à moyen et à long terme.*

(s.) Claude Wiseler, Jean-Marie Halsdorf, Martine Hansen, Georges Mischo, Marc Spautz.

■ **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci.

■ **M. Claude Wiseler (CSV).** - Här President.

Ech kommen zrëck op déi selwecht Pressekonferenz, déi den Här Premier am Oktober gemaach huet, wou en da sot, d'Situatioun zu Lëtzebuerg wär méi berouegend, wéi dat an den Nopeschlänner de Fall wär. Haut - dat war am Oktober - géif et keng Ursach, fir hei zu Lëtzebuerg legal Mesuren ze huelen.

Déizäit hu mer eis gebretzt, well mer besser ware wéi d'Ausland. Haut si mer méi schlecht, haut soe mer kee Wuert driwwer. D'Nopeschlänner hunn dee Moment reagéiert, hir Infektiounszuelen, hir Stierwesuele sinn erofgaangen. Lëtzebuerg huet net uerdentlech reagéiert - oder vill ze spéit a vill ze wéineg - an huet haut weltwäit mat déi schlechsten Zuelen.

Ee Mount méi spéit, am Pressebriefing vum 17. November, sot de Premier: „Mir sinn elo an enger stabiller Situatioun - eng stabill Situatioun, déi awer héich ass.“ An där Woch hate mer effektiv an der Moyenne 573 Neiinfektiounen den Dag a 5,57 Décès den Dag. Hie sot, déi Situatioun wär keng ideal Situatioun. Den Ermiddungsfacteur an de Spideeler wär do. An e sot dann, elo misste mer reagieren, éier d'Kand am Pëtz léich, well et hätt kee Wäert ze reagieren, wann d'Kand bis am Pëtz wär. Deemools huet en eng Situatioun beschriwwen, déi net ideal ass: en Ermiddungsfacteur. An elo, froen ech. Säithier ass dat riicht weidergaangen, a meng Fro ass: Dir hutt déizäit no enger Reaktioun gefrot, wéini kënnt dann déi Reaktioun, déi Der sengerzäit ugekënnegt hutt? Si ass momentan nach ëmmer net do! Déi aner Länner hu längst reagéiert, mir net!

Sechs Deeg méi spéit, den 23. November, dat heescht virum Vott vum leschten Text, hat de Premier gesot: „Mir hunn eng Situatioun, déi stabill ass, mee hei geet et eis drëm, fir eis Loft ze ginn, Mesuren, déi eis erlaben ze anticipéieren. Mir kënnen eis net erlaben, datt à long terme keng normal Soinen an normal Operatiounen méi kënnen prodiigéiert ginn.“

Haut hu mer nach ëmmer kee Sputt, mee eng Verschlechterung vun der Hospitalisationssituatioun! D'Spideeler fueren hir Aktivitéit gréisstendeels, a verschidder massiv, erof a loossen dat iwwer Communiqué wëssen. An da sot de Premier weider, datt d'Interaction sociale am Fong op e Minimum misst reduzéiert ginn, während dräi Wochen - dat war am November -, „fir dass mer duerno nees méi Fräiheet kënnen fannen“. Dräi Wochen duerno seet d'Covid-Taskforce, datt déi Zuelen, déi mer kennen, genau déi selwecht waren, wéi déi, déi de Premier dräi Woche virdrun ugekënnegt hat - also an anere Wieder: Datt déi Moossnamen, déi ugekënnegt an ëmgesat goufen, sengerzäit strictement näischt bruecht hunn, an op jidde Fall net dat bruecht hunn, wat de Premier am November versprach hat, dat heescht, d'Fräiheet erëmfannen.

Hei si Versprechungen ouni iergendwelch Grondlage gemaach ginn, ouni wëssenschaftlechen Hantergrond, einfach esou, ouni déi noutwendeg Moossnamen am Detail duerchzekucken. An ech soe kloer an däitlech: Esou verspillt d'Regierung d'Vertrauen a si an an hir Politik! An ech ginn lech am Detail aacht Beispiller, un deenen ech dat, wat ech soen, hei wëll festmaachen.

Dat éischt Beispill ass dat vun de Grande-surfacen: Säit zwee Gesetzer - dat ass jo déi Zäitmoossung, déi mer momentan hunn -, froe mer als CSV, an dat heescht säit Oktober froe mer als CSV, datt an de Grande-surfacen d'Galerië solle materageholl ginn - dat kënnt Der an all Procès verbal, respektiv a jiddwer vu menge Rieden, déi ech heibanne gehalen hunn, noliesen -, well den Text, dee mer virdru kannt hunn, kee Sënn mécht, well sech dat, wat an de Grande-surfacë geschitt, am Fong natierlech an de Galerijë ofspilt, dee soziale Mix sech an de Galerijen ofspilt, a well och näischt am Text steet fir déi kleng Geschäfte ënner 400 m².

Déizäit, wéi mer déi Froe gestallt hunn, ass emol keng Äntwert komm! Et war einfach eng Fin de non-recevoir! Mir hate gefrot, et sollt ee sech iwwerleeën, ob een dann nach e Black Friday oder e ver-

kafsoppene Sonndeg géif maachen, ob mer eis dat nach kéinten erlaben. Och do ass keng Äntwert komm!

Virun dräi Wochen hate mer gesot, datt d'Polizei eis an eise Kommissiounssëtzunge gesot hätt, datt déi Kontrollen, déi se an de Grande-surfacë géife maachen, am Fong net géife stattfannen, well se nach ni vun enger Grande surface invitéiert gi wäeren, fir eng Kontroll ze maachen, an datt mir dat anormal géife fannen an der Situatioun. Och do ass keng Reaktioun komm!

An dunn ass de Black Friday komm. De Mars Di Bartolomeo huet et richteg geschriwwen, esou schlëmm wéi dat war, an déi Fotoen, déi mer do gesinn hunn, déi waren effektiv richteg schockéierend!

Mee mech huet awer och schockéiert, wéi ech dunn de Lex Delles den Dag duerno um 8.10 Auer op dem Radio héieren hunn, fir ze soen, datt hien elo als Reaktioun dorobber géif d'Shoppingzenteren uruffen, fir deenen emol ze soen, datt se de Leit solle soen, se solle sech besser verdeelen.

An dann hannendru soen, an ech zitieren en hei wuertwärtlech, well ech hu mer dat dräimol uge-lauschert, de Consommateur wär elo gefuerdert a misst Responsabilitéit iwwerhuelen an iwwerleeën, wéini en zum Beispill an e Buttek geet.

An ech muss lech soen, et geet mir am Fong definitiv duer mat där Verantwortungsschiebung, déi hei op d'Leit gemaach gëtt! Et ass dem Här Delles an der Regierung hir Responsabilitéit, an et ass do, wou muss reagéiert ginn! An Dir kënnt net de Leit soen: „Dir sidd déi, déi et falsch maacht!“ Dir musst déi Moossnamen huelen, déi hei noutwendeg sinn, esou wéi dat an anere Länner gemaach gëtt.

An ech soen lech och éierlech an, et ass a mengen Aen am Fong lächerlech, wann déi Moossnamen elo kommen - elo, nodeems quasiment all déi verkafoppe Sonndeger eriwwer sinn, bis deen een oder deen aneren, elo, wou de Black Friday hanner eis ass, elo, wou alles dat geschitt ass, wat geschitt ass, reagéiere mir dann, wa quasiment 90 % vun deene Saachen eriwwer sinn ... Dat hu mer als CSV säit sechs Woche gefuerdert! Dat hätt och scho laang missen do sinn!

An ech muss soen, mir hunn elo nach ëmmer eng Situatioun, wou mer déi verkafoppe Sonndeger oploossen, an ech deposéieren do och eng Motioun, wou mer kloer an däitlech dat zum Ausdrock bréngen, wat mer scho méi oft gesot hunn: Datt mer mengen, datt zumindest elo domadder misst Schluss sinn.

■ **Une voix.** - Très bien!

Motion 2

La Chambre des Députés,

- *considérant que le nombre d'infections au Covid-19 au Luxembourg s'est stabilisé à un niveau inquiétant et ce depuis plusieurs semaines ;*

- *constatant que les restrictions introduites par les lois du 29 octobre et du 25 novembre 2020 sur les mesures de lutte contre la pandémie Covid-19 n'ont pas réussi à faire baisser le nombre d'infections de manière substantielle ;*

- *estimant que notre système de santé en général et nos unités de soins intensifs en particulier sont sur le point d'atteindre leurs limites ;*

- *constatant que le taux de mortalité Covid-19 est préoccupant depuis des semaines avec 173 décès liés au Covid-19 en novembre ;*

- *constatant que les afflux de clients dans les zones piétonnes et dans les galeries marchandes rendent difficile le respect des règles nécessaires de distanciation physique ;*

- *constatant que le Premier Ministre a déclaré en date du 9 décembre 2020 que « faire ses courses n'est pas un loisir en cette période d'épidémie »,*

invite le Gouvernement

- *à annuler les ouvertures dominicales des commerces pour l'ensemble du Luxembourg au moins jusqu'au 30 janvier 2021.*

(s.) Claude Wiseler, Jean-Marie Halsdorf, Martine Hansen, Laurent Mosar, Marc Spautz.

■ **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci.

■ **M. Claude Wiseler (CSV).** - An da soen ech lech zu deem Punkt ... Ech hunn den Text gutt gelies, dee mer haut stëmmen iwwert d'Grande-surfacen, an ech muss lech soen, ech weess nach ëmmer net, wéi dat da soll am Detail applizéiert ginn, wéi vill Leit dann elo kënnen an eng Grande surface kommen, wéi vill Leit dann elo kënnen an déi eenzel Geschäfte kommen. Déi eenzeg Zuelen, déi do drastinn, dat sinn déi vun deene Geschäfte iwwer 400 m², mee wat dann elo prezis an de Galerijë geschitt - ausser datt e Plang muss ofgi ginn -, dat weess ech nach ëmmer net! An ech weess och nach net mat Klorheet, wéi dann déi Indicationen, déi elo prezis am Geschäft sinn - fir déi eenzel Geschäfte an de Grande-surfacen -, wéi déi dann am

Zesummespill mat deem Plan sanitaire, dee jiddwer eenzelne muss eraginn, wäert spillen. Fir mech ass dat nach ëmmer net kloer!

An dat, wat och nach ëmmer net kloer ass - an dat ass mäin zweete Punkt -, dat ass, wéi mat deene kleng Commercen ëmgaange gëtt. Momentan geschitt näischt an de Foussgängerzonen. Bis elo si keng Moossname fir déi kleng Commercë geholl ginn. Mir hunn dat säit dräi Gesetzer, dat heescht säit September, gefrot! Mir hunn d'leschte Kéier eng Motioun agereecht, déi Motioun ass hei ofgeleent ginn. Et war null Reaktioun drop! An ech froe mech, wou ass dann d'Kohärenz, wann Der an deenen enge Geschäfte eng Limitatioun un den Zuelen hutt, an Der an deenen anere guer näischt sot.

D'leschte Kéier wéi mer d'Fro gestallt hunn, wat dann den Ënnerscheed wär, krute mer d'Äntwert, datt den Ënnerscheed wär, datt déi kleng Geschäfte, déi an enger Galerie wäeren, méi Problemer géife stellen, wéi déi kleng Geschäfte, déi an enger Foussgängerzon wäeren, well déi eng dobaussen an déi aner dobanne wäeren. Dat war awer net d'Fro, déi mer gestallt haten! Mir hate gefrot: „Wou ass den Ënnerscheed, wann d'Leit am Geschäft sinn, egal, ob et dobaussen oder dobannen ass? Wou ass den Ënnerscheed am Geschäft? A wat sinn d'Reegelen, déi an de Geschäfte mussen agehale ginn?“ Dat ass fir eis net novollzéibar! Mir hätten déi Restriktiounen gär kloer an däitlech an d'Gesetz selwer drageschriwwen! Dat froe mer lech säit dräi Gesetzer! Do ass nach net drop reagéiert ginn!

Dat selwecht bréngt mech, dat ass mäin drëtten Punkt, zur Maskepflicht, an zwar d'Maskepflicht dobaussen, eng Fro, déi mer säit September gestallt hunn, wou och spéit drop reagéiert ginn ass. Dat ass dann am Oktober agefouert ginn. Et ass agefouert ginn an enger Form, déi an eisen Aen net effikass ass, well et gëtt gesot, et ass agefouert an deenen Zonen, wou méi Leit sinn a wou se net kënnen zwee Meter Distanz halen. D'Polizei huet eis awer ganz genau erkläert, datt déi Reegel net an der Realitéit applikabel wär, well si net kéint mat engem Meter duerch d'Groussgaass lafen, fir ze moossen, ob d'Leit dann elo zwee Meter auserne wäeren oder net, a wa se da Leit hätt, déi net zwee Meter auserne wäeren, da wéisst se net, ob et deem enge seng Schold wär oder deem anere seng Schold. Et wär tout simplement net applikabel.

Déi Demande, déi mer gemaach hunn, ass ofgeschmettert ginn an de Motiounen, ass ofgeschmettert ginn an deem, wat mer à multiples reprises gesot hunn, mat der Ausso: Den Ënnerscheed dobannen an dobaussen, dat wär dach e groussen Ënnerscheed, an et bräicht een am Fong keng allgemeng Maskepflicht op Plazen, wou vill Leit wäeren, dat wär net ubruecht. Dat krute mer de 25. November heibannen erzielt. Dat krute mer och deen Dag an enger Motioun ... - e kloren negative Vott géint eis Proposition.

Dofir hu mer eis gewonnert, wa mer dat de 25. November ofgeleent kréien, datt dann de 26. November, deen Dag duerno, eng Instruktioun erausgeet, eng Circulaire vun der Inneministesch a vun der Gesondheestministesch, déi am Fong genau dat selwecht freet wéi dat, wat den Dag virdrun hei an der Chamber als onsënneg erkläert ginn ass an och nach ofgeleent ginn ass. Ech liesen lech den Text: « le Gouvernement recommande le port du masque de façon systématique dans des lieux extérieurs à forte densité de personnes. [...] par exemple les zones piétonnes et commerciales ». Et ass genau dat, wat mer an der Motioun, wat mer heibanne gefrot hunn! Et ass genau dat, wat mer dauernd ofgeleent kruten! Genau dat liese mer dann duerno vun där selwechter Regierung an der Circulaire un d'Gemengen!

■ **Plusieurs voix.** - Très bien!

■ **M. Claude Wiseler (CSV).** - Mat der Ausso: Macht Dir et wannechgelift, well et ass richteg.

Also ech muss lech soen: Dat fannen ech eng Aart a Weis fir Politik ze maachen, déi net seriö ass an déi och absolut net novollzéibar an déi och absolut net verständlech ass. Déi Restriktiounen gehéieren an d'Gesetz! Elo sinn et d'Gemengen, déi natierlech probéieren där Circulaire nozekommen, déi setzen dann elo Schëlter op, an d'Groussgaass oder wou och ëmmer. Mee sot mir: Wat ass dann d'legal Basis dovunner? Ech fannen et richteg, datt Der et maacht, mee wat ass dann d'legal Basis? Wéi gëtt et da kontrolléiert? A wéi gëtt et da kontrolléiert? Dat ass néierens festgehalen! Néierens festgehalen. Ech soen lech: Esou ass et net seriö, esou kënnt Der keng Politik maachen! A wann Är Kreditibilitéit dru fleete geet, da sidd Der am Fong selwer Schold.

■ **Plusieurs voix.** - Très bien!

■ **M. Claude Wiseler (CSV).** - Dee véierte Punkt ass dee vun de Kantinnen. Dir hutt d'Betribskantinnen zougemaach, en connaissance de cause. Mir hunn lech gesot, dat géif fir vill Problemer suergen. De Conseil d'État huet lech et gesot. D'Chambres professionnelles hunn lech et gesot. Mir hunn lech ge-

frot, Dir sollt d'Betribskantinnen oploossen an hinne reglementaresch streng sanitär Reegelen imposéieren. Dat wollt Der tel quel net unhuelen!

Den Dag selwer an der Chamber ass dunn eng Diskussioun lassgaangen iwwert d'Interpretatioun vum Gesetz. An deemem Gesetz kläre mer se dann deelweis, andeem mer draschreiwten, datt déi Betribskantinnen als Takeaway kënnen fonctionéieren - wat se d'ailleurs souwisou mam leschte Gesetz effektiv scho konnten. Dat akzeptéieren ech gär.

Mee ech soen, datt mer nach ëmmer e Problem mat de Refectoiren hunn. Dir kënnt dat zwar elo siche goen, mee wou iesst Der et dann? Do hate mer d'leschte Kéier eng Diskussioun driwwer, ech kommen drop zrëck, well dat nach alles anescht wéi kloer ass. Elo schreift Der an de Commentaire des articles - net an d'Gesetz! -, an de Commentaire des articles, datt d'Refectoiren no sanitäre Reglementer dann effektiv utilisabel kéinte sinn. Dat ass jo och richteg. Dat akzeptéieren ech och. Mee ech stellen dann awer d'Fro: No wat fir enge sanitäre Reegelen? Wann ech d'Gesetz kucken, da stinn do just sanitär Reegelen dran iwwert d'Rassemblementer. Déi sanitär Reegele soen, datt d'Rassemblementer esou sinn, datt de muss e Mask unhunn, wann s de iwwer véier Leit bass, wat s de beim lesse souwisou net kanns - also infolgedessen kënnen am Refectoire no dem Gesetz selwer nëmme véier Leit sëtzen oder dräi Leit. Dat schéngt mer absolutt evident ze sinn!

„Mee de Bon sens“, hutt Der eis d'leschte Kéier gesot, „dee seet lech eppes anescht. Wann do Gruppe vu véier Leit sëtzen, da geet dat och ouni Problem.“ Jo, de Bon sens, muss ech soen, seet mir effektiv och eppes anescht, mee d'Gesetz seet awer dat do! An ech ginn awer dovunner aus, datt d'Gesetzer mussen agehale ginn! A wann ee seet: „De Bon sens seet eppes anescht“, dann exigéieren ech, datt d'Gesetz dem Bon sens ugepasst gëtt! Datt et fir d'Leit och kloer ass, wat geet a wat net geet.

An dann hutt Der eis d'leschte Kéier gesot: „Mee mir hunn eng ganz Rei Reegelen, déi si festgehalen, ganz kloer an däitlech an enger Rei Instruktiounen, déi mer als Ministère erausginn hunn, an déi kënnt Der, wann Der dat da wëllt kucken, um Site fannen.“ Bon, ech hunn näischt gesot, well ech dann ugehall hunn, datt dat esou wär. Ech ginn natierlech owes op de Site kucken, an ech hunn natierlech keng Instruktiounen fonnt, keng Reegele fonnt! An ech hunn, wéi ech meng Ried geschriwwen hunn, nach eng Kéier gekuckt, an do waren nach ëmmer keng drop! Ech muss lech soen ..., also ech weess och net, wat ech dozou iwwerhaupt soll soen ... Mee ech soen: Dir kënnt dach keng esou Behauptunge maachen, an dann ass et net esou! Entweder se sinn do oder se sinn net do! Dir musst mer erklären, wou ech se fannen, ënner wat fir engem Sous-chapitre ech se elo fannen. Mee sou, wéi Der eis dat d'leschte Kéier erkläert hutt, hunn ech se net fonnt a sti se net drop.

Beim ëffentlechen Transport - déi selwecht Fro: D'Gesetz gesäit keng Ausnam vir, fir d'Sëtzpflicht, déi een huet, wann een iwwer zéng Leit ass, ausser Kraaft ze setzen. Doropshin hu mer eng Question parlementaire gestallt - d'Madamm Hansen an ech, wéi gesot -: „Jo, wéi gëtt dat da gehandhaabt am Bus, well d'Gesetz ass awer relativ kloer?“ Da kréie mer eng Äntwert, déi seet: „Déi allgemeng Reegel vum Artikel 4.4 spilt an deem Fall net.“

■ **Mme Martine Hansen (CSV).** - Komesch!

■ **M. Claude Wiseler (CSV).** - Seet d'Ministesch! Wann ech d'Gesetz liesen, d'Gesetz seet awer eppes anescht, wéi dat wat d'Ministesch seet! Also, mir ass et jo egal, mee ech hätt just gär, datt Klorheet wär, datt mer wéissten, wou mer mat deem Text dru sinn.

An da kréien ech och nach an der Question parlementaire als Kommentar gesot: All d'Leit dobannen, „si hunn all de Mask op a sëtze sech wäit auserne.“ Also ech kann lech awer eng Rei Fotoe weisen ... Mat där doter Ausso, weess ech awer net, ob Der esou kredibel sidd, well ech weess, wat moies an de Busse lass ass, wann d'Schüler an d'Schoul fueren, respektiv, wat an de Spëtzenzäiten an den Zich an an de Busse lass ass! Déi do Ausso, déi Der einfach esou maacht, déi ass sécherlech net richtig!

An zum Schluss sot Der dann, wéi mer eis dat dann iwwerhaupt géife virstellen, datt de Buschauffer dat kéint regelen, fir d'Leit net matzehuelen, wa méi Leit wëilten eraklennen, wéi Sëtzplazen do wäeren. Mee ech wëll lech soen: Ech hunn dat net gefrot, datt de Buschauffer dat ... Ech hu just gefrot, d'Gesetz soll kloer sinn! An et soll ee wëssen, wat gemaach gëtt! Par ailleurs, wann de Buschauffer ze vill Leit am Bus huet, méi wéi de Bus der erlaabt, muss en och reagieren, muss en och d'Dieren iergendwou zoumaachen a soen: „Dir kënnt elo net nach weider drécken!“ an: „Et geet elo duer!“ Also och déi do Ausso ass realitéitsfriem an ass keng Äntwert op d'Fro!



Ech wëll just froen: Wéi ass et dann elo? Dir sot eppes, an de Gesetzestext seet a mengen Aen einfach eppes anescht! Wéi ass et dann am Rechtsstaat Lëtzebuerg? Ass dat, wat de Minister einfach esou seet, dat wat muss agehale ginn, oder ass et dat, wat am Gesetz steet? Fir mech ass dat nach ëmmer kloer, fir lech ass dat heiansdo anescht, hunn ech d'Impressioun.

Artikel 6, zum Beispill, Artikel 5 an Artikel 7 vum Gesetzestext, déi nach ëmmer en vigueur sinn an nach ëmmer verlängert ginn: Do ass am Detail beschriwwen, wéi d'Prozedur festgehalen si bei Infektiounen, wéi de Kontakt soll gemaach gi mat enger Persoun, déi positiv getest ass, wéi den Tracing soll gemaach ginn, wéi d'Kontakter mat wem geholl ginn, a wann da verschidde Leit obligatoresch uginne hunn, mat wem se a Kontakt waren, nodeem datt se positiv getest gi sinn, wéi dann obligatoresch d'Reaktioun vum dem Ministère muss sinn, fir d'Leit an Isolation respektiv en quarantaine ze schécken. Dat funktionéiert net méi!

An ech verstinn och, datt dat net méi funktionéiert, well d'Leit einfach iwwerfuert si mat deenen Zuelen, déi mer hunn. Dat ass momentan Gewull. Ech ginn och kengem d'Schold dofir, dat muss ech awer och soen. Mee ech soen awer: Dat, wat am Gesetz steet, dat ass keng Soll-Prozedur, dat ass am Fong eng Prozedur, wéi et ze geschéien huet!

Elo gëtt d'Santé aner Instruktiounen un d'Leit eraus, déi ech och nach richtig fannen an novollzéie kann, absolut! Mee ech soen awer: Et stinn aner Saachen am Gesetz! An elo hu mer dat Gesetz awer schonn dräimol an der Tëschenzäit gewënnt - dräimol! Da soen ech: Do wär awer Zäit gewiescht, fir a sech d'Gesetz, esou, wéi et dosteet a wéi et säit Méint net méi respektéiert gëtt, esou ze adaptéieren, datt mer et erëm kënne respektéieren.

An dat selwecht ass, wat mer hei gefrot hunn: Datt déi Kontrollen, déi gemaach ginn, ob d'Leit an der Isolatioun sinn oder an der Quarantän bleiwen, wou de Procureur d'État eis gefrot huet, datt déi Strofen, déi dorobber stinn, weesentlech méi héich sollte gesat ginn, well et en Ënnerschied ass, ob ee fonnt gëtt, andeem een en Isolation net anhält an an deem Moment aner Leit a Gefor setzt, oder ob ee just seng Mask net unhuet ... Wéi mer gefrot hunn, datt och déi Peinë sollen an d'Luucht gesat ginn, ass och keng Äntwert komm!

Dann de siwente Punkt: d'Applikabilitéit vum Gesetz. Et sinn eng Rei Situatiounen, wou dëst Gesetz wierklech net applikabel ass. Ech nennen lech eng - ech hu se scho genannt -: E Kand, wat sech unstécht, da steet am Text, datt ee sechs Deeg nom leschte Kontakt mam Kand soll an den Test goen - elo sot mir emol, wann ech e Kand doheem hunn, wat de Covid huet, wéini ass da mäi leschte Kontakt mam Kand? Well ech gesinn et all Dag, moies, mëttes an owes. Wéini ass da mäi leschte Kontakt? Wéini ginn ech dann an d'Tester? Ech weess et net! An d'Eltere wëssen et och net, a se kréie keng Äntwert op awer eng weesentlech Fro, déi d'Gesondheet vun hirer ganzer Famill ugeet! Wéini ass dat?

Da ginn ech an den Test. Den Test ass negativ, da kann ech eraus, dat ass jo dann an der Rei. Den Test ass positiv, da seet d'Gesetz: zéng Deeg a Quarantän. An am Artikel hannendru seet d'Gesetz: Wann Der awer refuséiert den Test ze maachen, da braucht Der nëmme siwen Deeg a Quarantän ze goen. Sot mir emol, wat ass dann de Sënn vun deem do Text? D'Leit verstinn et net!

Ech bréngen déi Beispiller hei, well mir iwwerheeft gi mat Maile vu Leit, déi engem d'Fro stelle: Wat soll ech maachen? Wéi soll ech et maachen? Heiansdo telefonéiere mir dann op déi eenzel Servicer, heiansdo soe mer de Leit, si sollen dohinner telefonéieren - mee d'Äntwerte feelen! An ech muss soen, do entsteet eng Unsécherheet, déi an dësen Zäiten extreem schlecht ass. Dat soe mer scho säit Wochen, dorop ass nach keng Reaktioun komm. Déi Texter si schlecht, onkohärent, net logesch, ginn net verstanen a ginn dofir och deelweis net agehalen!

Da kommen ech zu mengem aachte Punkt: Do, wou Der, par contre, kloer sidd, dat ass bei de private Visitten - zwee Leit aus engem Stot kënnen heemkommen. Ech ginn och net méi vill drop an, ech hunn et d'leschte Kéier scho gesot: An eisen Ae mécht dat net vill Sënn a mir hunn e Plädoyer gehalen, fir déi zwee Leit aus engem Stot mat engem Haushalt ze ersetzen - net, wéi d'Ministesch et seet, well mer wëlle méi opmaachen. Ech considéieren dat iwwerhaapt net als eng Moosssnam, wou méi opgemaach gëtt, a wëll mer och keng Moralpriedegt dofir hale loosse.

Ech soen, datt dat hei e Plädoyer ass fir en Text, deem d'Leit dobause verstinn, dee se akzeptéieren, deem hirer Familljesituatioun och halleftweegs entsprécht, an dee se, well se e verstinn a well se en akzeptéieren, dann och an der Realitéit anhalen. An dofir mécht en a mengen Ae sanitär weesentlech méi Sënn, wéi deen aneren.

Ech wëll der Madamm Lenert just soen, datt Politik net eng Saach ass, wou ee mat engem Fiederstréch an enger Ënnerschrëft einfach Realitéit kreéiert a

mennt, well ee seng Ënnerschrëft drop gemaach hätt, wär dat elo esou an der Realitéit. Esou funktionéiert et net! Politik ass och eng Saach, wou een d'Leit muss mat u Bord kréien, wou d'Leit mussen verstoen, wat een da wëllt maachen.

An d'Leit si bereet, ganz villen ze akzeptéieren, och u Restriktiounen, wa se verstinn, firwat et gutt ass a wa se et als richtig empfangen. Politik heescht, d'Leit mat u Bord kréien, d'Leit déi Saache verstoen doen, d'Leit déi Saachen akzeptéieren doen, an net einfach eppes dekreteieren, wat d'Leit net verstinn an dofir net akzeptéieren, wat een dann och nach net richtig kontrolléiert kritt a wat dowéinst warscheinlech och deelweis net agehale gëtt.

Mir wëllen net méi opmaachen, mir wëllen eng Regel, déi Sënn mécht, déi verstane gëtt, déi agehale gëtt an déi dofir sanitär weesentlech méi effikass ass. Mir hunn iwwert déi meescht Punkten, déi ech elo genannt hunn, bei där leschter Debatt Motiounen agereecht - déi huet d'Majoritéit alleguer, alleguer ofgeleent! 15 Stéck - alles ofgeleent! Deelweis ouni Explikatioun, a wann Explikatiounen komm sinn, da waren et heiansdo, ech géif et emol léif ausdrécken, pittoresk Explikatiounen, an heiansdo pitoyabel Explikatiounen.

E puer Beispiller: D'lescht Woch hu mer Refuse kritt, well d'Majoritéit enger anerer Meinung ass, a si huet eis déi Meinung explizéiert. Dat ass jo och okay, esou funktionéiert et. Heiansdo hu mer Refuse kritt, well mer där selwechter Meinung waren, wéi d'Majoritéit: Well mer heibannen der Majoritéit hir Iddi, soe si, éischer presentéiert hunn a well d'Majoritéit déi Iddi, déi mer haten, souwisou wollt maachen ... - dann ass emol dogéint gestëmmt ginn! An och, well d'Majoritéit einfach anerer Meinung war deen een Dag, an dofir dogéint gestëmmt huet, an dann deen aneren Dag dat an d'Realitéit ëmgesat huet, wat mer deen Dag virdu gefrot haten, wou se awer dogéint gestëmmt hat.

Also ech muss éierlech soen: Wann am Résumé d'Situatioun déi ass, datt mir als Opposition dat selwecht soe wéi Dir, mee well mir et soen, Dir musst dogéint stëmmen ... Wann Der wierklech déi Politik wëllt an deenen nächste Joren heibanne maachen, wou Der eis opstellt an dëser Chamber, Block géint Block, Majoritéit géint Opposition, déi eng, déi Jo soen an déi aner, déi Nee soen, an déi eng, déi Nee soen, well déi aner Jo soen an ëmgedréit, da muss ech soen: dat ass e geféierleche Wee, deen Der do gitt!

Et ass nämlech net esou, wéi d'Lëtzeburger Tradition ass, et ass net esou, wéi hei an deene leschte Joerzénge Politik gemaach ginn ass. Mir si keng politesch Kultur, wou Droite géint Gauche, Konservativ géint Fortschrittlech, Republikaner géint Demokraten am Blocksysteem geschafft gëtt. An ech géif dofir warnen, an där doter Tendenz weiderzefueren, hei zu Lëtzebuerg e Blocksysteem opzebauen - déi eng géint déi aner. Dat huet natierlech Konsequenzen, déi net gutt sinn!

Natierlech huet et e groussen Advantage, et huet e groussen Advantage, well et lech dispenséiert, ze justifizéieren, well et lech dispenséiert, ze argumentéieren! Et mécht der Majoritéit d'Liewe vill méi einfach, mee et ass eng geféierlech Politik zu Lëtzebuerg. An de Summum vun där Politik, datt ass dann deen, wann d'Majoritéit eis reprochéiert, datt d'Opposition sech net mateneen eens wär. Dat ass jo de Summum vum Blockdenken! Mir soen dat eent, also musst Dir als Opposition eppes anescht, an dat selwecht zesumme soen! Wéi wann ech elo misst den Här Baum froen an den Här Kartheiser froen - déi ech allen zwee respektéieren -, wat ech därer soen oder net därer soen, an ob si domadder d'accord sinn! Esou funktionéiert et an engem Blocksysteem, esou funktionéiert d'Lëtzeburger Politik awer net! An nach eng Kéier: Ech warnen dofir, esou weiderzefueren! Passt op, wat Der do macht, well Dir gitt do e schlechte Wee, deen op villen aneren Dossiere Konsequenzen op d'Aart a Weis huet, wéi mer zesummeschaffen. Et evitéiert natierlech och, faktebaséiert Politik ze maachen, an dat ass en anere vun deene grouse Reprochen, déi ech haut maachen.

Mir verlängere haut eng Rei Moosssnamen, vun deenen Der, wéi Der se am Ufank agefouert hutt, net ëmmer gesot hutt, wat se solle bréngen, wat Der lech dovunner géift erwaarden, net ëmmer gesot hutt, firwat Der déi Moosssnam an net eng aner Moosssnam agefouert hutt. Elo verlängert Der eng ganz Rei vu Moosssnamen. A bei deene Moosssnamen, déi Der verlängert, gitt Der net esou, wéi ech dat als normal empfonnt hätt, d'Resultat vun där Moosssnam. Dir sot eis net: Wat huet se bis elo bruecht, a firwat verlängere mer se? Dir gitt keng Analys vun der Effikassitéit dovunner. Dir gitt keng Erklärung, firwat Der et nach ëmmer noutwendeg fannt, datt se verlängert gëtt.

Haut decidéiere mer eng Schléissung - eng weider Schléissung - oder d'Kontinuéiere vun der Schléissung vum Horeca-Secteur. Meng Fro ass ... - ech sinn domat d'accord, ech hunn näischt dogéint, ech soen dat och ganz kloer, mee ech géif awer einfach verlaangen, gesot ze kréien -: Huet se eppes

bruecht oder huet se näischt bruecht? A wat huet se bruecht an Ären Aen?

Dat selwecht ass bei de Familljenaschränkungen. Ech hunn lech meng Meinung driwwer gesot, mee och do géif ech einfach gär wëssen: Wat hunn dann déi Aschränkunge bruecht? Wat hu se net bruecht?

An ech sinn am Fong net deen eenzeg, deen eng Argumentatioun freet: De Conseil d'État freet dat selwecht, d'Commission consultative des droits de l'homme freet dat selwecht, d'Berufsschambere froen dat selwecht. An de Conseil d'État widderhëlt et och nach a sengem Avis fir dëst Gesetz, ech liese vir: « [...] il est important, tant pour ce projet de loi que pour les projets de loi futurs, que ces critères objectifs soient énoncés et expliqués plus amplement afin d'exclure tout reproche d'arbitraire ». Eng kloer Ausso vum Conseil d'État! Dat ass awer a kengem Moment de Fall.

D'Regierung verweist dann am Exposé des motifs op d'Covid-19-Taskforce, déi awer, wann ech deen Avis liesen, strictement keng Justifikatioun fir keng vun deene Moosssnamen gëtt! An am leschte Rapport seet d'Covid-19-Taskforce, datt all déi Moosssnamen am Fong net dat bruecht hätten, wat ee sech géif erwaarden, an datt d'Regierung elo misst nei Moosssnamen bréngen. Dat sinn déi Fakten, op déi d'Regierung sech bezitt.

Just ee Beispill, vun der Ausgangsspar ... an ech wëll do nach eng Kéier kloer an daitlech soen, well soss kréien ech dat duerno jo erëm total verdréit: Mir hunn näischt géint déi Ausgangsspar! Mir si mam Prinzip d'accord, ech hunn dat op der Tribün kloer gesot! Mir sinn och elo nach mam Prinzip d'accord! Mee ech ka mech awer gutt erënneren, wéi mer se agefouert hunn, datt de Premier heibanne gesot huet: „Mir féieren déi an, da mussen d'Leit, déi an de Restaurants an de Cafée sinn, déi mussen fir eefel Auer doheem sinn, dann um hallwer eefel goen“. An en huet hei nach d'Beispill geholl, fir ze soen: „An deejéinegen, deen iwwert dem Café wunnst“, Dir kënnt lech dat erënneren, „deem hat da Chance. Dee brauch nëmme um fënnf vir eefel heem ze goen, well dee brauch jo just bis erop ze goen“. Dat war d'Justifikatioun, déi sengerzäit geholl ginn ass oder bruecht ginn ass, wéi mer déi Ausgangsspar do agefouert hunn.

E Mount duerno ass d'Situatioun awer déi: Mir hunn d'Caféen zougemaach a mir hunn d'Rassemblementer dobause verbueden oder d'Rassemblementer iwwer véier Persounen. Dir haalt déi Ausgangsspar bäi. Elo nach eng Kéier: Ech contestéieren dat net! Mee ech verlaangen awer bei enger Moosssnam, déi eng vun deenen heftegsten Aschränkungen ass, déi mer an der Nokrichszäit kënnt hunn, datt mer awer d'Explikatioun kréien, firwat, wéi sou!

Well et mussen jo elo awer, vu datt mer an Tëschenzäit scho ganz aner Moosssnamen geholl hunn, andeem mer d'Caféen zougemaach hunn, d'Rassemblementer verbueden hunn, aner Justifikatiounen do sinn, well et déi, déi sengerzäit do waren, elo net méi gëtt. Méiglecherweis sot mer: „Da kréie mer besser Kontrolle gemaach“ - oder wat och ëmmer! Ech akzeptéieren déi Explikatiounen all, mee ech verlaange just, datt Der se bréngt, datt Der eis sot, datt Der eng Moosssnam justifizéiert, déi awer extreem aschneidend ass, mat där ech, wéi gesot, nach eng Kéier, am Prinzip d'accord sinn. Mee et verlaangt awer eng minimal Explikatioun!

Mee, wat mer am schwéiersten um Mo läit ... an dofir sinn ech frou, datt den Educationminister och elo heibannen ass - ech schwätzen net gär iwwert d'Leit, wa se net do sinn, Dir sidd do! ... -, da kann ech méi fräi schwätzen.

(Interruption)

Ech hätt et och gesot, wann en net do gewiescht wär, do hutt Der Recht! Mee ech hunn, ...

(Hilarité)

Nee! Ech hu léiwer, en ass do!

(Interruption)

Ech hu léiwer en ass do.

■ **M. Claude Meisch, Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse.** - Da sot emol!

■ **M. Claude Wiseler (CSV).** - Jo! Well dat, wat an de Schoulen ofgeet, fir mech net novollzéibar ass. Den Här Meisch erkläert eis dauernd säi Stufeplang, refuséiert all eis Propositionen. Déi Berichter, déi mir awer vum Terrain kréien - an ech kann lech soen, ...

■ **Mme Françoise Hetto-Gaasch (CSV).** - Vill!

■ **M. Claude Wiseler (CSV).** - ...mir kréien der vill! Vill Mailen, vill Telefonen - dat weist eis awer éischer op en totaalt Gewull hin.

Ech ginn lech e puer Beispiller: Sonndes kréien eng Rei Chargéen an der Maison relais erkläert, datt se positiv wären. Déi betreite Gruppe mat 30 Kanner, wou zwëschen 10 an 20 Klassen zesumme gemëscht sinn - wat schonn eng Situatioun ass, déi fir mech net ganz kohärent ass, mee dat sief elo emol dohi gestallt. An da waarden Elteren a Chargéen an

all déi Leit, déi do schaffen, eng ganz Woch op Ordonnancen - mëttwochs, donneschdes, freides ... An eng Woch duerno kréie se dann eréischt freides Ordonnancen, fir sech selwer testen ze loosse, ouni iwwerhaapt eppes gesot ze kréien, wat an Tëschenzäit soll geschéien. Déi Leit sinn an Opreegung, Panik. D'Enseignantë wëssen net, wat se den Eltere solle soen, d'Eltere wëssen net, wat se solle maachen. An ech hunn elo en einfachen Beispill geholl, ënner ganz villen, déi mer esou erakréien - eng Realgeschicht.

Mir hunn hei dräizéng Propositionen gemaach, déi quasiment all refuséiert gi sinn - an der zweeter Etapp ass déi eng oder déi aner ëmgesat ginn. Mir hu proposéiert A- a B-Gruppen anzesetzen - dat ass fir d'éischt ofgeleent ginn, duerno ass et gemaach ginn. Mir mengen haut, datt ee sech no der Vakanz misst iwwerleeën, ob een dat net och op deenen ënneschte Klasse vum Lycée aféiert.

Mir hu gefrot, datt iwwerall eng Maskepflicht sollt sinn - ausser am Sport. Mir hunn Temperaturmoosung gefrot. Mir hu gefrot, datt an de Schoulen en Horaire décalé géif gemaach ginn - dat géif eis nämlech erlaben, de Schoultransport ganz anescht ze organiséieren: Wann Der op där enger Säit d'A- a B-Klassen hätt, an op där anerer Säit decaléiert Horairen, dann hätt Der weesentlech manner Kanner an de Bussen a kéint dat weesentlech besser organiséieren.

Mir hu Ventilatiounsequipement gefrot; mir hunn CO₂-Ampele gefrot; mir hu kohärent Moosssnamen an de Maison-relaisen an de Kantine gefrot; mir hunn eng besser Kommunikatioun zwëschen Enseignant, Elteren a Ministère gefrot an esou weider.

An haut froe mer och, ouni awer selwer zur Konklusioun ze kommen, mee am Hibleck op dat, wat an deenen anere Länner geschitt, ob ee sech net sollt iwwerleeën, fir d'Chrëschtvakanz ëm eng Woch ze verlängeren an där Situatioun, wou mer dra sinn. Ech verlaangen dat net. Mir fuerderen dat net. Mir froen et just als Iddi, setzen et eng Kéier dohinner, well et muss ee sech iwwerleeën, ob et Sënn mécht an där Situatioun, wou mer dra sinn. Dofir ass et schwéier, einfach punktuell eppes ze soen, well mir net d'Méiglechkeet hunn, mat den Enseignant a mat de Leit ze schwätzen. Mee et ass zumindest e Gedanke wäert.

An da kommen ech nach eng Kéier op déi Etüd vum Här Meisch, fir seng Politik ze justifizéieren. Hien zitt aus deenen Zuelen an där Etüd, déi en eis virleet, Konklusiounen, wou e seet: „Déi zweet Well, dat sinn haaptsächlech Adulten. Et kann ee behaupten, datt d'Acceleratioun vun den Infektiounen näischt mat der Schoul ze dinn huet. A wann Ustiechunge sinn, dann ass et meeschtendeels net an der Schoul, mee an anere sozialen a Familljekontakter.“

Aus deene raren Zuelen, déi mer vum Här Meisch geliwwert kréien, soen ech ganz kloer hei, kann ech déi Konklusiounen net zéien! Ech ka se wierklech net aus deenen Zuelen erauslesen, wëssend, datt esou vill asymptomatesch Fall darbäi sinn, wëssend, datt weesentlech, bei klenger Kanner, manner getest ginn ass wéi bei aneren. Ech soen och: Esou wéi ech dat liesen an och op d'Äntwert vun de Questions parlementaires, déi den Här Meisch eis ginn huet, fannen ech déi Etüd, déi mer hei virgeluecht kritt hunn, wëssenschaftlech net uerdentlech iwwerkuckt an net uerdentlech iwwerpréift. D'Beamten hunn dat einfach dohingeschriwwen. Ech maachen hei kengem Beamten e Reproche. Ech maachen hei e Reproche un de Politiker. Ech gesinn, datt aner Institutiounen am Ausland, d'RKI, d'OMS, eng ganz aner Virsicht hunn, wa se un d'Schoulpolitik eruginn. Ech gesinn, datt aner Länner total aner Recommendationen de Schoule maachen, eng total aner Educationspolitik ëmsetzen. An ech gesinn net, wéi dat méiglech ass, datt mir hei zu Lëtzebuerg eng ganz aner Politik, ganz aner Reegele sollen hunn an de Virus ganz anescht soll funktionéieren, wéi dat am Ausland de Fall ass.

An da stellen d'Martine Hansen an ech eng parlamentaresch Fro, an d'Press, an dësem Fall d'„Lëtzeburger Wort“, eng Rei weider Froen. An ech muss soen, déi Äntwert, déi ech do vum Här Meisch kritt hunn, déi fannen ech absolutt an total inakzeptabel! Déi Froen, déi gestallt ginn, deklaréieren den Här Meisch als net erwünscht. Sech mat den Zuelen auserreesetzen, déi hien eis ginn huet, fënnt den Här Meisch als net erwünscht. Jiddwereen, d'Press an Opposition, kritt an dëser Äntwert op d'Question parlementaire einfach gesot, datt alles falsch gedeit ginn ass an alles falsch géif interpretéiert ginn. Deen Eenzeg, dee richtig ass, wär den Educationminister. Mee wat dann elo richtig ass a firwat et richtig ass, dofir kréie mer awer keng Explikatioun!

De Message, deen de Minister domadder gëtt, dat ass, datt een un den Aussoe vum Minister net därer zweifelen. Et därer keng Fro gestallt ginn. De Minister brauch keng Äntwerten ze ginn. An de Minister huet definitiv an ëmmer Recht. Passez, il n'y a



rien à voir, dat ass dat, wat an där Äntwert op déi Fro steet.

Firwat, stellen ech mer awer d'Fro, mécht den Educationminister konstant separat Statistiken, wou d'Santé de Rescht vun de Statistike mécht? Firwat hu mer net reegelméisseg all d'Detailer, esou wéi mer se froen, esou wéi mer dat am Ministère de la Santé kréien? Firwat hu mer eng separat Politik an der Educationswelt, wou all déi aner Politicke vun der Santé gesteiert ginn a gemeinsam gemaach ginn, mat deem Resultat, wat mer elo an der Education kennen? Dat si fir mech Froen, déi een awer duerchaus ka stellen.

An dann, an der Äntwert op d'Question parlementaire, dréckt de Minister seng grouss Suerg aus an e seet, well Deputéierter Froen iwwer seng Etüd stellen, wär d'Integritéit vun der Administratioun onbegrennt a Fro gestallt, géif d'Glafwierdegkeet vun de staatlechen Institutiounen ënnergruwe ginn a wär eng Sachdiskussion mat eis total onméiglech. An der Press hir Artikele géife méi zur Konfusioun wéi zur Opklärung bäidroen. An da seet de Minister hannendrun an engem manenden Toun un eis - an engem mahnenden Toun! -, datt eist Verhale géif dozou féieren, datt hei esou kéinte verschidde Protestbeweegunge wéi am Ausland Entstoen. A wann déi da géifen Entstoen, da wär dat eis Schold. Liest emol Är Äntwert, déi Der ginn hut! An ech wëll dem Minister ganz kloer hei eppes soen: Mir sinn hei zu Lëtzebuerg nach an enger Demokratie. An an enger Demokratie gehéiert et ganz einfach dozou, datt d'Opposition Froe stellt an datt d'Opposition d'Regierung kontrolléiert!

■ **Une voix.**- Très bien!

■ **M. Claude Wiseler (CSV).**- An an enger Demokratie gehéiert et och dozou, datt mer Pressefräiheet hunn, an datt d'Press fräi hir Meenung ka soen an dat och därfer an dat och muss an dat och soll, fir datt mer an enger Gesellschaft liewen, wou déi Fräiheet och nach besteet! An et gehéiert och ...

■ **Une voix.**- Richtig!

■ **M. Claude Wiseler (CSV).**- ... dozou, datt de Minister uerdentlech op déi Froen äntwert, déi d'Opposition him stellt! An net, par rapport ...

■ **Une autre voix.**- Très bien! Très bien!

■ **M. Claude Wiseler (CSV).**- ... zur Press an der Opposition, déi Intimidationsversich mécht, déi ee mat esou enger Äntwert da probéiert hei an d'Welt ze setzen.

Déi Protestbeweegungen, wann der da géifen zu Lëtzebuerg kommen, déi si sécherlech net op der Opposition an der Press hir Froen zréckzeféieren, mee esou Beweegunge sinn ëmmer op der Regierung hir Aarbecht zréckzeféieren. An ech wëll dem Minister soen, hie soll seng Aarbecht maachen! Dat heescht eng uerdentlech Politik an Äntwerten op Froen, déi e vun der Opposition gestallt kritt. Dat ass seng Aarbecht an déi soll e maachen! An e soll sech net alles erlaben, well mir akzeptéieren net all Ausso. A mir akzeptéieren haaptsächlech net déi Intimidationsversich, déi en hei probéiert ze maachen. Dat geet net!

■ **Mme Octavie Modert (CSV).**- Ganz richtig!

■ **Plusieurs voix.**- Très bien!

■ **M. Claude Wiseler (CSV).**- Fir eis sinn all déi Moosnamen, déi mer elo verlängeren, vill ze spéit komm, ginn net wäit genuch, sinn net kohärent, sinn technesch wierklech problematesch. Mir kënnen dësen Text net stëmmen, dat ass kloer an d'äit-lech! An ech soen der Regierung: Passt op, wéi Der an den nächste Woche Politik gestalt an explizéiert! Mir hu quasiment weltwäit déi schlechtesten Zuelen. Mir hu keng kohärent Politik. D'Regierung ass amgaangen, Autoritéit a Kredibilitéit ze verléieren. An dat ass a Krisenzäiten an extreem besuergniserreegende Phenomeen.

A wat mir haut vun der Regierung erwaarden, dat sinn direkt a konkret an effikass Moosnamen an no der Vakanz eng Laangzäitstrategie, wéi mer déi nächst Méint wëlle gestalten.

Ech soen Iech Merci.

■ **Plusieurs voix.**- Très bien!

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Här Wiseler. Nächsten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Gilles Baum. Här Baum, Dir hut d'Wuert.

■ **M. Gilles Baum (DP).**- Merci fir d'Wuert, Här President. Kolleeginnen a Kolleegen, mir haten eis allegueren heibanne gewünscht, dass d'Infektionszuele wäit genuch a séier genuch géife falen, fir eis iwwert d'Feierdeeg eng kleng Entspannung ze erlaben. Leider ass deem awer net esou. D'Zuelen hu sech wuel stabiliséiert, awer op engem ze héijen Niveau an ouni eendeiteng Tendenz no ënnen.

Um Freideg louch de Reproduktionswäert genau bei 1. Statistesch gesinn heescht dat, dass all Persoun, déi infizéiert ass, ee weideren infizéiert. Dëse Wäert misst awer - misst awer! - d'äit-lech ënnert 1 leien, fir dass ee vun enger klorer Tendenz no ënne

kéint schwätzen. Och am Ofwaasser gëtt et nach ëmmer héich Réckstänn, déi op de Virus hiweisen.

Den Taux de positivité huet sech agependelt tëschent 4 % a 5 %. Dat ass eng liicht Verbesserung, awer nach sécher kee Grond fir Entwarnung.

D'Klinicksbetter sinn nach ëmmer héich beluecht. Gëschter ware 50 Leit op der Intensivstation. An ech widderhuelen dat, wat ech bei menger leschter Interventioun hei gesot hunn: Mir kënnen net bis op de Maximum goe mat der Beleeung vun den Intensivbetter. Wa Leit erakommen, déi en Hireschlag gemaach hunn, déi en Häerzinfarkt gemaach hunn, déi e schwéiert Accident haten op der Aarbecht oder e schwéiert Autosaccident, déi Leit mussen och Plaz op den Intensivstationen hunn. A mir wëllen net an eng Situation kommen, wéi mer se aus anere Länner kann hunn, wou Leit hu missen ofgewise ginn. Dat wär moralesch net vertrieubar!

Elong déi lescht Woch, pardon, déi viregt Woch goufen iwwer 3.800 Leit positiv getest. An et sinn déi virlescht Woch 38 Leit um oder mam Virus gestuerwen. Ze vill Leit wäerten also déi nächst Feierdeeg net méi erliewen, well all Doudesaffer, do si mer eis eens, ass eent ze vill. An dofir wär et falsch, ze mengen, de Virus géif eis fir Chrëschttag eng Otempaus vergonnen. Nee, de Virus wäert net einfach esou verschwannen, nëmme well Chrëschttag ass! An ech weess, dass et net einfach ass, sech dat anzegestoen, mee all onnéidege soziale Kontakt bréngt eis Matmënschen a Gefor. An dat gëllt och fir d'Feierdeeg.

De Virus huet keen Häerz. De Virus huet kee Verstand. En ass onberechenbar a brutal. Am Fréijoer, wéi mer an der éischter Well waren, kann ech mech erënneren, wa mer matenee geschwat hunn, ass gesot ginn: „O, hues de héieren, deen do huet de Coronavirus erwëscht!“ Haut, mengen ech, sëtzt kee méi heibannen, deen net een oder méi Leit kennt, déi de Virus kritt hunn, a Verschiddener, déi heibanne sëtzen, ech gehéieren och zu deenen, kenne Leit, déi un deem Virus gestuerwe sinn.

De Virus ass onbaarmhäerzeg. Laut der Johns Hopkins, déi jo grad vum Kolleg Claude Wiseler zitéiert ginn ass, si bis elo 1,6 Milliounen Leit op der Welt dorunner gestuerwen an zu Lëtzebuerg mëttlerweil iwwer 400. An déi Leit, déi en iwwerstanen hunn, déi Leit, déi de Virus iwwerstanen hunn, deene geet et nach Wochen a Méint duerno net ganz gutt.

Mëttlerweil wësse mer och, dass et falsch ass, ze behapten, deen dote Virus, dee géif nëmmen eis eeler Matbiieger befallen. Erlaabt mer dofir wannechgelift, kuerz e Post ze zitéieren vun engem Bekanntem aus menger Gemeng, deen e puer Joer manner huet wéi ech an och weesentlech méi sportlech ass wéi ech. Ech mengen, dat ass och net ganz schwéier.

(*Interruption*)

En huet op sengem Facebook geschriwwen: „Sou, elo sinn ech no zéng Deeg Corona endlech erm doheem. Ech hätt ni geduecht, dass dat mech esou géif treffen! Ech si jo nach net esou al, hunn ni gefëmmt an ech war jo och sportlech ënnerwee. Mee de Virus huet mech voll getraff, soudass et mir no e puer Deeg an der Klinik net méi egal war. Wann Dir also positiv sidd, wann Der Féiwer hut oder wann Der Iech midd spiert, waart net ze laang, fir dat checken ze loossen! Et ass net schéin, wann d'Kanner an d'Fra ee mat der Sauerstoffmask just nach iwwert de Videochat gesinn. Gott sei Dank konnt ech séier gehollef kréien. Ech wëll en décke Merci un d'Klinickspersonal soen an u jiddwereen, deen esou fein no mir gefrot huet, wann en et da wusst. Passt all op Iech op!“

A Kanada an an den USA sinn no Thanksgiving d'Infektionswelle rasant an d'Luucht gaangen. Dëse Feeler dierfe mir net widderhuelen, mee mir musen et als Warnung verstoen, wat eis bléie géif, wa mir elo noloossen. Eis Prioritéit bleift weiderhin, d'Kontakter tëscht de Leit ze limitéieren. Ech verstinn d'Enttäuschung vun de Leit! An ech mengen, jiddwereen heibanne versteet se. Ech verstinn d'Enttäuschung vun de Leit, déi dës Feierdeeg onbedéngt mat hirer Famill wollte verbréngen. No engem Joer voller Affer war d'Hoffnung awer grouss, dass et op d'mannst nach e schéinen Ofschloss vum Joer kéint ginn. D'Feierdeeg wäerten awer dës Joer anescht sinn, doru besteet keen Zweifel.

An awer muss keen eleng sinn. D'Plus-zwee-Reegel ass nämlech genau dofir do, fir um Enn vum Joer Leit bei sech ze huelen, déi soss eleng doheem wären. A grad fir déi mental Gesondheet ass et wichteg, dass an dëser Zäit keen isoléiert bleift.

Här President, déi lescht Woch ass de Centre Hospitalier du Nord u seng Limitte gestouss. En Deel vun hirem OP-Block gouf zougemaach an d'Servicer ëmorganiséiert, fir d'Urgencen an déi essenziell Aktivitéiten oprechterhalen ze kënnen. Alleguer d'Mesuren, déi mir an de leschte Méint getraff hunn, fir d'Bevëlkerung ze schützen, sollten och eis Spideeler virun enger Iwwerbelaaschtung schützen a verhënneren, dass d'Gesondheetspersonal extreemem

Stress an Iwwermiddung ausgesat gëtt. Och fir si a fir hir Familljen ass geschwé Chrëschttag.

D'Situatioun vum Nordspidol weist awer, dass elo net de Moment ass, fir manner streng ze ginn. Et gëllt, am Géigendeel, op deene Plazen nozebesseren, wou mer vläicht am viregte Gesetz net kloer an net streng genuch waren.

Dofir begréisste mer, dass d'Gesetz Prezisioune virgesäit, wat d'Consommation vun lessen a Gedränks am ëffentleche Raum betrëfft. lessen a Gedränks op enger Terrass, an der Enceinte vun engem Akafszentrum oder op enger Gare zou sech ze huele wäert ab elo net méi erlaabt sinn. Et wär nämlech net de Sënn vun der Saach, de Coffee-to-go oder d'Bréidercher à emporter virun der Dier ze consomméieren, wou een dann ouni Mask beieneen ass.

Dës Adaptatioun ass nëmme fair géintiwwer dem Horeca-Secteur, dee seng Dieren huet missen zoumaache fir d'Consommation op der Plaz, dat mat der Begrënnung, dass do den Infektionsrisiko ze héich wier, well een an engem Café oder Restaurant länger Zäit ouni Mask beieneesetzt.

Ofgesi vun dëser Prezisioun ginn d'Mesurë bis de 15. Januar verlängert. Mir dierfen elo net labber loossen. Mir musse weider duerchhalen a virsiichteg bleiwen. Vum Point de vue sanitaire wär eng Ouverture elo net responsabel. An Ausname fir d'Feierdeeg si keng Optioun. Ze grouss wier d'Versuchung, déi voll auszenotzen. Esou schwéier et eis och fält, mir mussen akzeptéieren, dass mir Chrëschttag dës Joer anescht féieren.

D'Mesuren an dësem Gesetz sinn zu dësem Moment genau déi richtig. A sollt missen nogebessert ginn, da wäert d'DP-Fraktioun sech deem natierlech net verschléissen.

■ **Plusieurs voix.**- Très bien!

■ **M. Gilles Baum (DP).**- Chrëschttag ass e Famillfest, wat d'äif an eiser Kultur verankert ass. An deenen däischtere Wanterméint sichen d'Leit de Kontakt zueneen. Et ass ee vun de rare Momenter am Joer vläicht, wou déi ganz Famill zesummekënn. Och d'Famill, déi ee soss am Joer vläicht net gesäit. Dorobber ze verzichten ass net einfach. Et dréckt engem op d'Gemitt an et ka belaauschend sinn.

Chrëschttag, ob ee gleeweg ass oder net, ass d'Fest vun der Léift. Chrëschttag ass d'Fest vun der Nächsteléift. An dës Joer ass dee gréisste Beweis vun Nächsteléift, op eng grouss Feier mat der Famill ze verzichten, fir net de Risiko anzegoen, dass mer am Januar an eng drëtt Well rutschen, déi eis Dokter, Infirmieren, Aide-soignanten, dat gesamt Gesondheetspersonal un d'Grenze vum Zoumuttbare géif bréngen.

Loosst eis dem Virus et net ze einfach maachen! Kommt, mir ginn em keng Geleeënheet, sech weiderzeverbreeden an nach méi Mënschen aus eiser Mëtt ze rappen! Ze vill Leit hu schonn un den Auswierkunge vun dëser Kris gelidden a leiden nach ëmmer. Ech mengen, et ass net falsch ze behapten, dass mer eis allegueren op dat neit Joer freeen a vill Hoffnungen an dat neit Joer setzen. Loosst eis weiderhi solidaresch bleiwen an hoffen, dass mer d'nächst Joer erm kënnen mat eise Léifsten a mat eiser ganzer Famill an engem groussen Krees féieren!

Ech ginn am Numm vun der DP-Fraktioun den Accord zu dësem Projet de loi.

■ **Plusieurs voix.**- Très bien!

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Här Gilles Baum. Nächsten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Georges Engel. Här Engel, wannechgelift!

■ **M. Georges Engel (LSAP).**- Wéi de Rapporteur et scho sot: Mir hätten haut all léiwer hei kënnen Entwarnung ginn a Lackerungen ukënnegen. Dat ass leider net de Fall.

Bei der Entwécklung vun der Pandemie an der sanitärer Situatioun mécht Lëtzebuerg leider keng Ausnam. Weltwäit klammen d'Zuele weider, deels mat an trotz méi oder manner aschneidenden a radikale Mesuren. An och do maache mir keng Ausnam.

Bei der Gestiou vum dëser Kris kritt d'Regierung alles a säi Géigendeel virgehait: ze streng, ze large, ze lues, ze fréi, ze séier, ze spéit. Dat war beim Deconfinement am Fréijoer an am Summer de Fall an dat ass och elo nees de Fall.

An dat ass independant vun der Faarf vun der Majoritéit an all de Länner de Fall. Dat ass iwwerall! An all Land ass dat de Fall: D'Regierung, déi eppes ze soen huet, déi kritt alles a säi Géigendeel virgeworf.

Dat perfekt Gesetz, Dir Dammen an Dir Hären, géint de Covid gëtt et net. An dat eenzeg richtegt Gesetz an déi eenzeg richteg Politik géint de Covid, déi gëtt et och net.

A gradesou huet den Oppositionsleader Claude Wiseler et den 22. September a senger Ried hei zum véierte Covidgesetz och gesot! „D'Situatioun“, huet e gesot, „ass konstant amgaangen, ze evoluéieren. D'Situatioun ass wéi wann een op enger

Achterbunn sëtzt: Mol ass ee bei deene Beschten, mol gëtt ee klasséiert op eng rout Lëscht. Gelueft gëtt ee weinst senger Prevoyance a kritiséiert gëtt ee weinst sengem Mangel u Wäitsiicht.“ Woubäi e richtig gesot huet, dass Prevoyance a Wäitsiicht dat selwecht ass. Hie versteet déi, déi Angscht fir d'Zukunft hunn, déi, déi sech ëm hir Aarbechtsplaze suergen, déi, déi d'Mesurë fir ze streng halen. Hie versteet awer och déi, déi Angscht virun der Krankheit hunn an déi méi streng Mesurë wëllen. De Claude Wiseler huet gesot, hie kéint déi zwou Säite verstoen. An ech war frou iwwert déi Ausso, dass de Claude Wiseler dat gesot huet, dass en déi zwou Säite ka verstoen.

An och bei de Proposen a Fuerderunge vu Mesuren, déi hei proposéiert ginn, héiere mer alles a säi Géigendeel. Mir hunn de Couvre-feu zwëschent eelef Auer owes a sechs Auer moies agefouert, wat effektiv eng ganz aschneidend Mesure ass, wéi de Claude Wiseler et och virdrun nach eng Kéier gesot huet, gradesou och wéi d'Fermeture vun de Caféen a vun de Restauranten. Mir hunn d'Zuel vun de Leit limitéiert, déi ee ka bei sech doheem empfänken, vun zéng op véier an elo op maximal zwee aus engem Stot. A virun allem mam Opruff, all d'Kontakter, déi net onbedéngt noutwendeg sinn, ze evitéieren. All dës Aschränkungen, déi goufe kritiséiert, well et keng evident wëssenschaftlech Basis géif ginn.

An dobäi ass awer erweisen, an duerfir ass Lëtzebuerg jo och net dat eenzeg Land, wat déi Aschränkungen decidéiert huet, dass de Virus sech virun allem do iwwerdréit, wou d'Leit iwwer méi a laangen Zäitraum, an engem decontractéierte Kontext, ouni Masken an ouni déi néideg Distanz an engem zouene Raum zesumme sinn. Dat ass am private Beräich doheem, mee awer och an de Caféen an an de Restauranten de Fall. An dat ass awer elo sécherlech hei keng Scholdzouweisung, déi ech wëll maachen, mee et ass inhärent zu der Aktivitéit an der Situatioun. Am Restaurant an am Café, do geet et nun emol net anescht, wéi, fir ze iessen an ze drénken, d'Mask ofzedinn. A wann een dann do sëtzt an et schwätzt ee mat engem, dann huet een och d'Mask net un.

D'Ausso, déi hei an och deelweis an der Press méi oder manner oppe formuléiert gouf, dass d'Regierung déi héich Doudeszuele géif op déi liicht Schéiler huelen, dat geet mer, mir perséinlech, an eis allegueren heibannen, ganz no an déi schockéiert mech och. Dat ass béisaarteg, fir esou eppes ze soen. Dat ass béisaarteg! An et ass eng populistesch Scholdzouweisung, déi een och net esou kann hei stoe loossen.

■ **Plusieurs voix.**- Très bien!

■ **M. Georges Engel (LSAP).**- All eenzel Persoun, déi zanter Mäerz hei zu Lëtzebuerg un oder mam Coronavirus gestuerwen ass, dat ass eng ze vill. All eenzel Persoun, déi feelt. Déi hannerléisst e Vide an der Famill, bei de Frënn a gëtt schmäärzlech vermësst. An ech wëll hei de Familien an de Frënn mäin déifst Matgefill ausdrécken.

An d'Behauptung, mir hätten näischt gemaach, déi stëmmt net! Si ass e puermol gemaach ginn. An ech kommen nach herno drop zréck. Grad wéi d'Zuele geklomme sinn, dunn hu mer déi virdu genannt Mesurë geholl: de Couvre-feu, d'Fermeture vun de Caféen, vun de Restauranten, d'Limitatioun vun de Persounen, déi dierfe bei engem privat invitéiert ginn. En plus de Large-Scale-Testing, deen zu engem ganz groussen Deel op déi vulnerabel Persounen an d'Gesondheets- an d'Fleegepersonal ausgerichtet ass. An zousätzlech elo d'Schnelltester, déi an deene Beraicher zum Asaz kommen, déi ech virdu genannt hunn. Et ass also net richtig ze soen, et wier net reagiert ginn.

Vun der Opposition gouf behaupt, dass mer Spëttereider wiere bei den Doudeszuelen. Och dat kann ech net esou hei stoe loossen. Och wann all Doudegen een ze vill ass, an och wann ech mer géif wënschen, dass mer e Rezept hätten, en anert Rezept, wéi d'Leit einfach ewechzespären, fir déi méi vulnerabel Persounen effektiv ze schützen, sti mer, am Verglach mat deenen anere Länner, net méi schlecht do. An et ass hei scho ganz skurrill, bei Doudesaffer sech mat anere Länner ze vergläichen. An awer wëll ech et hei awer eng Kéier maachen, well dat, wat gesot ginn ass, ass net esou richtig, wéi et virdrun hei ernimmt ginn ass.

Pro 100.000 Awunner nämlech, an ech zitéieren hei och den Johns Hopkins Coronavirus Resource Center, deen de Gilles Baum an och de Claude Wiseler hei schonn zitéiert hunn, pro 100.000 Awunner hu mer zu Lëtzebuerg 64,5 Doudeger am Zesummenhang mat Corona. 64,5 Doudeger am Zesummenhang mat Corona! An der Schwäiz hu mer der 70,27. A Frankräich hu mer der 86,61. An an der Belsch hu mer der 157,16. Nëmme Däitschland steet besser do, mat 26,66. Mee do sinn d'Zuelen amgaangen, drastesch an d'Luucht ze goen.

■ **M. Claude Wiseler (CSV).**- Global gekuckt!

■ **M. Georges Engel (LSAP).**- Dat ass global gekuckt, jo! Natierlech ass et global gekuckt, Här Wiseler! Mee dat ass awer d'Zuel, déi richtig ass!

**(Interruption)**

■ **M. Claude Wiseler (CSV).** - Fir d'Politik ze gestalten, musst musst Der déi awer vun haut kucken!

■ **M. Georges Engel (LSAP).** - A bei der Casefatality, Här Wiseler, dat heescht der Zuel vun den Doudesaffer, vun den Doudesfäll par rapport zu den Infektiounen, do schneide mer och gutt of: Lëtzebuerg 0,98 %, also 1 %, Däitschland, Schwäiz, Holland 1,6 %, Frankräich 2,4 % an d'Belsch 3 %.

Jo, an de leschte Méint, an de leschte Woche sinn d'Zuelen an d'Luucht gaangen. Mee dat hei sinn d'Zuele vun der ganzer Pandemie. An och déi muss ee kucken.

Déi arrangéieren lech vläicht net esou, fir d'Situatioun hei schwaarzzemolen. An ech wëll lech net ënnerstellen ...

■ **M. Claude Wiseler (CSV).** - Déi muss een awer net kucken, fir wann een haut Decisiounen hält!

■ **M. Georges Engel (LSAP).** - Ech wëll lech hei net ënnerstellen - fir dass mer dat an dee richtege Hals kréien -, ech wëll lech hei net ënnerstellen, dass Der frou sidd, dass et méi Doudesaffer gëtt! Well dat sidd Der net. Dat weess ech. Esou eng Politik géift Der hei net maachen.

Mee Dir hutt déi Zuel hei genannt, déi lech arrangéiert, fir d'Politik vun dëser Regierung hei schwaarzzemaachen. An dat ass net richtig!

An de leschte Woche sinn d'Zuelen hei zu Lëtzebuerg erofgaangen. Net séier genuch, mee d'Tendenz geet no ënnen. A wa mer nach virun e puer Wochen, Ufank November, hei e Peak vu 730 Neiinfektiounen haten, sou leie mer elo bei 530 Neiinfektiounen, ronn 30 % manner, wéi dat nach virun e puer Wochen de Fall war! Déi Zuelen, déi mussen awer nach falen. An do si mer eis alleguerten eens.

De Bléck déi aner Säit vun der Grenz bréngt vill Leit dozou, no méi radikale Mesuren ze froen a mat Däitschland do gläichzezéien. Et stëmmt wuel, dass eis Inzidenzwärter méi héich si wéi déi an Däitschland. Mee zum engen ass dat natierlech op dat villt Teste bei eis zréckzeféieren. Lëtzebuerg ass Weltmeeschter am Testen. Mee virun allem sinn d'Infektiounszuelen, an dat ass e weesentlechen Ënnerschied, an Däitschland amgaangen eropzegoen. Dat ass hei zu Lëtzebuerg, duerch déi Mesuren, déi geholl goufen, net de Fall!

Dat ass e ganz groussen an e ganz weesentlechen Ënnerschied, Dir Dammen an Dir Hären! Déi lescht Zuele vun den Experte weisen, dass den exponentielle Wuesstum konnt verhënnert ginn, dass den Trend no uewe konnt gebrach ginn. Et ass souguer eng llicht Tendenz no ënnen ze erkennen. An och d'Zuelen aus de Kläranlage weisen den Trend, dass d'Zuele vun den Infektiounen erofginn.

Ze schwaach - jo! -, fir Entwarnung ze ginn. Ze schwaach och, fir och nëmme fir eng kuerz Zäit kënnen u Lackerungen ze denken. Mee ëmmerhin!

De Samschdeg sot d'Madamm Hansen am Radio, dass d'Mesuren net streng genuch sinn, dass d'Mesuren, déi d'Regierung geholl hätt, näischt, „näischt“ huet se gesot, näischt bruecht hätte bis elo an dass se och an Zukunft näischt géife bréngen. D'CSV fuerdt duerfir méi streng Reegelen. Méi streng, méi restriktiv misst dat neit Gesetz sinn. D'Covidgesetz, wat elo verlängert soll ginn, wier allzäit net kloer genuch, net kohärent a virun allem net streng genuch. Dat sinn d'Wierder, dat ass de Wuertlaut vun der Madamm Hansen.

D'Zil vum Gesetz, dat mer haut hei stëmmen, ass jo, dass mer Infektiounen verhënnern, dass u sech esou mann wéi méiglech Leit sech ustiechen. Vun deene Leit, déi bis elo ugestach goufen, ass bekannt, dass grad aus dem familiären Ëmkrees déi meescht Ustiechungen hierkommen, dass et also op privaten a Familijeféieren ass, wou ee sech ustécht.

An duerfir, an ech soen dat elo net hei mat engem bëisen Hannergedanken, mee awer wierklech, an duerfir ass et, reng aus preventiver Siicht an aus epidemiologescher Siicht, schwéier ze verstoen, dass et hei Stëmme gëtt, fir iwwert d'Feierdeeg d'Besich fir Famillje ganz opzemaachen, dass also Leit aus zwou Familien, egal zu wivill Leit, sech elo solle kënnen am Private fir Chrëschttag gesi fir ze feieren. Grad do also, grad do also, wou de Risiko am héchsten ass, do soll elo d'Dier opgemaach ginn, fir dem Virus seng Aarbecht ze erliichteren an esou de Risiko vun Neiinfektiounen nach méi grouss ze maachen!

Leif Kolleeginnen a Kolleegen, et kann een deenen aneren net Inkohärenz virwerfen a se da selwer praktizéieren! Dat ass dee falsche Wee!

■ **Plusieurs voix.** - Très bien!

(Interruption)

■ **Mme Martine Hansen (CSV).** - Zweek plus dräi ass dräi plus zwee!

■ **M. Georges Engel (LSAP).** - An do gesäit ee jo och, wéi schwéier dass d'Kommunikatioun vun de Messagen a vun de Mesuren ass. D'CSV huet et hei um eegene Leif erlieft.

An, jo, Kolleeginnen a Kolleegen, et deet eis all déck, dass mer net kënnen d'Feierdeeg feieren, wéi mer dat gewinnt sinn. Jo, mir géifen alleguer gäre mat eiser Famill ouni Aschränkung feieren. A kee Mënsch ass frou iwwert déi Mesuren, déi mer hei huelen. Mee se sinn awer richtig!

An et ass natierlech och net esou, dass elo Chrëschttag ofgesot ginn ass, wéi een op verschidene Plaze liest, oder dass Chrëschttag elo gestuerwe wier an dass een elo seng Famill net méi dierft invitéieren. Also déi, déi sech op deen doten Niveau vun der Diskussioun erofsetzen, déi maache sech keen Déngscht an déi diskreditéiere sech selwer a si diskreditéieren och déi 410 Familljen, bei deene Chrëschttag een um Dësch feelt, wou eng Plaz um Dësch eidel bleift. 410 Familljen, fir déi et kee schéine Chrëschttag gëtt!

A si diskreditéieren och alleguer déi, déi Dag fir Dag, Nuecht fir Nuecht an de Spideeler op den Intensivstatiounen an an den Altersheimer ëm d'Liewe vun deene kämpfen, déi krank sinn, ob duerch Corona oder net. An dat ass net seriö, ...

■ **Une voix.** - Très bien!

■ **M. Georges Engel (LSAP).** - ... wann een esou eppes hei seet.

■ **Plusieurs voix.** - Très bien!

■ **M. Georges Engel (LSAP).** - Eng Remark zu der Zuel vun de Better, déi och ëmmer erëm hei opkënn. D'Zuel vun de Spidolsbetter, an ech soen et elo nach eng Kéier, ass net, wéi ëmmer um Radio an och emol heibanne fälschlecherweis vun der ADR behaupt gëtt, erofgaangen. D'Zuel vun de Better ass vun 2.846 op 3.107 Better an d'Luucht gaangen. 261 Better méi! Ee fir alle Mol, schreift lech dat op, fir dass Der net nach eng Kéier do-bausse ronderëmziele gitt, dass d'Zuel vun de Better erofgaangen ass, well dat ass eng Onwourecht. An déi Leit, déi d'Onwourecht soen, Dir wësst jo, wéi een déi nennt. Dat passt zwar gutt an den Narrativ vun där Partei: „Déi aner maachen alles falsch!“, mee zur Besserung vun der Situatioun dréit dat, wéi esou viles, wat déi Partei do och seet, näischt bái.

Dir Dammen an Hären, mir wëllen hei jiddefalls, dass Der alleguerten och d'nächst Joer net nëmme Chrëschttag, mee och déi vill aner Deeg am Joer, déi et derwäert sinn, gefeiert ze ginn, kënn zesumme mat Äre Léifste feieren an net de Risiko laaft, lech ënnerneen unzestiechen an dann och nach mat de Konsequenze vun esou enger Ustiechung, déi zum Doud féiere kann, musst liewen: mat der Schold, ee vun Äre Léifsten ugestach ze hunn. An ech kann lech soen: Ech war selwer positiv getest ginn. An déi gréisste Suerg, déi ech hat, war, dass ech een ugestach hätt an dass ech engem Schued domadder gemaach hätt. Dat war meng gréisste Suerg! An dofir, wann Der Är Famill gären hutt, da feiert dëst Joer am klengen Kader an haalt lech un d'Restriktiounen. An och dat ass en Akt vu Solidaritéit mat deenen, déi am meeschten ënnert dëser Pandemie leiden.

■ **Plusieurs voix.** - Très bien!

■ **M. Georges Engel (LSAP).** - D'Gestioun vun der Pandemie ass e permanenten Drotseelakt. Et ass e permanent Ofweien: Wivill Aschränkung vu Fräiheeten ass richtig, ass néideg, ass vertriedbar? D'Beispill vun enger Partie vun eisen Nopeschlänner weist, dass och méi radikal Mesuren net onbedéngt ëmmer méi séier an och besser un d'Zil féieren. Well déi Kollateralschied, déi riskéieren dann awer och, enorm ze sinn. Sozial, psychesch an och ekonomesch.

Lëtzebuerg geet säi Wee, sou wéi mer schrittweis en Deconfinement gemaach hunn. Mir kucken och bei den Aschränkungen, mat Mooss a Verstand virzegoen an all Kéier ze evaluéieren, wou mer sti mat den Neiinfektiounen, mam Profill vun deene betroffene Persounen an och mat de Spidolsbetter. Mir huelen eis Zuelen, well et och déi eenzeg sinn, déi an eiser Situatioun richtig sinn an déi eiser Situatioun och gerecht ginn. An dat sinn net d'Zuelen an dat sinn och net d'Moossname vun eisen Nopeschlänner, vun Däitschland, Frankräich an der Belsch. All Land huet nämlech seng speziell Situatioun an och seng Spezifizitéiten. A mir leie mat den Nopeschlänner jo och net esou wäit auserneen. Dat muss een och emol eng Kéier soen.

Mir maachen hei zu Lëtzebuerg all Dag e Monitoring vun eiser Situatioun, schléissen dofir och näischt aus, ginn eis déi néideg Zäit, déi mer brauchen. A wa mer eis mussen an enger Woch heibannen erëmginn, da muss mer dat maachen. Lëtzebuerg kuckt, wat déi aner Länner maachen, mee hält virun allem déi eege Situatioun fest am Bléck a reagéiert gemeiss par rapport zu deem, wat hei geschitt.

Jo, mir mussen eis Situatioun virun allem an de Spideeler am A behalen, well mer do un d'Limite stoussen. D'Zuele si stabil, awer op engem héijen Niveau. Si gi licht erof, awer net séier genuch. Si mussen onbedéngt weider erofgoe fir ze verhënnern, dass d'Gesondheetsversuergung iwwerlaascht

gëtt an aner wichteg Traitementen net méi kënnen garantéiert ginn! An dofir och d'Verlängerung vun dëse Restriktiounen, mat enger Upassung ënner anerem, wéi virdrun och scho gesot ginn ass, an de Centre-commercialen.

Dofir ginn et och keng Lackerungen iwwert d'Feierdeeg - esou déck et jiddwerengem och deet -, well mer soss géife riskéieren, zwou Wochen drop d'Rechnung presentéiert ze kréien. An dat dierf dach heibanne kengem egal sinn. Grad elo an iwwert d'Feierdeeg ...

(Interruption)

... muss mir an déi ganz Populatioun eis bewosst sinn, dass mer de Moment an engem ganz prekären Equilibre sinn, dee ganz séier nees ka kippen, an dass mer eventuell och mussen méi wäit goen, falls sech sollt erweisen, dass dat néideg ass.

An dofir nach emol e waarmen an en dréngenden Appell: Et ass net de Moment fir ze froen: Wat dierf ech nach? A wéi kann ech d'Aschränkungen hei ëmgoen? Et geet drëms, all Kontakt ze evitéieren. All Kontakt, deen net onbedéngt néideg ass! A wa se wierklech onbedéngt néideg sinn, dann iwwerleet lech och iwwert d'Feierdeeg, wéi Dir de Risiko esou niddreg wéi méiglech kënn halen, doduerch dass Der d'Zuel vun de Leit, déi zesummekommen, esou niddreg wéi méiglech haalt, doduerch dass Der Masken undot, doduerch dass Der Distanz haalt an doduerch dass Der léift. An am beschten alles zesummen.

Ech soen lech Merci fir d'Nolauschteren an ech ginn den Accord zu dësem Gesetz.

■ **Plusieurs voix.** - Très bien!

■ **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci villmools, Här Georges Engel. Nächste Riedner ass déi honorabel Madamm Josée Lorsché. Madamm Lorsché, Dir hutt d'Wuert.

■ **Mme Josée Lorsché (déi gréng).** - Här President, leif Kolleeginnen a Kolleegen, allze gär géif ech och elo zu engem Projet de loi schwätzen, dee sämtlech Moossname géif opheien. Mee dat ass net méiglech, well wann ee sech déi aktuell Infektiounszuelen ukuckt, da muss een nämlech feststellen, dass deen éischter bescheidene Lockdown - méi oder manner bescheiden, en ass net ganz kleng -, dee mer virun dräi Woche gestëmmt hunn, dann awer och just e bescheidenen Impakt huet.

Zwar ass et gelongen, an dat wëll ech och betounen, dass den exponentiellen Ustig vun den Infektiounen gestoppt konnt ginn. Dat heescht, den Trend ass kloer gebrach ginn, an dat ass och ganz positiv. Allerdéngs hunn d'Zuele sech op engem ze vill héijen Niveau stabiliséiert, fir dat mir op Moossname kéinte verzichten. An och wa bei den Intensivbetter nach genuch Sputt fir weider Patienten iwwreg bleift, esou därft et net dozou kommen, dass d'Noutopnam, d'Dialys, d'Onkologie, d'Traumatologie a liewenswichtig Chirurgien oder Ënnersichungen op der Streck bleiwen. Woubäi ee muss bedenken, dass de Mueren um Radio gesot ginn, dass d'Zuel vun de Patienten, déi op den Intensivstatiounen leien, op 50 geklommen ass. Dat sinn der eefel méi a kuerzer Zäit. Ëmmer méi bedenklech gëtt och d'Zuel vun de Stierfäll, virun allem bei eelere Leit, op déi ech nach herno wëll zréckkommen.

Alles dat, Dir Dammen an Dir Hären, ass Grond genuch, fir um Ball ze bleiwen an déi physisch Interaktiounen weiderhin anzueschränken. Wuel wëssend, dass si d'Quell vun all Ustiechung sinn. An dat ass och de Grond, firwat mir dëse Projet de loi stëmmen. Sollt sech dann erausstellen, dass déi sanitär Situatioun sech séier, stabil an duerchgeeënd verbessert, kënn mir natierlech all zesummen opooten. Sollt sech awer erausstellen, dass déi sanitär Situatioun an de Spideeler net méi gerabel gëtt, da mussen mer déi néideg Konsequenzen zéien an d'Moossname leider nach verschärfen, wat et vläicht och géif erlaben, e weineg méi Kohärenz an d'Krittären ze bréngen.

Dir Dammen an Dir Hären, jo, et ass richtig, dëse Projet de loi ass grad wéi seng Virgänger net perfekt, well d'Moossnamen effektiv net an allen Hallsichte kohärent sinn. Virun dräi Wochen hunn ech op eis Bedenken higewisen. An dozou stinn ech och nach haut!

Am Numm vun der grénger Fraktioun betounen ech awer och nach eng Kéier haut, dass dëse Projet de loi trotz senger Imperfektion néideg ass, well „d'Gesondheet vun de Mënsche méi wichteg ass wéi d'Perfektion vun engem Gesetz“. Woumat ech d'CSV International zitéieren, déi bedauert huet, dass d'CSV National de Projet de loi vun der leschter Kéier net gestëmmt huet.

■ **Plusieurs voix.** - Très bien!

■ **Mme Octavie Modert (CSV).** - Mir stelle fest, dass Dir der Regierung hir Gesetzer net perfekt fannt!

■ **Mme Josée Lorsché (déi gréng).** - Mir stëmmen dëse Projet de loi, éischstens, well déi sanitär Sécherheet eng Grondmissioun vun eisem öffentliche Gesondheetssystem ass a well mir dës Missioun ganz kloer ënnerstëtzen. Zweetens awer och, well

mir de Gesondheetssektor a säi Personal, seng Belegschaft méi wéi jee virun der Iwwerbelaschtung mussen schützen. Dat ka just geléngen, wann déi physisch Interaktiounen ageschränkt bleiwen, wat jo mat dësem Projet de loi, eng zweete Kéier souzosen an der Verlängerung ugestriift gëtt. Dat ass fir eis den Hauptpunkt.

Grad wéi seng Virgänger ass en aus der sanitärer Nout eraus entstan an e bréngt och keng gréisser Ännerung mat sech. Déi eenzeg Ännerung besteet jo doran, dass déi grouss Geschäftszentren an Zukunft e sanitäert Konzept mussen opstellen an dëst Konzept vun der Santédirektioun ofseene mussen loosson. Dat bedeit ganz sécher eng Verbesserung nom onverantworteleche schwaarze Freideg, deen dräi Deeg gedauert huet.

Spéitstens de 15. Januar leeft de Projet de loi dann aus. An dat begrësse mir och ausdrécklech. Domat wëll ech net soen, dass mer prinzipiell géint längerfristeg Moossname sinn, fir d'Pandemie ze bekämpfen, ganz sécher net, oder eeben, dass mer am ëmgedreite Sënn dovun ausginn, dass eist Land nom 15. Januar vum Covid befreit ass. Dat ganz sécher och net! An dat wier och naiv.

Mir begrëssen dës kuerz Mise en vigueur aus deem einfache Grond, well mer der Meenung sinn, dass et am Hibleck op d'Zukunft, op déi follgend Méint a vläicht Joren, net méi duergeet, eebe mat méi oder manner klengen oder grouse Moossnamen hin an hier ze hantéieren, ouni méi wäit ze kucken. Am Hibleck op d'Zukunft mussen mer eis, éischstens, mat der Fro beschäftegen, a wéi enger Gesellschaft mer wëlle liewen zu Lëtzebuerg, awer och an anere Länner. An zweetens, wéi mer an den nächste Méint mam Virus ëmgoe mussen, fir der Gesellschaft méi Stabilitéit ze bidden. Wuel wësend, dass de Virus eis nach eng gutt Zäitche wäert begleeden. An da stelle sech fundamental gesellschaftspolitesch Froen.

D'Zwéckmillchen, Dir Dammen an Dir Hären, mat där mer eis bei fräiheitsaschränkende Moossnamen nämlech séier konfrontéiere mussen an iwwert déi mer eis och Gedanke maache mussen, weist sech beispillsweis an der aktueller Situatioun. Am Géigesaz zum éischte Lockdown, wou kuerzerhand alles zougemaach ginn ass a wou d'Kohärenz schonn eleng duerch eng generell Schléissung erreecht gi war, befanne mer eis haut a vill méi enger heikeler gesellschaftlecher Situatioun; an dat net nëmmen zu Lëtzebuerg, mee och a villen aneren Demokratien, déi sech och mat de Covidregele mussen auserneesetzen an déi dat och maachen.

Déi heikel Situatioun ass déi, dass den aktuellen Deel-Lockdown den Alldag am Fong vum Netalldag trennt. Erlaabt bleiwen Akafen, Schaffen a Schoul an donieft och dat schnell lesse fir matzehuelen. Doriwwer eraus dierfen d'Mënsche sech dags-iwwer fräi an der frëscher Loft beweegen, wat grad wéi d'lessen e Grondbedierfnis vun all Mënsch ass.

Alles anescht rutscht a ville Länner - ech schwätzen elo net just vun eiser Situatioun, et ass europawäit -, alles anescht rutscht an d'Kategorie vum net néidegen of an domat och an d'Kategorie vum einfache Fräizäitspaass. Dat ass net nëmme problematesch, well héichkaräteg kulturell Projekte beispillsweis ënner e Begrëff wéi Fräizäitspaass oder iwwerflësseg Ënnerhaltung falen. Et ass, wat d'Kultur betrëft, doudsécher net esou, dass se just vu Subventiounen ka liewen. Dës Approche ass virun allem awer problematesch, well se de Mënsch an Zweek deelt: an zwar an en onentbierlecht Aarbechts- a Konsumwiesen engersäits an e geféierlecht an ustiechend Fräizäitwiesen anersäits.

Ënnert dem Virwand, liewen ze schützen, beschneit d'Gesondheetspolitik vu ville Länner - net nëmme Lëtzebuerg, wuel bemierkt - op déi Manéier d'Grondreicht vun de Mënschen op kulturell Produktiounen an op d'Participatioun um kulturelle Liewen. Domadder erkläre se d'Liewen, wat sech jo néierens méi intensiv an nuancéiert ausdréckt wéi an der Kultur, selwer zum Doud oder zu enger Zort virzäiteger Leichenstarre. Dir Dammen an Dir Hären, dat Bild kënn net vu mir, mee vum Journalist Michael Stalknecht aus der „Neue Zürcher Zeitung“. Dës Diskussioun gëtt also och an der Schwäiz gefouert. An net nëmmen do. An och mir solle se féieren.

Dir Dammen an Dir Hären, mat deem zimmlech iwwerspëtzte Bild vum Schwäizer Journalist ënnerstellen ech eiser an anere Regierunge kengerlee béis Absicht géint d'Gesellschaft oder géint d'Kultur am Speziellen. Ganz am Contraire, d'Ënnerstützung ass generell immens grouss an ass nach méi grouss ginn an der Lescht.

Als gréng Fraktioun si mer awer der Meenung, dass mer eis am Hibleck op d'Zukunft méi intensiv mat gesellschaftspolitesche Froen wéi dësen an aneren auserneesetze mussen.

Well spéitstens wa mir eis d'Entwécklung an anere Länner ukucken, da wësse mer, dass weeder e strenge Lockdown nach e Wellenbrecher-Lockdown nach e klengt Einmaleins u Moossnamen dauerhaft Resultater bréngen. Wou ech awer och wëll bemier-



ken, datt eenzel Liichtblécker sech an der Welt mëttlerweil bemierkbar maachen. Wëll soen, all dës Moosnamen hunn zwar eng méi oder manner grouss Wierkung fir eng gewëssen Zäit, se schafen d'Pandemie awer net definitiv aus der Welt. Jiddwerfalls konnt dat nach net bewise ginn.

An där Hisiicht ass Lëtzebuerg keng Insel, och wa mir eis eege Situatioun hunn an eis eegen Zuelen, dat stellen ech net a Fro. Mir mussen awer dovun ausgoen, datt mer grad wéi aner Länner weiderhi plus ou moins mam Virus wäerte konfrontéiert sinn, egal wéi eng Moosname mer haut decidéieren.

Quitte datt de Vaccin de Wee an d'Normalitéit zum Gléck vereinfacht, wäert et trotzdem nach eng Zäitchen daueren, bis en an der néideger Quantitéit a Qualitéit disponibel a flächendeckend uwendbar wäert sinn. Op de Vaccin als kuerzfristegst Wonnermëttel däerfe mer eis also net verloossen. An ech mengen, dat wësse mer alleguer. Also musse mer ee fir allemol léieren, mam Virus ze liewen.

Dir Dammen an Dir Hären, mir musse léieren, mam Virus ze liewen. Wann ech mech gutt erënneren, ass dee Saz scho méi oft op dëser Plaz geäussert ginn. An dat souwuel vu Regierungssäit wéi och vun enger Rei Deputéierten aus alle Reien. Souguer schonn direkt am Ufank vun der Pandemie viru ville Méint. Wann et dann awer drëms geet, e Liewe mam Virus konkret ze beschreiwen, da gëtt et méi komplizéiert an da scheede sech d'Gesichter, souwäit se sech iwwerhaapt nach dozou äusseren. Fir eis steet jiddwerfalls eppes fest, an zwar datt et am Kampf géint de Virus oder eeben am Liewe mam Virus net däerf drëms goen, den technokratesche Maximum erauszuschloen an aus de fräie Bierger déi perfekt Pandemiebieger ze maachen.

D'Zil muss et éischter sinn, de Maximum vun deem erauszuschloen, wat ee vun engem Mënsch sengem Verantwortungsbewusstsein erwaarde kann a wat een dem Mënsch mat all senge Mängel a Bedierfnisser zoumudde kann. Dëst ëmmer op Basis vu senge fundamentale Rechter a Flichten. Dat ass dat eent. Dat anert ass, datt d'Moosnamen nëmmen nohalte wierken, wann d'Mënsche se verstinn a fräiwëlleg befollegen. Wa se souzesoen zur Routine ginn.

Dir Dammen an Dir Hären, dat gëllt ëmsou méi, well verschidden Unerdnungen, wéi zum Beispill déi vun de Kontaktbeschränkungen am Privatberäich, sech net dauerhaft iwwerwaache loossen. Fräiwëllegkeet setzt awer Verständnis a Berechebarkeet viraus. An déi gëllt et, an den nächste Méint ze schafen. An dat wäert d'Regierung och maachen.

Verständnis a Berechebarkeet erreeche mer net, wa mer d'Gesellschaft am Däiwelskrees tëscht Op- an Zoumaachen, tëscht Fräiheet an Aschränkunge gefaangen halen. Verständnis a Berechebarkeet kënnen mer awer erreechen, Dir Dammen an Dir Hären, wa mer eis eebe grad eng Strategie ginn, déi net méi nom Prinzipium vum Stop-and-Go funktionéiert. Dëse Stotterbremssystem, wéi en am Ausland genannt gëtt an och analyséiert gëtt, huet bewisenermoossen e Jo-Jo-Effekt a riskéiert, eis Gesellschaft mat der Zäit ze zermürben. Dat heescht, wat e méi laang dauert, wat de sozialen, demokrateschen a wirtschaftleche Schued méi grouss gëtt. Doriwwer eraus däerf och net Angschtmaacherei geholl ginn, fir ondemokratesch Methoden ze legitiméieren, wat zu Lëtzebuerg net gemaach gëtt.

Dat heescht net, datt mer de Virus an d'Gefor, déi vun him ausgeet, sollen ignoréieren. Et heescht ganz kloer, datt d'Angscht e schlechte Beroder ass. Laangfristeg kann de Kampf géint d'Pandemie an eisen Aen eenzeg an eleng mat der Vernunft, der Wëssenschaft, der Recherche an der Uwendung vu verfassungsrechtleche Prinzipie gewonnen ginn.

Dir frot lech bestëmmt: Wat heescht déi schéin Theorie, déi ech elo hei presentéieren hunn, dann elo konkret? Fir eis als gréng Fraktioun ginn et eng ganz Rei Pisten. Virun allem déi, éischstens, datt de Schutz vun den eelere a vulnerabele Persounen erhéicht muss ginn, esou wéi dat och elo geschitt. A mir si frou, datt sech op deem Gebitt an der Lescht ganz viles beweegt.

An ech wëllt och der COPAS e grouse Merci ausdrécken, datt se sech ganz aktiv an déi Matière ageschafft huet an zesumme mam Ministère vun der Santé a mam Ministère vun der Famill nei Konzepter op d'Bee setzt.

Wann ee weess, datt de Gros vun de Covidaffer iwwer 70 Joer al ass an datt en Drëttel vun den Affer net am Spidol stierft, da kann ee sech ausmolen, datt vill Leit an den Alters- a Fleegeheemer stierwen. Laut dem Direkter vun der Santé stierwe ganzer 90 % vun deem Drëttel an dësen Institutiounen, déi sech lues a lues zu engem Coronahotspot entwéckelt haten. Dat war op alle Fall déi grouss Angscht.

Här President, schonn an der Interpellatioun iwwert d'Covidstrategie an den Alters- a Fleegeheemer hunn ech virun e puer Wochen op d'Wichtigkeet vun engem Monitoring a kloere Statistiken an dë-

sem Sektour higewisen. Dat géif erlaben, d'Situatioun nach méi kloer ze analyséieren, dëst verbonne mat der Informatiounsflucht, wat déi sanitär Konzepter a Stierffall ugeet, mee och verbonne mam Engagement vun den Haiser, datt e Schutzkonzept net mat Isolatioun gläichgestallt däerf ginn.

Eeler Mënsche brauchen Interaktiounen mat hirem sozialen Ëmfeld esou néideg, wéi d'Loft fir ze ootmen. Dat heescht, datt all Ofschottung ee grouse Risiko mat sech bréngt, deen net manner geféierlech ass wéi de Covid-19. Et ass deen, datt déi Mënsche sech selwer opginn an ausgi wéi eng Käerz; ech hat et schonn eng Kéier betount. Experte schwätzen an deem Kontext vum Syndrome de glissement, der passiver Verweigerung ze liewen. Dësen Doud gëtt och gären als Mort sociale bezeechent, well en op feelend sozial Interaktiounen zrëckzeféieren ass an net zu enger Gesellschaft passt, déi sech den Numm inklusiv wëll ginn.

Fir de Schutz vun de vulnerabele Mënschen ausserhalb den Heemer zousätzlech ze stäerken, ginn et doriwwer eraus eng Rei konkret Pisten, déi mir och als sënnavoll ugesinn, mee déi nach net alleguer en place sinn. Esou zum Beispill d'Verdeelung vun FFP2-Maske fir Persounen iwwer 70 Joer, déi organiséiert Versuergung vun eelere Leit mat Liewensmëttel a Servicer oder awer reservéiert Plages horaires fir eeler Leit an de Liewensmëttelgeschäfter, wou mer eis den Diskussiounen mam Sektour net verschléissen, mee éischter op sinn, fir déi Pist ze diskutéieren.

Doriwwer eraus sollen och Programmer entwéckelt ginn, déi geduecht sinn, fir den Immunsystem an den Häerz-Longe-Kreeslaf vun de Seniore preventiv ze stäerken, vu datt längst gewosst ass, wéi grouss d'Roll vun deene Systemer beim Verlaf vun der Krankheet ass. Hei bleift ze klären, ob d'Veroeffentlichung vu Vitaminn D tatsächlech en Impakt op d'Ofwier géint de Covid huet oder net. Aner Länner setze sech domat ausernee. An ech denken, mir mussen ofwaarden, wéi eng Resultater d'Forschung do wäert bréngen.

Wat an eisen Aen awer net méi a Fro gestallt däerf ginn a wat och hei net a Fro gestallt gëtt, mee weiderentwéckelt gëtt, ass d'Schnellteststrategie nieft den normale PCR-Tester. Wat dës Tester betrëfft, esou kënnen mer déi reservéiert Haltung vun der EU eigentlech net novollzéien. Se ernnert am Fong un déi kritesch Haltung, déi d'EU och am Ufank vun der Pandemie géint d'Masken ageholl huet. Haut erweisen d'Maske sech als effikasse Schutz a sinn a ville Fäll obligatoresch. Eiser Meenung no kéinten d'Schnelltester jiddwerfalls konsequent als komplemентаart Instrument agesat ginn, fir de Schutz vu vulnerabele Persounen nach ze erhéien.

An deem Kontext begrëisse mir, datt d'Regierung dës Approche deelt an datt mëttlerweil scho Schnelltester um Terrain zur Verfügung gestallt ginn. Dat huet d'Madamm Ministesch eis gëschter an der Santéskommissioun matgedeelt. Dofir e grouse Merci.

Ass et eigentlech normal, datt jiddwereen, deen am Summer an d'Vakanz wollt fléien, e gratis Test konnt ufroen, während déi Offer net och deene Leit zegutt koun, déi e Familljemember an engem Heem wollte besichen? Ech stellen déi Fro, well mer eis mussen domat ausernee setzen, wéi mer an Zukunft mat der eelerer Generatioun ëmginn. D'Seniore goufen an hirem Zëmmer isoléiert während aner Leit gratis getest an d'Vakanz konnte fléien.

En zweete konkrete Punkt, deen ech scho virun dräi Wochen ugeschwat hunn, betrëfft déi sougenannte Laangzäitstrategie, déi och schonn hei e puermol zur Sprooch koun an déi ech och schonn déi leschte Kéier ernimmt hunn. Et ass genee déi Strategie, iwwert déi d'Regierung nodenkt, mam Zil, esou séier wéi méiglech op e gréngen Zweig ze kommen. An ech hat och scho virun dräi Woche virgeschloen, datt mer eis an de Kommissiounen doriwwer ënnerhalen, einfach emol fir e konstruktiven Austausch ze hunn, a wéi eng Richtung esou eng Strategie kéint goen. An ech ginn der Madamm Minister vollkomme Recht, wa se seet: „Déi schléit een net aus dem Steen“. An et gëtt och vill Länner, déi do net déi beschten Erfarunge gemaach hunn. Mir sollten awer driwwer nodenken an d'Pisten ausfuerschen.

Ech wëll awer och betounen, datt déi Diskussioun net just d'Santéskommissioun betrëfft, mee eng ganz Rei Ressorten, esou zum Beispill och d'Educatioun, d'Famill, den Transport, d'Kultur, de Mëttelstand an esou weider, well sämtlech Secteure si gefuerdert, fir esou eng Strategie op d'Been ze bréngen.

(Mme Djuna Bernard prend la présidence.)

Inspiriéiere kënnen mer eis dobäi natierlech un den internationalen Erfarungen a Best-Practice-Modeler, déi am Ausland mat Laangzäitstrategië gemaach ginn. Datt déi australesch Stad Melbourne mat hire 5 Milliounen Awunner mëttlerweil covidfräi ass an de Covid souzesoen ausgemäert huet, ass an deem Kontext bestëmmt net oninteressant.

Wichtig ass an deem Kontext awer och, datt all Moosnam dem Proportionalitéitsprinzip esou wäit wéi méiglech gerecht gëtt. Ganz einfach, well mir d'Demokratie an d'Rechtsstaatlechkeet net dauerhaft ausser Kraaft kënnen setzen, sollt d'Pandemie nach Méint och vläicht och Joren unhalen. Mir si keng Hellseeër.

Dir Dammen an Dir Hären, ech kommen zum Schluss an domat och zur Konklusioun, datt dës hartnäckeg Pandemie sech net op Knappdrock ausschalte léisst, esou schéin an esou einfach wéi dat och wier. An och wann de Vaccin do ass, féiert weiderhi kee Wee derlaanscht, en dauerhafte Kampf géint de Virus ze féieren. An dauerhaft, Dir Dammen an Dir Hären, huet och mat Ausdauer ze dinn. An déi brauche mir zu dësem Moment méi wéi jee.

De Premier huet dat beléift Bild vum Marathon benotzt, vläicht well en der scho vill gelaf ass, fir ze ënnersträichen, datt mir vill Ausdauer brauchen.

(Interruption)

■ **Une voix.** - D'Madamm Hansen ass der schonn e puer gelaf.

■ **Mme Josée Lorsché (déi gréng).** - A wa mir bei deem Bild bleiwen, da muss een och wëssen, datt Tëschesprinter a Rhythmuswiessel an engem Marathon ganz geféierlech sinn, well se ermiddend sinn a schlussendlech kontraproduktiv ginn.

■ **Une autre voix.** - Très bien!

■ **Une troisième voix.** - Wat seet d'Leeferin?

■ **Mme Josée Lorsché (déi gréng).** - Besser ass et, e Marathon an engem reegelméissegem Rhythmus ze lafen, op deen de Kierper sech astelle kann an domat och d'Psych. Net anescht ass et awer och am Kampf géint d'Pandemie, wou der Gesellschaft fréier oder spéider den Otem ausgeet, wann d'Moosnamen oft wiesselen an de Mënsch op laang Dauer iwwerfuere.

Dozou wäert et net kommen. An dofir iwwerhuele mir eis Verantwortung zesumme mat der Regierung. A mir wäerten als Koalitioun och derfir surgen, datt aner wichteg Käraufgaben nees méi an de Mëttelpunkt geroen, ouni de Gesondheetsschutz opzeginn.

Eng vun de Käraufgaben, Dir Dammen an Dir Hären, besteet doran, eis fir d'Ursaache vu Pandemien ze interesséieren. An ech denken, mir sinn eis eens, géint déi beonrouegend Entwécklung brauche mir vill méi wéi eng Impfung. Mir brauchen eng nohalteg Politik, déi sech och am Staatsbudget vun dëser Regierung zrëckspigelt.

Domat wëllt ech och dem Rapportier Mars Di Bartolomeo, och President vun der Santéskommissioun, nach eng Kéier e grouse Merci ausdrécke fir seng Gedold an der Kommissioun, déi et erlaabt, datt mer zumindest do konstruktiv zesummeschaffe kënnen, och wann dat heibannen dann net esou de Fall ass. Domat ginn ech den Accord vun der grénger Fraktioun a soen lech Merci fir d'No-lauchteren.

■ **Plusieurs voix.** - Très bien!

■ **Mme Djuna Bernard, Présidente de séance.** - Merci, Madamm Lorsché. An als nächsten ageschriwwene Riedner huet elo den honorablen Här Jeff Engelen d'Wuert. Här Engelen, Dir hutt d'Wuert.

■ **M. Jeff Engelen (ADR).** - Madamm Presidentin, léif Kolleginnen a Kollegen, erlaabt mer fir unzefänken, dem Rapportier, dem Här Mars Di Bartolomeo, en häerzleche Merci ze soe fir säi schrëftlechen a mëndleche Rapport.

Als ADR deele mer d'Suerg vun der Regierung an de Leit dobaussen ëm déi weider héich Zuelen am Ëmfeld vum Covid. A mer sinn der Meenung, datt alles muss gemaach ginn, fir eng Iwwerlaaschtung vun de Spideeler ze verhënneren. Dat si mer net nëmmen de Kranke schëlleg, mee och dem gesamte Personal am Gesondheets- a Fleegegesektour, déi elo scho bis un hir Belaaschtungsgrenz schaffen.

Mir haten eis allerdéngs vun der Regierung méi cibléiert Moosnamen oder Mesuren erwaart a sinn der Iwwerzeugung, datt déi deels drakonesch Moosnamen net ëmmer proportional zur sanitärer Logik sinn.

Den Här Premierminister an d'Madamm Gesondheetsministesch hunn an hirer leschter Pressekonferenz ganz zu Recht op déi Leit verwisen, déi eleng an isoléiert sinn, leider dacks och eeler Leit, an déi grad an der Chrëschtzäit eng grouse Einsamkeet empfangen. Am nämmlechen Otemzuch hu si och op eis Jonker higewisen, op déi de Confinement nowieslech ganz negativ Konsequenzen huet. En Zoustand, deen elo scho Wochen a Méint undauert.

Mir proposéieren als ADR en aneren, e bësse méi e mënschleche Wee, fir duerch dës ganz schweier Zäit ze kommen.

Et ass an deem Sënn fir eis onverständlech, datt d'Regierung mat engem nach méi strenge Lockdown dreet. D'Regierung erkläert, datt si d'Evolutioun vum Infektiounsverlaf bestänneg analyséiert an opgrond vun dësen Analysen hir Decisiounen

hëlt. Si ka bei hiren Analysen awer weínege spezi-fesch Clustere feststellen, wéi d'Gesondheetsministesch selwer sot beim leschte Covidgesetz, an datt och am Horeca-Sektour keen Hotspot wär. Firwat gëtt et do elo e partielle Lockdown, deen elo nach bis de 15. Januar verlängert gëtt?

Grouss Deeler vum Horeca-Sektour sinn no un der Faillite oder virum Zoumaachen op eegen Decisioun. Déi Leit verléieren hir Existenz a lafe Gefor, an d'Aarmut offerzuteschen. Et ass en Hon, wa mer als Politik grad deene Leit elo mussen erklären, datt et eigentlech guer keng wëssenschaftlech Basis gëtt, fir den Horeca-Beräich komplett zouzemaachen. An engem Interview vun e Méindeg huet den Här Lex Delles, de Mëttelstandsminister, op d'Fro, firwat den Horeca-Sektour huet missen zouzemaach ginn, Follgendes geäntwert: « La fermeture décidée par le Gouvernement n'est pas aléatoire, il y avait des raisons bien précises. » Vun deene „raisons bien précises“ sinn allerdéngs d'Leit aus dem Horeca-Sektour näischt gewuer ginn. Ech wëllt an deem Zesammenhang den Här Mëttelstandsminister bieden - ech mengen, e wär net hei, mee da ka jo den Här Staatsminister nofroen -, am Uschloss déi „raisons bien précises“ genee der Chamber ze definéieren.

■ **M. Fernand Kartheiser (ADR).** - Très bien!

■ **M. Jeff Engelen (ADR).** - D'Gesondheetsministesch huet nämlech ëmmer betount, datt den Horeca-Sektour keen Hotspot wär. Mir hunn awer ëmmer méi d'Gefill, datt d'Regierung an där doter Fro iwwerhaapt keng kloer Linn huet a weeder déi léns nach déi riets Hand weess, wat déi aner mécht.

Och de Kultur- an Deeler vum Sportberäich kéinten eiser Meenung no, bei adequate Moosnamen, weider funktionéieren.

Wann d'Regierung awer ouni wëssenschaftlech Grondlag weidermécht, ganz Gesellschafts- an Aarbechtsberäicher stuer widder d'Mauer ze fueren, da wëlle mir si als ADR ganz kloer op hir Verantwortung hiweisen, datt d'Hëllesmoosname fir d'Wirtschaft integral verlängert solle ginn, soulaang et néideg ass.

D'ADR besteet och op hirer Fuerderung, datt de staatleche Lounausgläich fir de Chômage partiel op 100 % gehuewe gëtt, bis zur Limit vum 250 % vum onqualifizéierte Mindestloun, fir Leit iwwer 18 Joer, an dëst am Kader vun dëser Kris.

Madamm Presidentin, ech wollt lech dann och eng Motioun hei ënnerbreeden. Mir hunn elo gesinn, an Däitschland, do kënnit ëmmer méi en haarde Lockdown op. An deen ass annoncéiert ginn. A mir géifen deem awer gären hei am Land entgéintwierken. An deem Sënn deponéieren ech dës Motioun.

Motion 3

D'Chamber vun den Deputéierten :

stellt fest, datt

- Däitschland an haarde Lockdown annoncéiert huet, wou notament och - bis op d'Liewensmëttelgeschäfter - all d'Geschäfter wäerte mussen zoumaachen,

ass sech bewosst, datt

- d'Situatioun am Hibleck op de Covidvirus zu Lëtzebuerg aktuell manner dramatesch ass ewéi an Däitschland,

- en Zoumaache vun de Geschäfter déi betrafte Leit zum groussen Deel an eng Situatioun géif bréngen, wou si ëm hir Existenz fäerte mussen, esou wéi dat elo schonn am Horeca-Sektour leider zum Deel de Fall ass,

fuerdert d'Regierung op,

- keng weider Mesuren ze huelen, déi d'Geschäfter géife forcéieren, hir Diere mussen zouzemaachen.

(s.) Jeff Engelen.

■ **Mme Djuna Bernard, Présidente de séance.** - Merci.

■ **M. Jeff Engelen (ADR).** - Erlaabt mer, lech nach e puer méi grondsätzlech Gedanken zu der Ausgangsspar an den Agrëff vum Staat an déi perséinlech Fräiheete matzedeele oder duerzeleeën.

D'ADR bleift bei hirer Haltung, datt déi dora besteet, datt d'Regierung wuel dat Recht huet, fir am ëffentlechen Raum Moosnamen ze huelen, net awer am Privatlieue vun de Leit. Am private Beräich läit et an der Eegeverantwortung vun de Bierger, fir hiert Liewen a Sécherheet ze organiséieren.

Mir sinn an deem Sënn, wéi ufangs ugeschwat, fir méi cibléiert a manner drakonesch Mesuren. Mir wëssen all, datt d'Mortalitéit beim Covidvirus am héchsten ass bei eisen eelere Matbierger. Grad hei vermësse mer eng gezielte Preventiounspolitik vun der Regierung.

Mir wëssen och, datt d'Ustiechungsgefor am ëffentlechen Transport héich ass. An net méi spéit wéi de leschte Sonndeg sinn eng Rei vu Buslinnen, déi duerch d'Stad fueren, ofgeschaaft ginn. An all déi Passagéier mussen elo an den Tram zesumme klammen. Ee kardinalen epidemiologesche Feeler zu dëser Zäit!



► **M. Fernand Kartheiser** (ADR).- Très bien!

► **M. Jeff Engelen** (ADR).- Firwat gi keng Efforten ënnerholl, fir eisen eelere Bierger zäitweileg e sécheren Individualtransport unzebidden, deen et hinnen erlaabt, hir Kommissiounen ze maachen? Net jidderee ka sech en Taxi leeschten. A mir hunn elo scho Konzepter, wéi zum Beispill den Adapto-Transport, deen een an dëser schwéierer Zäit sécherlech kéint ausbauen. Dat wär eng cibléiert Measure, déi der Sécherheet vun eisen eelere Matbierger Rechnung droe géif.

Madamm Presidentin, mir ginn op Chrëschttag zou, eng Zäit, vun där mir wëssen, datt si fir d'Familljen eng ganz besonnesch Bedeitung huet. Mir bedauern, datt d'Regierung och an der Chrëschtzäit keng Ännerung vun hirer Politik virgesäit, a sief et och nëmmen eng zäitweileg Erliichterung iwwert d'Feierdeeg. Dëst ass ëmsou méi schlëmm, vu datt d'Regierung sech de soziale Konsequenze voll bewosst misst sinn. Souguer am laizistesche Frankräich ass eng Ausnam fir Hellegewend virgesinn! Dës zäitweileg Erliichterung géif sécherlech net zu iwwerfëllte Klinicke féieren a géif eise Matbierger e Stéckwäit d'Gefill vu sozialer Wäermt a familiärer Normalitéit zrëckginn, e Gefill, wat grad an dëser Chrëschtzäit batter noutwendeg wär a wéi soss ni. An och an der Kierch kann a gött de sozialen Ofstand agehalen.

An deem Sënn proposéiere mer der Chamber een Amendement zum aktuelle Gesetz, fir weinstens doheem op verschidden Deeg de Rassemblement vun zwou Persounen maximal opzehiewen. An ech géif lech dann, Madamm Presidentin, ech muss ëmmer kucken ...

Amendement 1

L'article 4. (1) est amendé comme suit :

« À l'exception des 24, 25, 26 et 31 décembre et du 1^{er} janvier, les rassemblements à domicile ou à l'occasion d'événements à caractère privé, dans un lieu fermé ou en plein air, sont limités aux personnes qui font partie du même ménage, qui cohabitent ou qui se trouvent au domicile dans le cadre de l'exercice d'un droit de visite et d'hébergement ou dans l'exercice des résidences alternées, et à un maximum de deux visiteurs qui font également partie d'un même ménage ou qui cohabitent [...]. »

(s.) Jeff Engelen, Marc Baum, Fernand Kartheiser, Fred Keup, Roy Reding.

► **Mme Djuna Bernard**, *Présidente de séance*.- Merci.

► **M. Jeff Engelen** (ADR).- Merci.

Et ass sécherlech och esou, datt, wa mer an de leschte Joren a Joerzëngten eng aner Gesondheetspolitik gehat hätten, wärem mer net op esou disproportionéiert Mesuren ugewisen. Ech erënneren an deem Kontext nach eemol mat der néideger Drénglechkeet un eis ADR-Gesetzespropositioun iwwert d'Spidolswiesen, déi mer virun net emol zwee Méint hei deponéiert hunn, fir endlech deen onsënnege Plaffong bei der Unzuel vun den Akutbeter ze sträichen. Esou wéi dat och an eiser Gesetzespropositioun a ganz kloer juristeschen Terme festgehalen ass, hu mer d'Flicht, d'Ufuerderungen am Gesondheetsberäich endlech un den demografesche Wuesstum unzepassen. Domat komme mer och iwwregens de Fuerderunge vun deene Leit no, déi op deem Terrain schaffen.

Ech erënneren an deem Zesummenhang un den Avis vom Collège médical zum ëmstriddenen LSAP-Spidolsgesetz. Hei hu mer als ADR Léisunge proposéiert. A mir sollen och elo eiser Verflichtung no kommen an dat ëmsetzen. Ech wëll dem Här Georges Engel, en huet mir jo virdrun, oder der ADR gesot, mir géife mat falschen Zuelen operéieren a puncto Spidolsbeter. Ech wëll drop hiweisen, datt mir dat net gemaach hunn! An dat, wat mer nach ëmmer gesot hunn, hu mer haut nach eng Kéier widerholl. An 2010 hate mer 2.821 Beter. Dat mécht 5,6 Beter op 1.000 Awunner. An 2019 hate mer 2.659 Beter. Dat sinn 162 Beter manner! An dat si 4,3 Beter op 1.000 Awunner. Dat kënn Der all noliesen an dat hu mer net erfionnt an dat ass net falsch! Dat steet am Bichelche vum Stateg, publizéiert am Joer 2020, op der Säit 19.

Ech wëll dat emol ee fir allemol soen, wann ëmmer gesot gëtt, mir géife mat falschen Zuelen an Onwourecht operéieren, datt dat der Wourecht net entsprécht.

Et ass, denken ech, evident, wann ee vun uewen erof diktiert, dat gesamt Sozialliewen op Äis ze leeën, ... D'Bedierfnis vun de Leit ass awer risegrouss, fir endlech erëm kënnen zu der Normalitéit zrëckzefannen. An deem Sënn riichte vill Leit hir Hoffnung op eng effizient Impfstategie, allerdéngs solle mer och hei Kloertext schwätzen an de Leit kee Sand an d'Ae streeën.

Mir hunn et zumindest bei engem vun de virausiichtlech zu Lëtzebuerg zougeloussenen Impfstoff mat enger vëlleg neier Technologie ze dinn, déi nach ni um Mënsch ausprobiéiert gouf. Mir hunn extreem verkierzten Zouloossungsprozeduren, mir wëssen näischt iwwert d'Niewewierkungen a

Schied bei bestëmmte Bevölkerungsgruppen, wéi zum Beispill bei schwangere Fraen, bei eelere Leit an esou weider.

Ech wëll hei ganz daitlech erwänen, datt déi Risiken, op déi mer als ADR ëmmer opmierksam gemaach hunn, och vun de féierende Kapp aus deem Beräich gedeelt ginn. D'Directrice vun der Agence européenne des médicaments huet kloer betount, datt d'Europäesch Unioun fir eng sécher Zouloossung vu Medikamenter an Impfstoffer vill méi strikt Virsiichtsmoosnamen a Reegelunge bräicht. Pharmacovigilance ass an deem Kontext e wichtegt Stéchwuert, an dat zu Recht.

Net méi spéit wéi leschte Freideg konnt een an den Norichten um Radio héieren, datt dee geplangte gemeinsamen Impfstoff vun de Firma Sanofi a GlaxoSmithKline net wéi geplangt Ufank vum nächste Joer op de Marché komme kéint, well déi klimesch Etüd wäit aus manner gutt ausgefall wär, wéi ee sech dat erwaart hätt.

Als ADR si mir keng Impfgéigner, dat wär net verstänneg an et géif och dem historesche Merite vun den Impfungen op déi kollektiv Vollekgesondheet net gerecht ginn. Och am Hibleck op de Covidvirus lafen aktuell ganz villversprechend Fuersungen. Allerdéngs ass et un eis Vollektivvertrieeder, d'Bevölkerung op transparent Manéier op méiglech Geforen opmierksam ze maachen. Mir kënnen aktuell nun emol potenziell Niewewierkungen a Geforen net ausschleissen, a well mer dat net kënnen, dāerf op kee Fall vun uewen erof, sief dat vun der Regierung oder am Kader vun engem Aarbechtsverhältnis an esou weider, direkten oder indirekten Drock op d'Bierger ausgeübt ginn, fir sech impfen ze loossen.

D'Iwwerleeungen, wéi se aktuell an Éisträich gemaach ginn, fir Leit finanziell ze belounen, déi sech impfe loossen, leene mir strikt of. Sozial schwaach Persounen kéinten esou an enger éischter Phas als eng Aart Versuchskanéngche mëssbraucht ginn, fir deene Leit, déi an enger finanziell méi komfortabel Situatioun liewen, eng zousätzlech Sécherheetsfrist ze garantéieren. Dëst widderpricht eisem Bild vun der Dignitéit vum Mënsch, dat mir als ADR hunn, fundamental. D'Coronazäit ass eng gesellschaftlech Zerräissprouf an et ass sécherlech net un der Zäit, sozial Spannungen nach onnéideg ze féerden.

A well de Corona, a Bezuch op Ëmgang an Ausbreedung, nach net bis an de leschten Detail wëssenschaftlech erfuerscht ass, si mir an der Politik nach mat eppes konfrontéiert, dat et ons schwéier mécht, Decisiounen ze huelen. Op där enger Säit hu mer Virologen an Epidemiologen, déi nach méi schaarf politesch Mesurë fuerderen, an op där anerer Säit vun där selwechter Berufsgrupp hu mer Leit, déi just e Schutz fir Risikogruppe fuerderen. Et ass dëst e Phenomeen, dat een an der Politik méi dacks begéint, wa Wëssenschaftler sech diagonal géintiwwer stinn.

Här President, Léif Kollegeinnen a Kollegen, mir duerchliewe grad all e schwierige Moment. Grad awer an dësen Zäiten ass et wichteg, och deene Leit, déi net mat enger grousser Famill a ville soziale Kontakter geseent sinn, d'Gefill ze ginn, datt si dës schwéiere Moment net aleng duerchliwen. Déi feierlech Chrëschtzäit mam noutwege gesellschaftlechen Austausch ass de soziale Kit fir eist Zesummeliewen, wéi och eng ofgeséichert finanziell Liewensbasis vun all Bierger - dat ass och d'Grundlag vun engem friddlechen Zesummeliewen. Duerch déi aktuell Politik riskéieren elo vill Leit, béides ze verléieren, an dat ouni eng sënnvoll medezinesch Grundlag. Déi aktuell Politik dréit dee Gedanken, deen een a schwéieren Zäiten zesummenhale soll, ëm 180 Grad. Mir beweegen eis nach méi wäit fort.

Well dëst Gesetz a senger Gesamtheit déi viereg Gesetzter iwwerhëlt, kënnen mir dëst net stëmmen. Well d'ADR ass dergéint, datt d'Agrëffer an d'Privatsphär vun de Leit, d'Liberté de commerce, d'Versammlungsfreiheet oder och nach aner an der Verfassung geschützte Grondrechter hei an der Chamber mat enger klenger Majoritéit vun 31 Deputéierte kënnen gestëmmt ginn. D'ADR schafft derwéinst u legislativen Initiative fir festzeleeën, datt fir all Agrëff an d'Grondrechter, déi an der Verfassung verankert sinn, op d'mannst eng Zwee-Drëttel-Majoritéit an der Chamber néideg ass.

Prinzipiell ass d'ADR der Iwwerzeegung, datt de Staat net an d'Privatsphär vun de Bierger agräife soll an datt hien déi constitutionell Grondrechter a Fridenzäite wa méiglech iwwerhaapt net dāerf aschränken. Ausnamen dozou mussen extreem gutt begrënnt sinn an duerch eng Zwee-Drëttel-Majoritéit an der Chamber decidéiert ginn, a si mussen der Kontroll vum Verfassungsrichteër ënnerleien.

Wéi och an anere Politberäicher steet d'ADR fir eng Politik mat Härz a Verstand: De Verstand mussen mer hunn, fir déi noutwendeg Moosnamen ze treffen, fir dem Covidvirus Meeschter ze ginn, an d'Härz mussen mer weisen, wann et drëms geet, a schwéieren Zäite sozial isoléiert Leit net op der Streck ze loossen a weiderhi grad an dëser

Chrëschtzäit déi sozial Wäermt um Liewen ze halen. Dat eent schléisst dat anert net aus, dat huet d'ADR an der rezenten Vergaangenheet duerch konkret Proposen daitlech gemaach. De Chrëschtgedanken ass ee Gedanke vun Hoffnung, dee grad an dësen Zäite fir jidderee vun eis muss spierbar bliwen.

Do derbäi kommen nach eenzel onlogesch a medezinesch Onstëmmegkeeten. Besonnesch hält d'ADR déi nei Agrëffer an d'Privatsphär vun de Bierger fir disproportionéiert, dat am Verglach zum öffentleche Raum.

Ech géif lech Merci soe fir Är Opmiersamkeet.

► **M. Roy Reding** (ADR).- Très bien!

► **Mme Djuna Bernard**, *Présidente de séance*.- Merci, Här Engelen. An als nächsten ageschriwene Riedner huet den honorabelen Här Marc Baum d'Wuert. Här Baum, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Marc Baum** (déi Lénk).- Merci, Madamm Presidentin. Zënter elo zwee an engem hallwe Mount, also zënter dem Ufank vun där neier zweeter grousser Well, diskutéiere mer hei an der Chamber iwwer Mesuren oder Netmesuren, déi ee soll huelen, fir mat där Situatioun eens ze ginn, fir ze kucken, Mënscheliewen ze retten, Leit ze schützen an eventuell och sozial an ökonomesch Krisen, déi domadder verbonne sinn, ze kompenséieren. An d'Meenunge sinn och an deenen zwee an engem hallwe Mount ëmmer erëm ausernaner gaangen. Et sinn eng ganz Rëtsch Propose gemaach ginn vu verschiddene Parteien; et si ganz vill Meenungen, Haltungen geäussert ginn an der Zivilgesellschaft zu deenen eenzelne Mesuren; a wa mer elo, zwee an en hallwe Mount méi spéit, dorobber zrëckkucken, da muss ee sech mat der Situatioun vun haut befaassen.

An déi Situatioun vun haut, déi ass net schéin. Mir sinn op engem Niveau vun Neiinfektiounen pro Dag, deen ongeféier den Niveau huet wéi Enn Oktober, zimmlech genau dee vum 25. Oktober. Mir hu ganz héich Doubeszuelen, mir si konfrontéiert mat enger reeller Sumortalitéit an deene leschte Wochen a Méint. Eis Capacitéiten, fir géint de Virus virzegoen, nämlech déi Strategie, déi mer am Juni/Juli hei gestëmmt hunn - nämlech testen, tracen an isoléieren -, huet hir Hicke kritt, huet Retarde kritt an huet domadder un Effikassitéit verluer, dat heescht, eis gesellschaftlech Ofwiersystemer si ganz staark geschwächt ginn. An net zulescht, an dat ass mengen ech dat entscheidend, d'Situatioun an de Spideeler huet sech an där ganzer Zäit net verbessert, mee am Géigendeel souguer nach verschlechtert: Mat entretemps 50 Leit, déi weinst Covid op der Intensivstatioun leien, hu mer gëschter en neien traurege Rekord erreecht.

An et ass wouer, datt d'Situatioun zu Lëtzebuerg an der zweeter Well méi beonrouegend ass wéi an eisen Nopeschlänner. Ech mengen, datt dat wichteg ass, datt mer do och mussen draus léieren, well mir mussen eis d'Fro stellen: Wéi hu mer an der éischter Well reagéiert, a wat hu mer do richtig gemaach? A wéi reagéiere mer an der zweeter, a maachen et vläicht falsch par rapport zu eisen Nopeeren?

Et ass awer och richtig, an dat gehéiert och zur ganzer Wourecht, datt mer am Moment eng llicht, eng ganz llicht bescheiden Tendenz no ënne ginn: souwuel an de Kläranlagen, wat d'Verbredung, déi allgemeng Verbredung vum Virus ugeet, wéi awer och d'Zuel vun den Neiinfektiounen, déi ganz llicht erofgeet an deene leschten Deeg, respektiv och d'Zuel vun deenen aktiven Infektiounen, déi an deene leschten zwou, dräi Woche ganz bescheiden erfogaangen ass - awer esou bescheiden erfogaangen ass, datt ee muss soen: Dat Zil, wat sollt erreecht ginn zënter dem éischte Gesetzestext vum 29. Oktober, wou de Couvre-feu agefouert ginn ass, dat Zil ass net erreecht ginn. Eis Spideeler sinn net entlaascht, am Géigendeel! D'Situatioun ass haut net besser wéi Enn Oktober.

(**M. Fernand Etgen reprend la présidence.**)

De 25. November, wéi dunn eng Rallonge komm ass, wéi nieft dem Couvre-feu och nach agefouert ginn ass, datt d'Cafée sollte zoumaachen, a weider Restriktiounen am private Beräich sollte kommen, dat huet eis net zu där vu jiddwerengem vun eis erhoffter Entlaaschtung gefouert. Ech mengen, ganz vill Deputéierte setzen tèschent fénnef a sechs virum Computer a waarden drop, datt déi nei Resultater kommen an der Hoffnung, datt sech endlech dat realiséiert, wat mer alleguer wëllen: nämlech datt d'Zuel vun den Neiinfektiounen erfogee.

A mir mussen feststellen - an dat ass einfach eng objektiv Feststellung -: Wéi een och an der Vergaangenheet zu deene Mesurë gestanen huet, se hunn net gegräff! Et gëtt gesot, se hätten déi exponentiell Entwécklung eventuell verhënnert - mee och dat ass ganz hypotheetesch, well ab deem Moment, wou dat éischt Gesetz mam Couvre-feu den 29., 30. Oktober a Kraaft getrueden ass, war eréischt zwee Deeg drop de Pic vun Neiinfektiounen op enger Siwen-Deeg-Moyenne erreecht ginn. Dat heescht, et

war net déi Measure vum Couvre-feu, déi déi Well wierklech gebrach huet. Alles dat mussen mer eis virun Ae féieren!

An elo hu mer dann dëst Gesetz, e Gesetz, wat eng Verlängerung virgesäit vu Mesuren, déi net weesentlech gehollef hunn - dat mussen mer einfach esou feststellen! A wat maache mer dann? Mee mir verlängeren déi Mesuren, wou mer bis elo just ganz bescheide Resultater gesinn hunn, a mir maachen eng eenzeg weider Measure derbäi: Nämlech déi, datt d'Centre-commercialen obligéiert ginn, e Protocole sanitaire opzestellen, an datt d'Consommation ënnerhalb vun de Centre-commercialen net méi an de Galerie-marchandé ka stattfannen.

Dat heescht, dat wat mir als Lénk och scho ganz am Ufank kritiséiert hunn, nämlech, datt dee Couvre-feu tèschent eelef a sechs Auer moies absolut ineffikass ass, dat hunn ech hei den 29. Oktober gesot, well déi grouss sozial Kontakter tèschent de Leit net do stattfannen.

Och de Besuch doheem ... Déi Besuchsreegelung, datt elo just nach zwee Leit kënnen dohinner kommen, wat virun allem fir vill Familljen diskriminéierend wierkt, dat huet och keng Frächte gedroen. Et huet virun allem och net dozou bäigedroen, fir d'Akzeptanz vun den allgemenge Mesurë méi héich ze maachen - eng Akzeptanz, déi wichteg wier am gemeinsame kollektive Kampf vun der Gesellschaft géint de Virus.

An och déi Reegel, déi mat deem neie Gesetz agefouert ginn ass - vun där ganz weínege geschwat gëtt, déi ech awer och a menger Ried d'leschte Kéier schonn als absurd dohigestallt hunn -, nämlech déi Reegel, datt ee muss déi kumulativ Obligation hunn, wann ee méi wéi véier ass, zwee Meter Ofstand ze halen an eng Mask ze droen ... - et misst een et ëmgekiert soen: Mask droen an zwee Meter Ofstand -, déi gëtt net agehalen!

Se gëtt och net vun ... et brauch ee sech just beim „Lëtzeburger Wort“ op mywort.lu unzekucken, do, wou Manifestatiounen sinn - well déi gëtt et jo awer nach ëmmer, et war jo awer Bärbelendag, wou och ënner verschiddene Restriktiounen Saache stattfonnt hunn -, an da gesäit een Deputéierter do stoen, déi genau déi dote Reegelen net anhalen! Net aus schlechtem Wëllen, dat ënnerstellen ech kengem - an Deputéierter aus der Majoritéit an Opposition, do ass elo guer keen Ënnerscheed ze maachen -, mee well et keng Conscience dovunner gëtt!

A wann et keng Conscience dovunner gëtt, jo mee wéi sollen d'Leit dat dann alles anhalen? An dann op eemol komme mer zu deem Phenomeen, datt d'Leit rabbelkappeg ginn a soen: „Mee dat do mécht jo guer kee Sënn!“ An dat ass e geféierleche Moment, dee mer an der Vergaangenheet verpasst hunn, ze evitéieren. D'Chamber als Ganz huet dat verpasst, och wann eenzelner, mengen ech, versicht hunn, drop hinzewiesen.

Déi nei Measure, déi agefouert gëtt, déi eenzeg nei Measure, nämlech déi vum Centre commercial, ënnerstëtze mer. Mir fannen, datt dat eng gutt Iddi ass. Ech hat nämlech och schonn eng mëndlech Question parlementaire dozou gestallt, wéi et dann iwwerhaapt mat de Sécherheetsbestëmmungen an deene Grande-surfacen ausgesäit.

Et ass och dofir eng sënnvoll Measure, well et zumindest Usätz vu wëssenschaftsbaséierten Erkenntnisser gëtt, datt Supermarchéen a Grande-surfacen eng Quell vun Infektiounen sinn. Esou Etüden hunn ech gesinn. Dat heescht, et huet een zumindest en Unhaltspunkt, wat een an anere Beräicher, wéi zum Beispill an der Kultur, am Moment net huet. An ech ginn net weider dorop an, well d'Madamm Lorsché dat, mengen ech, ganz exhaustiv an och ganz gutt gemaach huet.

Dofir ass d'Fro, déi ëmmer erëmkënnst vu jiddwerengem vun den Deputéierten: Mee wéi ass et da mat deene wëssenschaftsbaséierten Decisiounen, déi mer wëllen huelen? An do muss ech lech soen, do hunn ech awer net schlecht gestaunt, wéi ech elo kierzlech en Artikel op reporter.lu gelies hunn, dee Referenz mécht op eng Etüd vum Luxembourg Institute of Health. Déi Etüd ass de 4. Dezember an enger international renomméierter Fachzäitschrëft „The Lancet“ erakomm, an do stinn Informatiounen dran, déi ech virdrun net héieren hunn.

Do steet zum Beispill dran, datt fir déi Period vu Mäerz bis September, do wou se d'Ursaache vun den Infektiounen gekuckt hunn: Déi éischt, dat wier Reesen - wat jo effektiv am Summer iergendwéi novollzéibar ass, wat mengen ech elo manner a Fro kënn, och, well déi aner Länner eis net méi wëllen, ausser et geet een a Quarantän.

Déi zweet Ursaach wier dat, wat mer ëmmer erzielt kritt hunn: nämlech d'Infektioun an der Famill, d'Infektioun doheem, mat 23 %.

An direkt duerno, nämlech mat 20 %, kënnst e Facteur, iwwert dee mer hei bis elo ganz weínege geschwat hunn: nämlech d'Aarbecht. Dat hu mer bis elo an all deene Santéskommissiounen net héieren, datt d'Aarbecht ee vun deenen Haaptinfektiouns-



clusteren ass, déi mer hunn, an dat awer op déi lescht sechs Méint gerechent, wann een där Etüd ... an ech gleewe jo awer, ech denke jo awer, datt déi seriö gemaach ginn ass vum LIH.

Jo, da mécht et och kee Sënn, wann ee sech iwwer Black Friday opreet, wéi de Rapportier et gemaach huet! Mee ech stelle mer dann awer d'Fro: Jo, mee Dir sidd awer an der Regierung, amplaz lech driiwer opzereegen, da maacht eppes do dergéint! Dat erwaarden ech mer dach vun enger Regierung, net moralesch Appeller un de Bon sens, wann d'Konditioun vum Bon sens net gestallt gi sinn!

An dann eng weider Erkenntnis aus där Etüd, wou ech och op eemol bal op den Dokes gefall sinn: Nämlech, datt et och kloer retracabel ass, wat déi sozioökonomesch Profiller si vun deene Leit, déi sech ustiechen. War et nämlech am Mäerz an Ufank Abrëll esou, datt déi meeschten Neiinfektione bei Leit waren, déi e mëttelt Akommes hunn - iwwer 90.000 Euro, also éischter déi iewescht 10, 15, 20 % vun de Leit, déi sech infizéiert hunn -, sinn et am Juni, Juli, bis an de September virun allem Leit mat engem Akommes ënner 30.000 Euro, déi sech infizéieren. An da gëtt op eemol déi ganz Infektionsspirale zur Klassefro. An dann ass d'Fro, wat mer dann als Gesellschaft dogéint maachen, an ob mer dat consideréieren an ob dat an déi Reflektioune iwwert d'Mesuren, déi mer wëllen aféieren, afléisse loosse.

Wat hätt misse geschéien? Dat ass ëmmer gutt gesot, hein! Et kann een ëmmer duerno soen: „Jo, mir mengen, et hätt misse vill éischter reagéiert ginn!“ Ech wëll net drop agoen, datt ech effektiv schonn am Oktober hei stoung a gesot hunn: „Ech mengen, mir mussen den Horeca zoumaachen“, wéi, mengen ech, keen aneren dat an där Direktheet gefrot huet. Well dat wär de Moment gewiescht, wou mer wierklech hätte misse déi éischt Well brieche!

A wa mer dat da gemaach hätten an no engem Mount festgestallt hätten: „Mee, dat bréngt näischt!“, jo, dann hätte mer misse weider Mesuren huelen, ëmmer verbonnen als Tandem: Nämlech all Restriktioun ass verbonne mat Hëllef an natierlech och mat Informatioun a Kommunikatioun, déi, mengen ech zumindest, mangelhaft ass vun der Regierung.

Wat misst dann elo geschéien a wat hätt och scho laang misse geschéien? An och do hunn ech d'Gefill, datt ech ëmmer erëm déi selwecht Saache widerhuelen: Preventioun a Sensibiliséierung, do ass enorme Spurt no uewen! All Bierger zu Lëtzebuerg wunnt an enger Gemeng, dat hu se alleguer gemeinsam. Jiddweree wunnt iergendwou an enger Gemeng, soss ass et kee Lëtzeburger Resident. Mee da mussen d'Gemengen dach Partner sinn an deem gemeinsame Kampf géint de Virus, an notament an deene Beräicher, déi hiren Domän sinn: nämlech Preventioun a Sensibilisatioun!

Wann et drëms geet, datt mer feststellen, datt a Foussgängerzone Kludderen entstinn, mee ass et dann net och un de Gemengen oder misst d'Regierung net och schonn de Reflex hunn, fir ze soen: Wéi kënne mer zesumme mat de Gemengen, déi hir Stroossen am beschte kennen, déi den Detail am beschte kennen, kucken, wéi mer d'Fluxe vu Leit organiséiere kënnen?

Dofir brauch ee keng grouss Restriktiounen ze maachen, mee et muss een de politesche Wëllen hunn, dat vun där doter Säit unzegoen. Et kann een d'Gemenge kennen, hir Communautéiten, och hir sozio-kulturell Communautéiten, déi mat der classescher Kommunikatioun vun der Regierung net erreecht ginn. Do hätt ee misse den Usaz och an der Kommunikatioun, an der Preventioun maachen!

An natierlech och de Schutz vun der vulnerablen Populatioun, wou och d'Gemengen déi sinn, déi déi am beschte kennen, och do hätt ee misse e Partenariat, e strateegesch Partenariat sichen, fir och op deem lokalen Niveau offensiv virgoen ze kënnen. Ech hunn dovunner häerzlech weëg héieren an ech mengen, datt dat ee vun deene gréisste Versämnisse ass, wann een e bëssen zrëckkuckt - mee awer e Versämnis, wat een nach ëmmer nohuele kann. Zumindest elo misst een dat dote genau esou ufänken!

Zweete Punkt: Och do Preventioun, Sensibiliséierung, an ech probéieren elo ganz roueg ze bleiwen. De 17. November hu mir eng Motioun deposéiert, déi eppes ganz Banales gefrot huet: Nämlech Desinfektionsgel am öffentlichen Transport.

■ **Plusieurs voix.** - Très bien!

■ **M. Marc Baum (déi Lénk).** - Dunn ass déi Motioun an d'Kommissioun verwise ginn, an an der Kommissioun, wou ech awer geduecht hunn, dat géif comme une lettre à la poste goen, nodeems mer - en plus! - schonn am Oktober déi éischte Kéier gesot haten: „Maacht dat dach!“ ... hu mer awer festgestallt, datt de Minister éischter net terribel begesichert dovunner ass. Verschide Saachen hu mer och elo, opgrond vun där Diskussioun an der Kommissioun, ëmgeännert. An duerfir géif ech dann och gär déi ëmgeännert Versioun vun där Motioun elo, ...

■ **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci.

■ **M. Marc Baum (déi Lénk).** - ... Här President, nach eng Kéier deposéieren.

Motion 4

La Chambre des Députés,

- vu le nombre élevé d'infections au Covid-19 parmi les personnes résidentes et/ou travaillant au Luxembourg ;

- vu la gravité de la situation sanitaire et sa répercussion sur le système de santé et des soins ;

- considérant que les gestes barrières préconisés par le Gouvernement dépendent aussi de certains moyens de protection sanitaire tel que le gel désinfectant mis à disposition de la population ;

- considérant que les protocoles sanitaires à mettre en place obligatoirement par les centres commerciaux dotés d'une galerie marchande prévoient la mise à disposition aux visiteurs du gel désinfectant ;

- considérant les discussions menées le 10 décembre 2020 au sein de la Commission de la Mobilité et des Travaux publics sur la mise à disposition aux usagers des transports en commun de gel désinfectant,

invite le Gouvernement

- à mettre à disposition des usagers des transports en commun du gel désinfectant en quantité suffisante en veillant à installer des bornes de distribution de gel désinfectant respectivement dans les bus ainsi que dans l'enceinte des gares et sur les quais, de même que dans les trains.

(s.) Marc Baum, David Wagner.

Wësst Der, et kritt ee kee Gel an der CFL, mee et kritt een entre-temps e Pin. Dee Pin gesäit esou aus.

(M. Marc Baum montre un pin.)

Do steet dann drop: « Ensemble contre le virus » - zesumme géint de Virus -, an do ass dann iergendwéi e Männchen, dee esou e Smiley huet, mat engem CFL-Mask. Dat mécht d'CFL, an dat gëtt verdeelt. Ech mengen, datt et méiglech ass, datt d'CFL dann och alleguer de Leit Desinfektionsgel zur Verfügung stellen kann!

En plus, well mer elo an de Centre-commercialen nei Protocole-sanitaires aféieren, déi virgesinn, datt e Centre commercial de Leit soll Gel zur Dispositioun stellen, well de Gel e Geste-barrière ass - wat och vun Ufank u gesot ginn ass, firwat och hei ënnen an der Chamber esou e Gel steet ... Also, fir d'Centre-commerciale gëtt et an Zukunft obligatoresch, esou Gellen ze hunn, mee ech mengen, datt den öffentlichen Transport dat dann awer och misst hunn! An ech hätt och gär, datt dës Motioun haut zur Ofstëmmung kënn, well dat Hin an Hier, dat geet engem awer mat der Zäit e bëssen ... dat schléit engem op d'Gemitt!

■ **Plusieurs voix.** - Très bien!

■ **M. Marc Baum (déi Lénk).** - Här President, zum Schluss: Wat elo? Jo, wat elo? Mir stelle fest, datt déi Mesuren, déi viru ronn siwe Wochen geholl gi sinn, ineffikass sinn, datt se net zu deene Resultater gefouert hunn, déi déi erhofft gi waren, an ech mengen, datt et net duergeet, déi Mesurë just mat engem klengen Ajout widerzeféieren. Well se si perspektivlos! Se bidden net d'Perspektiv op d'Hoffnung, datt mer dann de 15. Januar an enger Situatioun wieren, wou mer weesentlech manner Neiinfektionen hätten, well mer hunn déi lescht siwe Woche gesinn, datt et dee weesentlechen Abroch net ginn ass! Duerfir ass dee Vott hei e Vott vun der Perspektivlosegkeet. Well, wat maache mer dann? Den 10. Januar verlängere mer déi Mesuren dann nach erëm eng Kéier ëm ee Mount, well näischt Aschneidendes, näischt do ass, wat Hoffnung op Verännerung ka maachen.

An dofir, Här President, mengen den David Wagner an ech, datt een elo eigentlech déi Chance vun der Chrëschtvakanz misst notzen, fir Aktivitéite weider erfzufueren. Firwat kéint d'Chrëschtvakanz eng Chance sinn? Ma éischstens, well d'Schoul souwisou zou ass, do muss een näischt extra eroffueren. D'Chrëschtvakanz si vill Feierdeeg, wou net geschafft gëtt, wou een och net weesentlech Aktivitéite misst eroffueren. An ech mengen, datt et wichteg wier, datt mer elo géife Mesuren huelen, déi d'Aktivitéiten an deenen nächsten dräi Woche weider zrëckfueren - weider zrëckfueren, wéi dat am Moment geplangt ass. Well soss riskéiere mer ze soen - an ech soen dat net gär - : „Mir musse méi wäit goen“, well soss riskéiere mer, datt mer e Schrecken ouni Enn kréien, dat sech hei zitt. An dann hu mer 300 Neiinfektionen am Januar, an da geet et nees erëm e bëssen erof, mer mussen d'Mesuren awer weiderféieren. Ech sinn da léiwer fir en Enn mat Schrecken, wéi e Schrecken ouni Enn.

Den Här Premierminister huet ëmmer erëm d'Bild benotzt vum Marathon, deen an der Lutte géint de Covidvirus géif gelaf ginn. Wann een an deem Bild wëll bleiwen, da muss ee soen: E Marathon, deen huet fir déi meescht Leit 42,5 Kilometer; ech fäerte

ganz, déi Leit am Spidolssektor, déi sinn elo scho 60 Kilometer gelaf. Se lafen nach virun an ech mengen, datt mer méi aschneidend Mesurë mussen huelen, ier se komplett ëmfalen.

Merci.

■ **M. David Wagner (déi Lénk).** - Très bien!

■ **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci villmools, Här Baum. Leschten ageschriwwene Riedner ass den honorablen Här Sven Clement. Här Clement, Dir hutt d'Wuert.

■ **M. Sven Clement (Piraten).** - Merci, Här President, léif Kolleginnen a Kollegen, mir hate gutt ugefaangen: An enger éischter Phas am Fréijoer ass et der Chamber an der Regierung gelongen, zesummen en Text op d'Been ze stellen, fir deem Virus, där Sauerei, mat geziilte Mesuren d'Stier ze bidden. D'Majoritéit huet mat der Oppositioun zesumme-geschafft a Mesuren opgestallt, déi novollzéierbar waren a vum Public dobausse verstanen an deem-entspriedend ëmgasat gi sinn. Dovu gesinn ech haut net méi vill!

Ech weess net wéisou - vläicht aus falschem Stolz, vläicht aus Onwëssenheet -, mee d'Regierung hält säit e puer Méint steif a fest un hire Mesurë fest, ganz egal, wat d'Oppositioun hinne fir Argumenter op den Dësch leet a ganz egal, wéi haart d'Leit do-bausse jäizen. Dat kann ech net verstoen! Ech kann einfach net novollzéien, firwat eis Regierung mengt, se misst matten an enger Pandemie zu all Zäitpunkt esou maachen, wéi wann alles zum Beschte wier a si alles ënner Kontroll hätt - och wann et guer net méi esou ass!

Eis Bierger si weeder esou naiv, dat ze gleewen, nach esou empfindlech, fir dës Realitéit net ze verkraaften! Et géif absolutt näischt Schlëmme geschéien, wann d'Regierung eng Kéier géif zouginn, datt se eppes vergiess hätt oder eppes net beduecht hätt, wann d'Oppositioun se drop hiweist. Ganz am Contraire! Et kéint souguer, et gleeft een et kaum, besser ginn!

Här President, mäi Parteikolleg, de Marc Goergen, stoung scho viru bal dräi Woche hei an huet gesot, datt dee Gesetzesprojet, dee mer géife stëmmen, net genuch Reegelen fir d'grouss Geschäfte hätt, well mat den deemolegen Dispositiounen net kéint verhënnert ginn, datt sech zwanzeg Leit op 400 m² op d'Feiss géifen trëppelen, obwuel reng rechneresch nëmmen eng Persoun pro 10 m² am Geschäft wär. Datt e Buttek grouss ass, heescht schliisslech net, datt d'Leit sech och gläichméisseg verdeelen! Mee aus iergendengem Grond hunn d'Regierungs-partee léiwer den ehemolege Gesetzesprojet mat deene Lücken ugeholl, amplaz nach eppes ze änneren.

Haut sti mer dann nees hei an: O Wonner, mir hunn all gemierkt, datt et an de Grande-surfacé mat den aktuelle Reegelen net klappt! An dofir bessere mer an dësem Gesetzesprojet no.

Datt dës Dispositiounen elo am Text stinn an d'Geschäfte ab enger gewësser Gréisst en Hygiëneskonzept brauchen, ass eng gutt Saach. Mee de Chaos vun de leschte Weekender hätt awer kënne vermidde ginn, wa mer vun Ufank u méi kloer a méi streng Reegelen festgehalen hätten - esou, wéi dat gefuerdert gouf.

Mir hu schonn am Summer op d'Grande-surfacen opmierksam gemaach an et am Hierscht ëmmer nees widderholl! An och wann et ëm d'Schoule geet, gi mer es net midd, ëmmer nees ze widderhuelen an ze betounen, datt hei eeben net alles esou gutt leeft, wéi eise bloe Minister sech dat virstellt - oder wéi en eis zumindest gäre wëllt gleewe loosse. Ech waarden op de Moment, wou en et wéi bei der CFL mécht an e Pin verdeelt an domadder de Problem geléist huet.

Mir hunn net d'Gefill, datt et aktuell an der Schoul nach primär ëm d'Wëssensvermittlung an ëm d'Wuel vun de Kanner geet. Nee, ech mengen, datt et hei vill méi drëm geet, datt d'Kanner betreit ginn, fir datt d'Eltere solle schaffe goen. An ech weess, datt an dësem Kontext dann ëmmer gär direkt gesot gëtt, datt dat jo guer net wouer wär, well d'Schoulen obpleiwe géifen, well all Kand e Recht op Bildung hätt.

■ **Une voix.** - Dat ass richtig!

■ **M. Sven Clement (Piraten).** - An dat stëmmt! D'Kanner hunn e Recht op Bildung, a Presenzunterrecht ass net dat selwecht wéi Schoul doheem - dat läit op der Hand! Mee eis Kanner hunn awer och e Recht op Sécherheet, an domat mengen ech net nëmmen de reelle Fait, a Sécherheet ze sinn, mee och d'Gefill, datt een op se oppasst, an datt déi Grouss wëssen, wat se maachen. Dat ass grad fir méi jonk Kanner ganz wichteg!

An der Spillschoul an am Fundamental kommen all Dag Enseignanten un hir Limiten, während se probéieren, hir Kanner an d'Elteren ze berouegen an ze erklären, datt se alles am Grëff hätten, obwuel an hirer Klass oder hirem Gebai nees Covidfall opgetruede sinn an d'Santé net nokënn, fir Isolatiounen a Quarantänen auszuschwätzen. Si ginn hiert Bescht, fir eise Kanner Sécherheet ze bidden an

enger Situatioun, an där se selwer lues a lues d'Gefill hunn, datt absolutt keen d'Situatioun nach am Grëff huet.

Ma d'Kanner mierken dat! Am Fréijoer an am Summer hate mer nach Reegelen, déi jidderengem d'Gefill ginn hunn, datt een, wann ee sech un dës Reegelen géif halen, géif mathëllefen, duerch dës Kris erduerchzekommen, an och selwer doduerch gutt geschützt wier. Wat e puer Méint méi spéit Rescht ass, ass e Sammelsurium u Mesuren, déi d'Leit net verstinn an déi se zum Deel net emol fir sënnvoll halen. Dat spiert een iwwerall an dat huet Konsequenzen op d'Wuelbefanne vun de Kanner an de Schoulen.

Mir froen eis dofir, wéi de Minister och an der aktueller Situatioun ëmmer nach ka behaapten, datt hien hei alles fir d'Wuel vun de Kanner an hir Bildung géif maachen. Schliisslech gëtt jo eebe grad ganz weëg gemaach a mir sinn eigentlech esou wäit komm, datt mer vun enger Laisser-faire-Politik am Bildungsberäich schwätze mussen. De Minister delegéiert seng eege Verantwortung einfach un den Terrain a verpasst dobäi, wichteg Mesuren ze huelen - an dat kënne mer leider net nëmme vum Bildungsminister soen, mee och vun eiser Familljeministesch a vun eise Transportminister.

Mee, léif Kolleginnen a Kollegen, d'Laisser-faire-Strategie ass näischt fir jiddereen: Während déi eng Ministère roueg nokucken, sinn anerer ganz äifreg a maachen direkt ganz Secteuren zou. Et ass, wéi wann dat, wat an deenen enge Beräicher u Mesurë feelt, an aneren direkt iwwerkompenséiert géif ginn. Dat ass net kohärent, an dat ass keng kohärent Politik!

D'Restaurante sinn zou a bleiwen zou, egal, ob och nëmme fir ee Stot oder souguer eenzel Leit, an egal, ob mer Zuelen hunn, déi beleeeën, datt dës Mesuren eppes bréngen oder net. Mee den öffentlichen Transport bleift wéi en ass, do brauch een emol keng obligatoresch Desinfektionsmëttel-spender, do brauch een e Pin! Dat ass Kohärenz! - oder och net.

Den Horeca huet a Masken, Plexiglaswänn, Desinfektionsmëttel a Lüftungssystemer investéiert a gouf dann trotzdem zougemaach! D'Busse kënnen awer esou voll sinn, wéi se wëllen, déi brauchen amplaz vu Plexiglas ewell just e schickt wäissrout Bändchen, dat de Chaufer schützen soll, a kënnen da weiterfueren. Et ass bal esou, wéi wann all déi Mesurë wéi Desinfektionsmëttel, Plexiglaswänn, Masken, Lüftungssystemer, näischt géint de Virus géife maachen - awer esou e Fladderband, dat schützt de Buschauffer virum Virus! Dat verstinn d'Leit net!

Genee esou, wéi se et net verstinn, datt se Chrëschttag net solle mat de Kanner bei d'Bomi an de Bopi fueren, obwuel hir Kanner während der Woch vu genee dëse Leit versuergt ginn! D'Ministesch betount gären, datt d'Eltere solle probéieren, hir Kanner net méi vu vulnerabele Persounen versuerge ze loosse, mee vill Leit kéinten ouni d'Ennerstëtzung vun der Bomi an dem Bopi hirem Aarbechtsalltag guer net méi nogoen. Wie bis virum Covid fir d'Kannerbetreuer op seng Elteren ziele konnt, dee stoung op kenger Liste d'attente fir eng Plaz an enger Maison relais oder an enger Crèche! Dee fënnt esou einfach keng Betreuerplaz! Et ass schliisslech säit laangem bekannt, datt d'Nofro d'Offer, wann et ëm Plazen an enger Crèche, enger Maison relais oder bei enger Dagesmamm geet, a verschidene Gemengen depasséiert. Och hautdesdaags sinn Elterendeeler ëmmer nees obligéiert, doheem ze bleiwen an hiren Job opzeginn, well se einfach keng passend Betreuerstruktur fir hir Kanner fanen.

Mee souguer, wa Plaze fir d'Kannerbetreuer disponibel sinn, heescht dat nach laang net, datt och jidderesech déi zousätzlech Ausgabe leeschte kann! Wien ze vill verdéngt, fir vun de staatlechen Ennerstëtzung profitéieren ze kënnen, a sech bis viru Covid op seng Famill verlosse konnt, huet net onbedéngt genuch Spurt am Budget, fir op eemol vun haut op muer eng Ganztagskannerbetreuer finanzéieren ze kënnen. Ville Leit bleift dofir guer näischt anescht iwwreg, wéi op hir Famill zrëckze-gräfen, fir dës Kannerbetreuer ze assuréieren.

An elo soe mir genee deene Familien, datt d'Kanner zwar de ganzen Dag bei der Bomi däreffe sinn an dann heem kommen an do mat den Elteren zesummen op der Fotell kuschelen, mee datt dës Elteren elo awer net mat hire Kanner fir Chrëschttag bei genau déi selwecht Bomi dierfe goen. Dat mécht einfach kee Sënn!

■ **M. Gilles Baum (DP).** - D'Bomi ka jo bei si kommen.

■ **M. Sven Clement (Piraten).** - Dat verstinn d'Leit net!

Ma genau, Här Baum, genau dat ass d'Fro! D'Bomi ka bei si kommen, mee si net bei d'Bomi - dat mécht einfach kee Sënn! Dat verstinn d'Leit net, a wann d'Leit d'Mesuren net verstinn, dann hale se sech och net drun!



■ **Une voix.** - Dir verstitt et net, dat ass den Ënnerscheid!

■ **M. Sven Clement** (*Piraten*). - Dir erkläert mir dann eng Kéier, wéi dat do soll logesch sinn!

Léif Kolleeginnen a Kolleegen, ech weess net, wéi et lech geet - ma bei verschiddenen hunn ech e Gefill -, mee ech hunn an deene leschten Deeg vill Leit héiere soen, datt se sech net un d'Mesurë fir Chrëschttag géifen halen, well déi jo souwisou näischt géife bréngen. Dat ass eng Katastroph! An dat geschitt, wann d'Leit d'Mesuren net novollzéie kënnen.

Mir hunn als Mënschen d'Chance, Wiese mat engem eegene Verstand ze sinn, an dat bedeit och, datt mer net gäre blann Uerdere befollegen, déi mer net als sënnvoll empfangen. Dat ass extreem wichtig fir eng opgeklärten an demokratesch Gesellschaft an dat kann een als Regierung net einfach ignoréieren, just well se sech vläicht wënscht, datt jiddereen einfach esou géif sprangen, wéi si dat gär hätten.

Mir hätte fir d'Feierdeeg dofir onbedéngt eng Approche gebraucht, déi einfach ze kommunizéiere gewiescht wier a vun de Leit verstanen an dowéinst akzeptéiert gi wier. Mir Piraten hunn dofir déi ganzen Zäit proposéiert, datt zwee Stéit fir Chrëscht-dag sollen zesummekommen. An dat net, well mer mengen, datt mat den aktuellen Zuelen d'Zäit fir Oplockerunge wär. Nee, well mer Gesetzer brauchen, déi agehale ginn, well se soss näischt wäert sinn. Et wär besser gewiescht, eng Reegel ze hunn, déi net ganz esou streng wier, mee un déi d'Leit sech dann awer géifen halen, wéi eng Reegel ze hunn, déi zwar gutt gemengt ass, mee duerno keng Wirkung huet, well kee se anhält.

Well wat geschitt dann elo, léif Kolleeginnen a Kolleegen, wann eng grouss Famill awer zesumme feiert, also méi wéi zwee Leit invitéiert, an e puer Deeg drop gëtt ee vun deene Familljemembere positiv getest? Mengt Der, déi Leit géifen dann, wann d'Santé urufft fir den Tracing ze maachen, zouginn, datt si géint d'Gesetz verstouss hunn? Warscheinlech net! An dat kann eis duerno séier deier ze stoe kommen. Eng Mesure, déi vun de Leit besser akzeptéiert gëtt, well se novollzu ka ginn, an déi am beschte Fall och nach am Aklang mat der Groussregion wär, wär déi besser Wiel gewiescht.

Mee et hëlleft elo och näischt méi, nach stonne-laang dorop ronderënzereiden. Mir wënnen all, datt dese Projet haut gestëmmt wäert ginn a mir eebe keng aner Reegele wäerte kréien, ob mir se elo gutt fannen oder net. An dofir wëll ech dese Moment elo och notzen - an dat wäert deen een oder anere sécher iwwerraschen -, fir ze betounen, datt ech jiddereen am Land vu ganzem Häerze bieten, sech un des Dispositioun ze halen.

■ **Une voix.** - Très bien!

■ **M. Sven Clement** (*Piraten*). - Ass dat hei a mengen Aen dat beschtméiglecht Gesetz, fir op déi aktuell Kris ze reagéieren? Sécher net! Mee, et ass dat eenzeg, wat mer hunn. Datt dëst Gesetz net perfekt ass, heescht net, datt mer op eemol maache sollten, wéi wann et guer net géif existéieren.

Jo, d'Situatioun an de Schoulen, an de grouss Geschäfte an am ëffentlechen Transport ass onze-friddestellend. An ech weess, datt et Leit gëtt, déi sech fir d'Feierdeeg net un d'Mesuren hale wëllen, well se sech denken, datt d'Kanner de Virus jo souwisou fréier oder spéider aus der Schoul matbréngen oder si sech am Bus ustieche géifen, an datt et dann och keen Ënnerscheid méi mécht, ob een zesumme feiert. Mee et mécht en Ënnerscheid! All zousätzlech Infektioun mécht en Ënnerscheid, wann et drëms geet, ob nach e Spidolsbett fräi ass oder net méi. Grad wa mer mengen, datt et am ëffentlechen Transport, an de Supermarchéen oder an de Schoulen en héije Risiko gëtt, krank ze ginn, muss dat eis en Ureiz ginn, fir an deenen anere Beräicher vun eisem Liewen, déi, déi mir kontrolléieren, nach méi opzepassen, fir dat wéinstens e bëssen auszegläichen, bis e bessert Gesetz do ass.

Wann d'Stroosse glat sinn, gi mer jo och net extra Gas, well mer eis soen, datt d'Chance grouss ass, datt mer souwisou en Accident wäerten hunn an een da wéinstens profitéiere sollt, fir nach eemol séier ënnerwee ze sinn.

Ech hätt och léiwer besser Hygiënereegelen an de Schoulen an an de Bussen. Mee aus Protest invitéieren ech dofir net fir Chrëschttag zéng Leit bei mech heem.

■ **Une voix.** - Dat ass gutt.

■ **M. Sven Clement** (*Piraten*). - D'Piraten wäerte sech weiderhin derfir asetzen, dëst Gesetz bei kommenden Ännerungen ze verbesseren, mee bis de 15. Januar wäerte mer mat deem musse liewen, wat d'Majoritéit haut entscheede wäert. Esou ass dat an enger Demokratie. Mir wäerten dëst Gesetz haut net matstëmmen, mee mir wäerten eis drun halen, wann et bis gestëmmt ass.

■ **Une voix.** - Très bien!

■ **M. Sven Clement** (*Piraten*). - A mir biede jiddereen, eis dat nozemaachen. Zum Wuel vun all Een-zelen hei zu Lëtzebuerg.

Ech soen lech Merci.

■ **M. Marc Goergen** (*Piraten*). - Ganz gutt!

■ **M. Fernand Etgen**, *Président*. - Merci villmools, Här Clement. D'Regierung huet d'Wuert. Den Här Premier- a Staatsminister Xavier Bettel.

Prises de position du Gouvernement

■ **M. Xavier Bettel**, *Premier Ministre, Ministre d'État*. - Här President, ech wäert net ze laang schwätzen, well ech mengen, dass et wichtig ass, dass och meng Regierungskolleegen, den Här Meisch an d'Madamm Gesondheitsministesch, nach genuch Zäit hunn.

Jo, mir sinn eis alleguerten eens, dass et keng einfach Zäit ass. An d'Zuelen, déi mer an de Soin-intensiffen hunn, sinn Zuelen, déi ee sech net wënsche kann. A mir sinn eis och alleguerten eens, dass mer eng Baisse brauchen. Mir brauchen eng Baisse, a mir brauchen eng staark Baisse! An ech sinn och, muss ech lech ganz éierlech soen, rassuréiert, wann ech d'Messagë liesen an héieren a matgedeelt kréien, dass d'Chamber och déi nächst Deeg a Woche bereet ass, wann Decisiounen musse geholl ginn, och fäeg ze sinn an en nombre ze sinn, fir déi néideg Schrëtt ze ënnerhuelen, wann e Besoin do wär.

Wann hei gesot gëtt, et wier nach näischt geschitt, wëll ech just drun erënneren, Här President, dass d'Aschnëtter an d'normaalt Liewe vun de Leit haut scho ganz wäit ginn. Ganz wäit haut ginn! Wann ech nëmmen de Couvre-feu kucken, wann ech d'Limitatioun vun de Leit kucken, déi ee kann doheem empfänken, wann ech kucken, wéi et an de Schoule geet, wann ech kucken, wéi et mat der Obligation de masque geet, wann ech kucken, dass den Horeca zou ass, dass d'Caféen zou sinn, dass d'Sportssäll zou sinn, dass d'kulturell Aktivitéiten zou sinn, dass de Mask obligatoire ass op enger Rëtsch vu Plazen, hu mir awer haut schon - an ech vergiessen elo nach verschidde Punkten - eng Rëtsch vu Mesuren, déi scho ganz wäit ginn. A wann ech d'Gefill hunn, dass dat fir verschidde Leit näischt ass, da muss ech lech soen, dass ech bal iwwerrascht a schockéiert sinn, wéi lichtfankeg hei d'Grondreegele vun engem demokratesche Staat an d'Fräiheet vun deem Eenzelnen am Fong iwwer Bord gehäit ginn.

■ **Une voix.** - Très bien!

■ **M. Xavier Bettel**, *Premier Ministre, Ministre d'État*. - Dowéinst, Här President, e puer Saachen, wou ech awer muss reagéieren. Hei gëtt gesot, et ass wichtig, dass de Staat am Fong seet, wat alles muss direkt gemaach ginn an de Leit Saachen imposéiert. Ech muss lech ganz éierlech soen, Här President, dass d'Vertrauen an d'Bierger nach eppes ass, wat fir eis ganz wichtig ass.

■ **Mme Lydie Polfer** (*DP*). - Très bien!

■ **M. Xavier Bettel**, *Premier Ministre, Ministre d'État*. - Ganz, ganz wichtig ass. An et muss een awer och soen, dass de Gros vun de Leit sech un d'Reegelen hält. De Gros vun de Leit hält sech un all déi Reegelen, déi mer eis ginn hunn.

An ech soen och: Den Här Clement, dat wëll ech ervirhiewen, och wann en net dermadder averstanen ass, mécht awer en Appell, ...

■ **Une voix.** - Voilà!

■ **M. Xavier Bettel**, *Premier Ministre, Ministre d'État*. - ... dass d'Leit sech drun halen. Dat ass fir mech eng responsabel Haltung!

■ **Une voix.** - Très bien!

■ **M. Xavier Bettel**, *Premier Ministre, Ministre d'État*. - Dass ee sech bewusst ass: Et ass vläicht net dat, wat mer wëllen, mee et ass dat, wat awer elo dann eeben néideg ass, dass mer ee mat deem anere solidaresch sinn! Dat soll een och ervirhiewen, wann eng Oppositiounspartei hei a kritisches Téin awer mat Objektivitéit seet: „Et ass awer néideg!“ Dat soll een hei ervirhiewen.

■ **Une voix.** - Très bien!

■ **M. Xavier Bettel**, *Premier Ministre, Ministre d'État*. - An da muss ech lech soen: Wann ech héieren, dass een dann am Fong de Leit alles misst diktéieren a soen, wat se vun haut op muer ze maachen hunn a vun A bis Z, vu moies bis owes, am Fong hiren Oflaf vum Dag bal misst dirigéieren, da sinn ech der Meinung, dass et wichtig ass, déi Zäit ofzewarten, déi nach néideg ass, mee, wéi gesot, awer virun allem och nach ëmmer un d'Leit ze gleewen.

Mir hunn déi Limitatiounen - a wann dat fir deen een oder fir deen aneren näischt ass, muss ech lech soen, dass ech Schwierigkeeten hunn. Ech hunn och Schwierigkeete mat deem Discours, dee mer iwwer Chrëschttag hunn. Ech hu gelies, oder et héiert een, an ech mengen, ech hunn och d'Fraktiounschefin vun der CSV de Weekend um Radio héieren, wou da gesot gouf: „Jo, et ass e bësse méi

komplizéiert, well deen een ass där enger Meinung, deen aneren ass anerer Meinung.“

Ech hunn et op enger Pressekonferenz gesot, Här President: Déi puer Stonne Freed, déi een deen Dag kann hunn, kënnen jorelaang Leed mat sech bréngen! An dat soll sech kee wënschen. Et ass jo epidemiologesch bewisen, dass d'sozial Kontakter tëschent de Leit dee gréisste Problem sinn. An deen, dee mengt, dass de 24. oder de 25. oder de 26. oder den 31. Dezember op eng Kéier kee Virus méi do wär, mécht e grave Feeler! An all Dokter, all Epidemiolog seet lech, dass dat dee gréisste Feeler wier, ze mengen, dass een dann duerno keng Risiken hätt, wann een dann deen Dag am Fong engem géif d'Gefill ginn, dass kee Problem méi wär.

Här President, hei gëtt och gesot, et soll een net aus der Héft schéissen an et soll ee Fakten hunn, an ech ginn do, wann Der erlaabt, och op eng Motioun an, déi den Här Wiseler deposéiert huet.

Hei gëtt gesot, dass sonndes Problemer wäeren. Ech weess net, firwat den Här Wiseler seet, dass sonndes am Fong de Problem wier an de Supermarchéen, an dass een déi dofir misst vun haut op muer sonndes elo zoumaachen.

Mir hunn d'Zuele kritt, an ech hunn déi och nogefrot, well ech fannen, dass, wann déi gréisst Oppositiounspartei eppes behaupt, da well ech selbstverständlech och kucken, ob dat stëmmt oder net, well et jo awer wichtig ass, der Oppositioun och nozelauschteren. D'Zuelen - dat hei ass dee gréisste Supermarché aus dem Zentrum, zu Bartreng, ech soen elo net, wéi een et ass - d'Zuele vu Passagen an enger Keess an der Woch: méindes 12,55 %, dënschdes 12,13 %, mëttwochs 12,35 %, donneschdes 14,06 %, freides 18,49 %, samschdes 20,27 %, sonndes 10,14 %. Dat war elo déi lescht Woch November.

Déi éischt Woch Dezember: méindes 13,65 %, samschdes 20,59 %, sonndes 8,13 %, dat heescht, manner wéi d'Hallschent wéi samschdes. An elo des Woch, do hu mer méindes 12,63 %, dënschdes 12,63 %, mëttwochs 13,09 %, donneschdes 14,64 %, freides 17,55 %, samschdes 20,03 %, sonndes 9,23 %. Dat heescht, dat hei ass elo dee gréisste Supermarché aus dem Zentrum, do si manner wéi d'Hallschent vun de Leit sonndes do.

Hei ass ee vun deene gréisste Supermarchéen aus dem Süden. Do sinn d'Zuelen, wann ee vergläicht mam leschte Joer - de 15. Dezember 2019 hate se 25 % Presenz op engem Sonndeg - elo op 15 % erfogaangen, wou et samschdes 21 % ass. Dat heescht, och hei e kloert Zeechen, dass samschdes vill méi grouss Presenze si wéi sonndes.

An hei, fir dass net ee mengt, ech géif hei net wëllen d'Land ganz kucken, ass och nach e groussen Akafszenter am Norde vum Land, déi eis matdeelen, dass méindes 9 % ass an der Akafswoch 48, 9 % an der Akafswoch 49 an 8 % an der Akafswoch 50, an dat zitt sech do esou weider. An do ass tatsächlech sonndes 20 %, awer samschdes 22 % an der Akafswoch 48. An der Akafswoch 49 sonndes 18 %, samschdes 23 %. An an der leschter Akafswoch 21 % sonndes an 22 % samschdes.

Dat heescht, wann een hei seet, dass mer am Fong Fakte wëilten hunn a mat Fakte wëilten Decisiounen huelen, dann hutt Der hei de Beweis, Här President, dass, wann een d'Zuelen huet, net einfach aus der Héft ze schéissen ass fir ze soen: „Sonndes muss elo gestrach ginn, dann ass alles besser.“ Ech mengen, dass mer hei wierklech musse mat Zuele kënnen agéieren. Et ass dat selwecht, wéi ze soen, dass Chrëschttag kee Problem wär. Mir sollen hei, wéi gesot, net op dat lauschteren, wat deen een oder deen anere vläicht dann op Facebook post oder op Facebook setzt, oder just probéiert, Liken ze kréien. Wa mer hei vu Fakte schwätzen, ass hei, wéi gesot, schwaarz op wäiss de Beweis, dass dat vun där Sonndesproblematik falsch ass.

A wa mer kucken, an hei ass jo ganz vill vu Black Sunday geschwat ginn, ganz vill vu Black Sunday geschwat ginn, ...

■ **Une voix.** - Friday.

■ **M. Xavier Bettel**, *Premier Ministre, Ministre d'État*. - ... Black Friday, pardon, Black Friday geschwat ginn, mee et ass och gesot ginn, dass dat jo och samschdes a sonndes wär, dann hätte mer jo missen eng Explosioun an den Zuele kréien, Här President, ...

■ **Mme Martine Hansen** (*CSV*). - D'Covid-Taskforce huet dat gesot!

■ **M. Xavier Bettel**, *Premier Ministre, Ministre d'État*. - ... wann dat jo esou problematesch wär, dann hätte mer jo direkt zéng Deeg, zwou Wochen duerno missen eng Explosioun kréien. Déi ass och net do gewiescht. Dowéinst géif ech wierklech wëllen evitéieren, mam Fanger op Schëlleger ze weisen, ze soen, dass dat doten de Responsabelen ass, wann d'Zuelen esou an d'Luucht ginn. Kommt, mir si verstänneg! Well virun allem, Här President, ...

(*Interruption*)

... mengen ech, dass et elo bei den Impfungen dee Moment gëtt, wou wierklech mat Fakte muss agéiert ginn an net just, deemno wou de Wand hibleist, ze kucken, fir do dann déi meescht Satisfaktioun ze kréien. Dat ass e Calcul à très court terme!

Ech soen lech Merci.

■ **Plusieurs voix.** - Très bien!

■ **M. Fernand Etgen**, *Président*. - Merci villmools dem Här Premierminister.

(*Brouhaha et interruptions*)

An den Här Claude Meisch iwwerhëlt elo als Educationminister de Relais fir d'Regierung. Här Meisch, Dir hutt d'Wuert.

■ **M. Claude Meisch**, *Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse*. - Merci, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, vläicht just e puer Wuert, well d'Schoul an d'Betreiungsberäicher awer e puermol an der Diskussioun hei ugeschwat gi sinn.

De Claude Wiseler huet een Temoignage hei rapportéiert aus enger Betreiungsstruktur, an ech kann nëmmen zertifizéieren, datt et där Temoignagë gëtt. An et gëtt der vill méi wéi dat, wat de Claude Wiseler hei exemplaresch an engem Beispill demonstéiert huet. An ech kennen déi och an ech kréie se och all Dag gesot. An et weist, datt mer an de Schoulen, an de Crèchen, an de Maison-relais organisatoresch zumindest op der Limit si vun deem, wat mer kënnen leeschten, fir de Virus dobaussen ze halen, a fir, wann en erakënn, em dann nozekommen an erëm lasszeginn. An dat fuerdert jiddereen all Dag. An do ass den Engagement enorm grouss, souwuel bei den Acteuren um Terrain, déi mat de Kanner a mat deene Jonken all Dag schaffen, wéi awer och hannendrun am Ministère. An ech muss zouginn, datt mer och déi eng oder déi aner Kéier do net ëmmer ganz nokommen.

Et gëtt awer och anere Feedback. Feedback, datt Leit eis Merci soen eigentlech fir deen enormen Engagement, dee mer weisen, fir d'Schoulen an d'Betreiungsstrukture kënnen opzehalen, an datt mer do net labber loossen an net deen einfache Wee ginn a wierklech probéieren, de Maximum fir d'Bildungsrechter vun de Kanner an deene Jonken ze maachen.

Ee vun deenen Temoignagen hunn ech gëschter Moien a mengem Courier gehat. Et ass den Nils. En huet aacht Joer. En ass vun Esch. E schreift: „Léiwe Minister, Här Meisch, ech wollt lech Merci soen, fir alles ze maachen, wat Dir kënnt, fir d'Schoulen net an dëser Pandemie zouzemaachen.“

■ **Une voix.** - Très bien!

■ **M. Marc Goergen** (*Piraten*). - An all déi aner Kommentarer?

■ **M. Claude Meisch**, *Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse*. - An och dat, Här President, ass gradesou wéi dem Claude Wiseler säin Temoignage net deen Eenzege, deen an déi dote Richtung geet.

De Claude Wiseler huet hei gesot, mir hätte komplett aner Reegele fir d'Gestioun vum Covid an de Schoulen an an de Betreiungsstrukturen, wéi dat soss iergendwou de Fall wär an och soss weltwäit iergendwou de Fall wär. Ech géif mech gäre mat där Ausso do méi laang ausenanersetzen, mee d'Zäit feelt mer hei. Ech wëll just nach eng Kéier rappelléieren, an ech hunn et schonn hei gesot, an ech kann et nach x-mol soen: Mir hunn eng aner Dispositioun, dat ass déi vun eisem Zenario 1, wou mer soen, datt, wann ee positive Fall isoléiert an enger Klass ass, mer dann net direkt eng Quarantän maachen. An ech hunn et och schonn hei op dëser Tribün gesot, Dir kënnt et gleewen oder net, mee et ass esou: An eisem Rapport steet ganz kloer schwaarz op wäiss, datt mer doduerjer just een Drëttel vun deene Quarantäne gemaach hunn, déi mer aneschtens hätte misse maachen, datt mer doduerjer vill méi Schoulstonne konnten oprechterhalen, wou mer aneschtens dann awer hätte missen zoumaachen, d'Kanner doheem loossen, d'Enseignanten doheem loossen an deelweis ganz Schoulen oder ganz Joergäng a ganz Klassen iwwer Wochen hätte missen zoumaachen.

Dir wësst, datt mer all Woch en detailléierte Rapport maachen iwwert d'Situatioun vum Covid-19 vun de positive Fäll an de Schoule bei deene Jonken a bei de Kanner. Ech kenne keen anert Land, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, wat esou en detailléierte Rapport virleet. Da gi mer all sechs Wochen hin a mer kucken nach eng Kéier opbereet déi ganz Entwécklung, wéi se da statfontt huet a probéieren, do de Maximum un Erkenntnisser aus deene Chifferen erauszéien. Wa mer déi Chifferen schonn hunn, da wäre mer dach wierklech blöd an op de Kapp gefall, wa mer net géife probéieren, eise Pilotage vun dem Covid-19 an de Schoulen dorobber ze baséieren. Dat maache mer!

■ **Une voix.** - Très bien!

■ **M. Claude Meisch**, *Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse*. - A méi maache mer net. Mir droen déi Chifferen do beieneen, déi



an der Santé, zesumme mat eise Servicer, zesummege droe ginn a mir probéieren, Konkusiounen doraus ze zéien. A mir verëffentleche se och nach, fir datt jiddereen déi Konkusiounen och nach esou gutt wéi méiglech kann novollzéien, an datt och e breeden Débat public doriwwer ka stattfannen, an datt jidderee sech seng eege Meenung dozou ka maachen a soen, wat en d'selwecht oder wat e vläicht aneschtlers gemaach hätt an och ka soen, wou et em vläicht u Prezisioun nach feelt.

Ech denken, hei ze fuerderen, datt mer déi doten Analysen elo de Krittäre vu wëssenschaftleche Publikatiounen upassen, dat entsprécht awer och net grad engem ganz grousser Realitéitssënn, well mer wëssen, wéi laang dann d'wëssenschaftlech Publikatiounen géifen daueren. A wa mer doropshin e Pilotage wëllen assuréieren, Dir Dammen an Dir Hären, da wär de Covid iergendwann eng kéier fort, bis mer dann detailléiert Chifferen hätten, op déi mer eis kéinte baséieren.

Ech wëll och nach eng kéier hei op meng Äntwert op d'Question d'parlementaire agoen. An ech wëll just ee Saz doraus zit'éieren, an da ka jidderee sech e Bild maachen, ëm wat et mer do gaangen ass. Ech schreiwen an där Äntwert op déi Question parlementaire vun der Madamm Hansen a vum Här Wiseler: „Ech bedauern, datt eng sachlech Auseinandersetzung mat deem Rapport net stattfënnt, mee sech amplaz op d'Auteurs ageschoss gëtt.“ Dat ass dee Saz, deen ech geschriwwen hunn. Dat heescht, ech invitéiere jiddereen, kritesch mat deem, wat an deem Rapport steet, ëmzegoen, sech dat unzekucken, och eng aner Meenung dozou ze hunn an, sief et hei am Haus, sief et soss an der Ëffentlecheit, doriwwer ze schwätzen an ze schreiwen, an domadder ze maachen, wat e wëllt. Mee, wannechgelift, kommt, mer ginn dach op de Fong vun der Saach a kommt, mer këmmen eis net drëms, wien dat dote geschriwwen huet, well ech denken, datt mer do wierklech net weiderkommen.

Ech wëll vläicht nach eng kéier e Wuert soen, fir eng Impressioun ze ginn, wou mer momentan dru sinn, iwwert déi Chifferen, déi mer dann all Woch publizéieren. Wann ech déi lescht dräi Wochen do nach eng kéier zesumme kucken, dann ass et esou, datt den Zenario 1, also do, wou mer just ee positive Covid-19-Fall an enger Klass haten, ronn 70 % vun de Gesamtinfektiounen ausmécht. Elo hunn ech d'Moyenne vun deene leschte Woche geholl. Hätt ech déi lescht Woch geholl, wärem mer iwwer 80 %. Déi mécht do effektiv e Pic no uewen. Mee ech wëll lech soen, wat do ongeféier d'Reegel ass. Do musse mer jo awer dervunner ausgoen, datt d'Infektioun net an der Schoul stattfonnt huet.

30 %, dat ass dann en zweeten, drëtten oder nach méi Fäll, déi vläicht hannendru kommen, an do kënnen mer effektiv dervun ausgoen, a mir mussen och dervun ausgoen, datt en Deel vun deenen Infektiounen an der Schoul stattfonnt hunn. An dat sinn der vill, jo. Dat sinn der vill. Virun allem sinn et der momentan insgesamt vill. Mir haten iwwert déi lescht Wochen tëschent 700 an 800 positiv Covid-19-Fäll bei Schüler a bei Enseignanten an der Woch.

Den administrativen an organisatoreschen Opwand do derhannert, dat hunn ech scho virdru gesot, dee bréngt eis un d'Limit. An dat musse mer effektiv unerkennen a kucken, datt mer duerfir mat de Chifferen do erofkommen. An ech denken, datt mer bei deene Jonken erëm wäerten erofkommen, wa mer och an der gesamter Populatioun wäerten erofkommen. A mir wäerten, esou wéi mer dat bei deenen Etappe virdrun ëmmer gemaach hunn, nach eng kéier eng detailléiert Analys féieren iwwert d'Feierdeeg, iwwert déi zwou Vakanzeweche, fir wierklech all d'Donnéen zesummenzedroen.

De Claude Wiseler huet hei d'Fro gestallt, ob een elo Däitschland misst imitéiere mat enger Woch, déi ee géif un d'Chrëschtvakanz drunhänken. Natierlech stelle mer eis déi Fro och. Et ass jo eng evident Fro. Mir hunn eis se virun Däitschland gestallt. Mir stellen eis se och nach elo. Ech hunn, wéi hien, keng ofschléissend Meenung doriwwer. Mee wa mer bis d'Donnéen hunn a wa mer bis déi lescht Chifferen hunn aus deene leschten zwou Wochen, dann, denken ech, wäerte mer eis och doriwwer eng Meenung maachen, a mer musse wéi ëmmer ofweien. Ofweien: Wat ass dat Wichtigst an där eenzelner Situatioun? Wéi wäit musse mer vläicht e Schratt nach méi wäit goen, fir de Virus kënnen zréckzedrécken? A wat kënnen mer awer och nach veräntwerten, fir d'Bildungschancë vun de Kanner a vun deene Jonken net wierklech a Fro ze stellen? Dat ass déi Fro, déi och elo erëm eng kéier gestallt muss ginn. An ech denken, datt mer och do erëm eng kéier gutt Äntwerte kënnen drop fannen.

Villmoos merci.

■ **Mme Lydie Polfer (DP).** - Très bien!

■ **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci villmoos dem Här Educationminister Claude Meisch. An da wier et un der Madamm Gesondheetsminister, der Madamm Paulette Lenert.

■ **Mme Paulette Lenert, Ministre de la Santé.** - Merci, Här President. Ofschléissend als Alleréisch

e ganz grousser Merci, fir alt erëm eng kéier eis Aufgab, dee Projet do, op en Enn kritt ze hunn. Merci fir de Rapport, dee geschriwwene wéi dee mëndlechen. Och do si mer an engem Marathon ënnerwee alleguerten zesummen. A mir si frou, wa mer dat eng kéier hanner eis hunn.

Déi generell Lag ass net gutt. Ech mengen och net, dass dat iergendwou eng kéier mëssverständlech eriwuerkomm ass. Ech géif och dervun ausgoen, dass en éierleche Resümmee vun deem, wat an de leschte Pressekonferenz gemaach ginn ass, sécherlech net zur Konkusioun kënn, dass hei vusaite vun der Regierung oder vum Gesondheetsminister gemaach gëtt, wéi wann alles beschteens wär.

Wann alles beschteens wär, da géife mer hei net froen, dass déi dach drastesch Mesuren, déi mer en place hunn, géife verlängert ginn. Dat ass justement, well d'Situatioun net gutt ass, well mer net do sinn, wou mir gäre wäeren zu dësem Zäitpunkt. Dofir froe mer, dass nach eng kéier verlängert gëtt. Dofir si mer haut hei.

Eis Nopeschlänner waren alleguerte mat enger Recrudescence am Hierscht konfrontéiert. Et kann ee soen, grosso modo war et déi selwecht Situatioun. Wann een awer am Detail kuckt, da war d'Situatioun nach laang net iwwerall déi selwecht.

Den Här Wiseler huet vun „Our World in Data“ geschwat. Ech hunn och e puer Zuelen effektiv vun „Our World in Data“ erausgeschriwwen gehat, well mer ganz vill mat deene schaffen. Da kommt, mir kucken eng kéier zréck op den 1. Oktober. An dann huele mer déi Inzidenz, genau wéi Dir se geholl hutt iwwer siwen Deeg op eng Millioun berechent. Wéi war dann d'Situatioun an eisen Nopeschlänner? Den 1. Oktober waren a Frankräich 174 Neinfektiounen, an der Belsch 150, an Däitschland ware se nach ënner 25, an zu Lëtzebuerg ware mer bei 100, d'Hollänner bei 173. Mat deenen Zuele konnt een dervun ausgoen, datt et eropgeet. Dat ass jo kloer, well de Virus multiplizéiert sech. Dat wësse mer alleguerten. Mee wéi dat wäert evoluéieren, dat konnt zu deem Zäitpunkt kee ganz genau festsetzen. A wéi oft souze mer hei mat Projektiounen vun der Taskforce, déi eng ganz grouss Forschett opgezeechent huet a gesot huet: „Deemno wéi d'Leit sech verhalten, kann et esou goen, kann et esou goen.“ Dat ass hei oft kritiséiert ginn, dass mer do näischt méi Genaues hätten. Keen hat méi eppes Genaues zu deem Zäitpunkt.

A wat ass geschitt? Da kommt, mir kucken déi selwecht Zuele vun „Our World in Data“. Wéi huet et evoluéiert? A Frankräich, direkt niewent eis, huet et sech bannent enger Woch vervierfacht. Do wor de Pic den 8. Oktober. An der Belsch, do wor de Pic Enn Oktober. An zwar huet et sech bannent engem Mount verzéngfacht gehat. An Däitschland war et eng ganz aner Evolutioun. Do ware se de 15. Oktober bei iwwer 50, den 1. November bei iwwer 200, an elo si se iwwer 260. Dat heescht, an Däitschland hu mer eng Situatioun, wou et lues awer sécher kontinuéierlech eropgaangen ass. Awer lues eropgaangen ass! An Holland, do ass Zickzack gewiescht. Do ass et eropgaangen, sécherlech, den 1. November louche se op der 500er-Grenz. Dann ass et erofgaangen den 1. Dezember ënnert d'300er-Grenz. An haut geet et erëm erop. Dofir stinn och do nees nei Mesuren an Ausiicht. Also eng Tendenz erop no engem Zickzackkurs. Lëtzebuerg, do ass et eropgaangen, dat ass ganz richtig. Bis Enn Oktober hu sech déi Zuele mat fënnf multiplizéiert. Dat ass déi Hausse exponentielle, déi mer haten, an déi eis derzou veruloosst huet, Mesuren en place ze setzen.

Elo ass ganz oft gesot ginn: „Déi Mesuren hunn net gegräff!“ Ben, dat stëmmt net. Déi Mesuren hu gegräff, wann Der d'Zäitschinn kuckt. Mir hu Mesurë geholl Enn Oktober an déi hu wuel séier gegräff. Éischteens emol, an dat ass ganz wichtig, ass déi exponentiell Entwécklung gebrach ginn. Déi ass net ënnert de Plaffong gaange wéi beispillsweis an der Belsch. Si ass gebrach ginn. An dat gesäit ee ganz kloer op der Zäitschinn. Et ass genau dat, wat ee gesäit: Ab deene Mesuren ass eppes geschitt! Wéi eng Mesure et genau war, déi et ausgeléist huet, dat kann een net soen. Ech kann lech et net soen an och kee Wëssenschaftler kann lech et soen zu dësem Zäitpunkt. Et war e Package vun engem Couvre-feu, enger Reduktioun vun de soziale Kontakter, wou mer erofgaange si vun zéng op véier, et wor villes méi. Awer wat am Detail et ausgeléist huet, dat wësse mer net. Jiddefalls ass et erofgaangen.

A Stand haut hu mer eng Baisse, déi läit bei, fir genau ze sinn, gëschter op 28 %. Dat heescht, mir sinn an engem Mount dach awer erofgaangen an der Inzidenz, d'Moyenne lissée, déi war virdun, also am Ufank, wou mer um Pic waren, bei 730, elo si mer bei 530. Et kann een also net soen, dass déi Mesuren net gewierkt hunn. Ech hunn effektiv um Radio d'Ausso héieren: „Et huet iwwerhaapt näischt gedéngt!“ Ben, wann 30 % iwwerhaapt näischt ass, dann erkläert dat emol de Leit. D'Leit hu ganz vill Efforte gemaach. Immens vill Sacrificë si gemaach ginn, ...

■ **Mme Martine Hansen (CSV).** - An d'Unzuel vun de Kranken ...

■ **Mme Paulette Lenert, Ministre de la Santé.** - ... queesch duerch d'Land.

■ **Mme Martine Hansen (CSV).** - ... an de Klinicken?

■ **Mme Paulette Lenert, Ministre de la Santé.** - A mir hunn en Effet. A mir sinn déi Éischt, déi soen: „Mir hätten nach gär méi Effet!“ Mee de Leit ze soen: „Et huet näischt gedéngt, alles wat der un Efforte gemaach hutt iwwert déi lescht Wochen“, dat ass d'Leit fir blöd verkaaft. Et deet mer leed.

■ **Plusieurs voix.** - Très bien!

■ **Mme Paulette Lenert, Ministre de la Santé.** - Da géif ech gäre soen ...

(*Interruption*)

Nee, et ass net alles gutt! An dat ass genau dat, wat ech soen: Et ass net alles gutt! An dofir froe mer, dass verlängert gëtt. Kee behaupt, et wär gutt. Kee behaupt dat. Just Dir leet eis dat an de Mond.

■ **Plusieurs voix.** - Très bien!

■ **M. Laurent Mosar (CSV).** - Dir sot just, et wär näischt gutt!

■ **Mme Paulette Lenert, Ministre de la Santé.** - Da géif ech gäre soen: D'Situatioun ass net iwwerall déi selwecht. Et stëmmt, Frankräich an d'Belsch hu ganz drastesch Mesurë geholl, sinn direkt an e ganz secke Lockdown gaangen. Allerdéngs ass hir Situatioun an de Spideeler eng aner gewiescht wéi bei eis. Eise Gesondheetssystem huet mat sech bruecht, dass mer et méi laang gutt gestäipt kréien. An der Belsch, Dir wësst, wéi d'Situatioun an der Belsch ass, jiddwereen do bausse weess et, d'Leit kucken d'Nouvelles, et war eng ganz aner Situatioun an de Spideeler. Dat heescht, et ass och absolut novollzéierbar, dass an deene Länner keng aner Méiglechkeet méi war, wéi wierklech déi voll Handbrems ze zéien. Mir hunn eng aner Optioun geholl. Mir haten nach e bësse méi Sputt. An deementsprechend hu mer eisem Land eng Chance ginn, fir mat e bësse méi duusse Mesuren dach eppes ze bewierken.

■ **Une voix.** - Très bien!

■ **Mme Paulette Lenert, Ministre de la Santé.** - Wéi ass d'Situatioun elo haut? Däitschland gëtt zit'éiert. Ben, an Däitschland, ech hunn et gesot, do si mer an enger Tendenz, déi eropgeet am Moment. Holland, wou Mesuren annoncéiert sinn, geet et erop. Hei zu Lëtzebuerg, et deet mer leed, et geet nach ëmmer erof. An ech sinn deen Éischten, dee seet: „Ech hätt gär, dass et méi schnell erofgeet!“ Mee nach geet et erof. An dofir hu mer eis och nach deen Delai gi fir ze soen: „Mir hu Mesuren en place, si gräifen.“ A mir hunn all Ursach. Ech mengen, d'Leit verstinn och, wat ronderëm eis geschitt an deenen anere Länner, a mir gleewen drun, dass d'Leit dat agesinn an nach weider Efforte wäerte maachen, dass d'Leit verstinn, dass dat, wat se gemaach hunn, eppes gehollef huet.

A wa mer an déi Richtung weiderschaffen, ben, da kënnen mer gemeinsam och nach méi e staarken Effet kréien. Nach wie vor si mir der Meenung, dass een haut net kann ausschléissen, dass et och dës Woch nach weider erofgeet. Mir hu liicht Indicateuren dofir. Déi loossen eis net vu Freed an d'Luucht sprangen. Et sinn net déi allerklörest. Mee nach kënnen mer hei net soen, dass mer dee Kampf verluer hunn. Nach si mer op enger Courbe, déi no ënne geet. Als zimmlech déi Eenzeg am Moment hei ronderëm.

Fakt ass och, dass keen e Wonnermëttel huet. Jiddwereen, all Land huet probéiert, dëse Virus op seng Manéier a sengen Ëmstänn entspreechend ënner Kontroll ze kréien. An nach, et deet mer leed, nach ass et kengem zu 100 % gelungen. Ech weess och net, wien deen Éischte wäert sinn, wien dee Beschte wäert sinn, wien déi beschten Zensur wäert kréien. Dat wësse mer net. Fakt ass, et ass nach kengem gelungen an et huet och nach keen de Mode d'emploi, wou ee weess: Hei, déi do Mesure, zackzack, dat gräift, an déi do net! Esou wäit si mer haut net.

Bei eis ginn d'Zuelen erof. An et ass richtig, mir hätte gär, dass se nach méi erfoginn. Firwat? Ma dat ass dat, wat eis veruloosst huet, déi Mesuren, déi mer elo en place hunn, iwwerhaapt ze fuerderen, well d'Situatioun an eise Spideeler net gutt ass. Et ass eng ganz ugespaante Situatioun, déi een iwwer länger Zäit net esou ka verrieden. An dat héiere mer. Dat héiere mer vum Terrain. Jiddweree seet dat. An et ass och dofir, woufir mer wierklech insistéieren. Mir wëlle keng weider Surmortalitéit generéieren. Et ass och ganz richtig, dass eis Moyenne am Moment net gutt ass. Si war laang ganz gutt. Effektiv leie mer am Moment, also an deene leschte Wochen, mat deem wat geschitt, iwwert der EU-Moyenne. A justement dat ass d'Ursach, firwat mer hei wëllen handeln, firwat mer och keng Oplockerunge wëllen. Dat ass genau d'Ursach. Mir wëllen net, dass nach weiderhin esou vill Leit stierwen. Mir hunn e ganz gudder Match gemaach am Ufank, wou mer wierklech verhältnis-

méisseg gutt derduerchkomm sinn. Am Moment si mer op enger Schinn, op där mer net wëlle bleiwen. Dofir also d'Fuerderung, fir d'Mesuren ze verlängeren an éischer Hisiicht.

Dofir wëlle mer och an de grousser Surfacen norüsten. Firwat? Majo, well do de Port du masque obligatoresch ass hei am Land. A scho laang. A mir wëlle gär, dass dat och systematesch respektéiert gëtt. Dofir ass d'Propos wierklech, fir nach eng Schëpp dropzeleeën a wierklech alles ze maachen, dass d'Leit net de Mask do ausdoen, wou vill Leit ënnerwee si bannen. Et ass do, wou et an eisen Ae wierklech wichteg ass, dat och obligatoresch ze maachen. An obligatoresch ass net recommandéiert! Fir eis ass et bannen obligatoresch, nach ëmmer gewiescht, dat hu mer zu kengem Zäitpunkt opgehuewen, geméiss dem Principe de précaution. An et ass dat, wat mer och wëlle verstärken.

D'selwecht wëlle mer och e ganz kloer Message gi fir d'Feierdeeg, e ganz kloer Message fir d'Feierdeeg an dëser Zäit. Dat ass wichteg! Et ass kee gudder Moment fir ze feieren, et ass net dee richtige Moment fir zesummenzekommen. Et ass net nëmmen net dee gudder Moment, et ass wierklech denkbar ongënschteg, elo seng Kontakter eropzesetzen, a sief et nëmme fir e puer Deeg!

■ **Une voix.** - Très bien!

■ **Mme Paulette Lenert, Ministre de la Santé.** - „Firwat?“, froet Der. Et ass vill gefrot ginn: „Kann een net eng Exception fir d'Kanner maachen?“ Tatsaach ass awer, wann Der eis Zuele kuckt, an déi hutt Der ganz detailléiert online: Den Taux de positivité, dat heescht, de Prozentsaz vu Leit, wou mer elo mussen dervun ausgoen, dass se Träger vum Virus sinn, deen ass genauou héich bei de klengen Kanner wéi bei deene Groussen. En ass souguer méi héich zum Deel! De leschte Stand ass: 6,4 % an der Kategorie 0-9 Joer. Dat ass dee selwechte Prozentsaz wéi bei de Leit iwwer 80. Dat ass wichtig, dat ze verstoen. Et mécht keen Ënnerscheed. Ee klengt Kand, egal, wéi kleng et ass, dréit am Moment statistesch dee selwechte Risiko a sech wéi eng Fra vun iwwer 80 oder e Mann vun iwwer 80.

(*Interruption*)

Da géif ech och gären ënnersträichen, dass sämtlech Experten eis warnen, an Experten, do mengen ech Experte vum Fach, Epidemiologen, Mathematiker, Statistiker, ...

(*Interruption*)

... sämtlech Experte warne virun de Feierdeeg, weltwäit. D'Feierdeeg sinn dat, wou mer wierklech mussen oppassen. Firwat? Well mer zu engem selwechten Zäitpunkt, genau zum selwechten Zäitpunkt, riskéieren, eis Kontakter eropzefueren. An dat bréngt mat sech, dass genau zum selwechten Zäitpunkt och Leit matenee wäerte krank ginn, mateneen an der Klinik wäerte landen a mateneen op der Intensivstatioun wäerte sinn. Dat wäert sech net an der Zäit zéien. Dat ass dat, wat d'Feierdeeg esou geféierlech mécht. Si sinn op engem punktuellen Dag. Wa mer eis op deem Dag eng ginn, da wäerte mer zu engem nammlechten Zäitpunkt en Afflux kréien an de Spideeler. Dat ass dat Tüchescht bei dëser Krankheet. Si ass immens vorausschbar an hirem Verlaf. An do kann een net domadder spillen am Moment.

Ech hunn et och rechne gelooss. Dir froet ëmmer Fakten. Mir wëssen, mir sinn am Moment bei engem Taux de reproduction, dee bei 0,9 läit. Do hu mer eis higeschafft iwwert déi lescht Wochen a Méint, well d'Situatioun ass lues a lues erofgaangen. Si ass net do, wou mer wëlle sinn. Ech wëll dat ëmmer erëm ënnersträichen. Mee allerdéngs ass se erofgaangen.

Mir si bei 0,9. Elo hu mer gerechent. Huelt nëmme dräi Deeg, dräi Deeg, wou ee géif eng Abstraktioun dovunner maachen an dat verduebelen, da wäre mer während dräi Deeg op 1,8 am Schnëtt. Dat géif derzou féieren, dass mer ëm den 10. Januar eis Limiten, déi mer elo haten, géifen no uewe sprengen an de Spideeler. Dat ass dat, wat eise Modell am Moment hiergëtt. Dat muss ee verstoen. E puer Deeg ginn d'fir. Dat Ganzt spreet exponentiell.

■ **Une voix.** - Très bien!

■ **Mme Paulette Lenert, Ministre de la Santé.** - An aleng dräi Deeg géifen duergoen, fir Ufank Januar deen doten Effet ze hunn. Dat sinn eis Berechnungen. Elo kënn Der soen: „Dat ass theoreetesch.“ Jo. Et ass dee Modell, deen awer op eisen aktuellen Zuele fousst, an et ass dat, wat en hiergëtt. An ech hoffen, dass jiddwereen dat versteet.

■ **Une voix.** - Et ass net schwéier.

■ **Mme Paulette Lenert, Ministre de la Santé.** - Dach, et ass komplizéiert.

■ **Une autre voix.** - Black Friday!

(*Brouhaha*)

■ **Mme Paulette Lenert, Ministre de la Santé.** - Dëst ass dat, wat d'Wëssenschaft hiergëtt, wat eis Berechnungen hierginn. A firwat ass en Ënnerscheed



tëschent engem Commerce awer nach ëmmer an dem Horeca oder doheem Besuch hunn? Den Ënnerscheid ass ganz einfach: Doheem huet ee kee Mask un. Am Horeca huet ee kee Mask un, wann een zesummen ësst. An dat ass e weesentlechen Ënnerscheid. Dat mécht e weesentlechen Ënnerscheid an der Statistik, ob ech déi Measure de protection hunn oder net. An dat ass och d’Kohärenz vun de Mesuren, wann Der esou wëllt. Mir versichen, déi Situatioun, wou ee par définition eeben net dee Schutz huet, ze evitéieren, grad an därser Zäit.

An da géif ech och gäre betounen: Mir kënnen esou vill en place setze wéi mer wëllen, wann d’Leit net matmaachen, wäert et net gräifen! An d’Leit hu matgemaach. Wann d’Leit net géife matmaachen, da kéinten déi Zuelen net erofgoen. Et wär iwwerhaupt net méiglech. Wann dat esou wär, dass kee sech drun hält, et deet mer leed, da kéinte mer net eng Tendenz hunn, déi am Moment dach awer nach liicht no ënne geet. Mir gleewen do drun.

An ech géif och gären de Frank Engel zitëieren op senger fréier Tribün vum 6. Juli, wou e gesot huet: „Méi Fräiheet geet nëmme mat méi Verantwortung!“ Dat ass och meng Iwwerzeegung. Iergendwou muss d’Verantwortung hier. Et geet net ouni.

(Brouhaha)

Eng Ausnameregelung fir d’Feierdeeg, dir hutt et verstanen, ass fir eis also keng Optioun. Et wär dee falsche politesche Message. Ech mengen, et ass eis Verantwortung, fir alleguerte ze hëllefen, dass d’Leit dat verstinn. Et ass komplizéiert. Et ass alles komplizéiert an där Situatioun hei. D’Wëssenschaft huet och net d’Äntwerten op alles. Mee verschidde Saache sinn awer kloer. A wa mer kloer déi dote Warnunge kréien, dann ass et dach eis kollektiv Verantwortung, wierklech ze hëllefen, dass d’Leit dat verstinn, a se net nach méi duerjerneen ze maachen.

De Virus, deen huet säi Rhythmus. Et ass vill hei vu Rhythmus a vu Sport geschwat ginn. De Virus, dat ass e Marathonleefer. Deen huet säi Rhythmus. Dee weess genau, wat en ze maachen huet. En huet en Otem, dee geet ëm net aus. An e wäert och d’Feierdeeg net méi lues maachen, scho guer net am Wanter. Dat kënnt jo nach derbäi. Et ass alles verstärkt, well mer matten am Wanter sinn!

An, jo, statistesch ass et tragesch: Ee vun Honnert Neiinfizéierte wäert säi Liewe loosse! Dat wësse mer och. An dofir solle mer wierklech all en Effort maachen. All eenzelnen Dag zielt. All eenzelnen Dag, wou mer Exceptiounen maachen, huet Repercussionen.

Chrëschttag a Silvester, dat feiere mer all Joer. An eemol verzichten, dat ass vläicht traureg, mee ech sinn iwwerzeegt, dat ass dee kleng Präis, dee mer ze bezuelen hunn.

■ **M. Mars Di Bartolomeo (LSAP).**- Très bien!

■ **Mme Paulette Lenert, Ministre de la Santé.**- A loosst eis virun allem un all déi Leit denken, déi säit Méint am Asaz sinn, fir dës Kris ze stäipen an dem neie Covidpatient - well dat ass e komplett neie Patient an eise Spideeler - eng beschtméiglech Fleeg ze garantéieren.

Loosst eis och un all déi denken, déi ee ganz héije Präis scho bezuelt hunn: Eis Kanner, eis Jugendlech, och vill Erwuessener, op verschidden Aart-a-Weisen. Jiddwereen huet hei ganz vill ginn. A mir sollten elo an der leschter Ligne droite zesummenhalen an eis et net verdierwen.

■ **Une voix.**- Très bien!

■ **Mme Paulette Lenert, Ministre de la Santé.**- Mir hu scho méi wéi eemol gesinn, wat mer hei zu Lëtzebuerg kënnen, wa mer all zesummenhalen. Mir hunn dat am Fréijoer gewisen. Mir hunn Efforte gemaach an déi hu gutt gewierkt. An déi hunn och net jiddwerengem gefall zu deem Zäitpunkt. Ech erënnere mech ganz gutt, dass dat keng einfach Zäit war. Et war meng Ufankszäit an der Politik. An och wann dat vill verdrängt ginn ass, do wor och nach laang net jiddwereen eens mat deene Mesuren, déi geholl gi sinn.

(Brouhaha)

Et ass awer weltwäit esou. Gott sei Dank hu mer eng gutt Zensur fir déi éischt Phas kritt. D’OECD huet eng éischt Evaluatioun gemaach, a Lëtzebuerg gehéiert zu deene Länner, déi extreem gutt ewechkomm sinn. Ech invitéieren lech alleguerten, dat ze liessen. Dat soll eis Courage ginn. Dat weist, dass mer vläicht net esou kleng sinn, wéi mer mengen. Mir kënnen schonn, wa mer wëllen, ...

■ **Une voix.**- Très bien!

■ **Mme Paulette Lenert, Ministre de la Santé.**- ... en Effort maachen.

Mir hunn et fäerdegbruecht, an dat ass deen zweetbeschte Score, an 18 Deeg eis Well ze brieche. Dat ass e Ranking weltwäit, dee geet vun 11 Deeg bis op 58 Deeg. Lëtzebuerg huet déi zweetbescht Platzéierung do gehat. Dorobber kënnen mer stolz sinn, alleguerten zesummen! An och dat wär net

just mat Gesetzer gaangen, dat wär absolutt net méiglech gewiescht, wann d’Leit net matgemaach hätten, wann net déi grouss Solidaritéit do gewiescht wär a wann d’Leit net och wierklech hire Verstand agesat hätten. An un dee gleewen ech och haut nach!

■ **Plusieurs voix.**- Très bien!

■ **Mme Paulette Lenert, Ministre de la Santé.**- Haut gesi mer, dass et bougéiert. Net wierklech genuch. A wann et net genuch wäert bougéieren, an dat ass e leschten Delay, dee mer eis och ginn, well d’Situatioun ass kritesch an eise Spideeler, abee, da wäerte mer eng Schëpp nogeheien. An och dat wäerte mer packen. Ech gleewen drun, dass mer dat all zesumme wäerte packen, och dës Kéier nach eng Kéier. Mir sollten eis do net dreiwel loosse, net vun deem, wat riets a léns geschitt. Mir hunn eise Wee. Mir hunn eng Wëssenschaft, déi eis zouschafft. Mir loosse alles afléissen, wat et Neies gëtt. An och déi Etüd, déi zitëiert ginn ass vum Marc Baum, déi kucke mir och mat ganz vill Interesse am Moment. Déi ass och matten an enger Peerreview. Dat sinn alles Erkenntnisser, déi mer sécherlech wäerte matophuelen, wa mer nächst Mesurë proposéieren.

An ech géif och gären nach ofschléissend soen: All eenzelne Schrëtt ass en neie Schrëtt an därser Kris. Keng Well war bis elo wéi déi aner. Och net déi am Summer, déi oft vergiess gëtt. Dat war dee Summer, an ech héieren et ëmmer erëm, wou anscheinend alles esou roueg war. Abee, wann et fir lech roueg war, Här Wiseler, bei eis war et net roueg. Mir hu villen préparéiert. Mir hunn eng Well gestäipt. Mir hunn de Contacttracing eropgefuert. Mir hunn un der Impfstrategie geschafft. Mir hunn eng Teststrategie komplett iwwerschafft. Bei eis war et iwwerhaupt net roueg. Mir hunn net trainéiert. Mir sinn net Vëlo gefuert. Mir si kee Marathon gelaf. Mir hu geschafft de Summer iwwer. Et war net roueg.

■ **Une voix.**- Très bien!

■ **Mme Paulette Lenert, Ministre de la Santé.**- An ech muss soen, ech widderhuelen et ëmmer erëm gären, well et meng Leit dach awer ganz staark trëfft, dat ze héieren, an ëmmer erëm ze héieren, surtout! Et kann engem jo emol eng Kéier derduerchrutschen.

■ **Une voix.**- Très bien!

■ **Mme Paulette Lenert, Ministre de la Santé.**- Jiddefalls, ...

■ **M. Claude Wiseler (CSV).**- Et ass mer par ailleurs net derduerchgeruscht, ...

■ **Mme Paulette Lenert, Ministre de la Santé.**- ... dëst ass a bleift eng ...

■ **M. Claude Wiseler (CSV).**- ... wëll ech lech soen!

■ **Mme Paulette Lenert, Ministre de la Santé.**- ... ganz kritesch Woch an eisen Aen. Et ass eng ganz kritesch Woch. Dat si mer eis alleguerte bewosst. A mir suivéieren déi Situatioun hei Dag fir Dag, zesumme ...

(Brouhaha)

... mat deene Leit, déi eis beroden, déi ronderëm eis sinn.

(Brouhaha)

A mir wäerten eis Responsabilitéit huelen, genau sou wéi mer eis Responsabilitéit ...

(Coups de cloche de la présidence)

■ **Une voix.**- Très bien!

■ **Mme Paulette Lenert, Ministre de la Santé.**- ... iwwerhuelen, fir Decisiounen ze huelen, och wa mer keng wëssenschaftlech Grondlag hunn.

Dir hätt gär ganz viles. Jo, mir och. Mir lueren nëmmen esou op nei Erkenntnisser. Eis Leit maache soss näischt, wéi ze kucken, wat et un neien Etüde gëtt, fir déi och duerchzeliesen an ze gesinn, ob dat eis kann hëllefe fir nächst Schrëtt. Och mir hätte gär méi Informatiounen. Allerdéngs si mer an enger Situatioun, wou mer mussen Decisiounen huelen, och wa mer net déi wëssenschaftlech Basis hunn. Mir mussen eis Verantwortung iwwerhuelen. An dat mag da pitoyabel eriwierkommen, erbäermlech op Lëtzebuergesch, dann ass dat esou. Och dat assuméieren ech.

Mir hunn nëmmen dat, wat mer am Grapp hunn, a mir mussen handelen. Mir kënnen net ofwaarden, bis mer zu all Schrëtt eng wëssenschaftlech Basis hunn. Dat ass an därser Zäit net méiglech, net hei am Land an och soss néierens.

Ech soen lech Merci.

■ **Plusieurs voix.**- Très bien!

(Brouhaha)

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools der Madamm Gesondheetsministesch. An direkt Parole après ministre fir den Här Claude Wiseler. An dann den Här Marc Goergen.

■ **M. Claude Wiseler (CSV).**- Merci, Här President. Ech muss awer elo wierklech e puer Saache soen. Eng Rei vun den Äntwerte kommen duerno bei den

eenzelne Motiounen. Mee op dat, wat d’Madamm Minister elo gesot huet, kann ech awer net einfach näischt soen.

Dat Éischt, dat ass: Ech wëll lech just soen, datt mir net Marathon gelaf sinn a Vëlo gefuert sinn an der Vakanz, mee mir hunn eis Aarbecht gemaach, esou wéi mer se uerdentlech konnte maachen. A mer hunn dat gemaach, wat ze maache war.

Ech gleewe par ailleurs och, datt Dir geschafft hutt. Ech hu jo net gesot, Dir hätt net geschafft. Ech hu just gesot, datt Dir eng Rei Saachen - déi mir als noutwendeg an der Politik fonnt hätten, datt se géife gemaach ginn, an ech hu se opgezielt - net gemaach hutt. Vläch, well Der d’Zäit net hat, vläch, well Der net wollt, vläch, well Der eng aner Politik wollt maachen. Mee dat ass awer déi Politik, déi mir am Juli gefrot hunn. Déi war net fir September, Oktober prett. Dat kann ech just einfach feststellen, well dat ass esou.

Da wëll ech op zwee Punkten agoen. Notamment hutt Der eis hei Zuele ginn, wéi Dir se da gesitt am Verglach mat deenen aneren. Ech kommen eng Kéier gär dorobber zrëck, well dat, wat Der gesot hutt, datt stëmmt effektiv. Mir haten am Oktober an am September Zuelen, déi à peu près vergläichbar ware mat deenen aus dem Ausland, Belsch a Frankräich. Duerno sinn déi an der Belsch an a Frankräich staark an d’Luucht gaangen. Eis par ailleurs och.

Deen eenzegen Ënnerscheid, an dat gesäit een extreem, extreem kloer an deene Courben, déi Der hei hutt, dat ass: Wéi Frankräich an d’Belsch Moossname geholl hunn, hat dat an extreem effikassen Effekt hannendrun! An zum Beispill sinn d’Belsch, am Oktober op 1.500 Neiinfektiounen den Dag, op 200 erofgaangen. Vu 1.500 op 200. An déi a Frankräich si vun 800 op 185 erofgaangen dun, wéi se d’Moossname geholl hunn.

A genau dat ass, wat mir soen: Mir hu Moossname geholl a mir si stabil bliwwen! Dat ass also trotzdem en absoluten Ënnerscheid an der Effikasitéit vun deene Moossnamen, déi geholl gi sinn. An an deene Courben, déi Dir elo zitëiert hutt, gesäit een dee ganz kloer.

A wann een dann och de Rapport vun Ärer Covid-Taskforce liest, dee se virgëschter erausginn huet, dee seet och absolut kloer an däitlech, datt déi Moossnamen, déi geholl sinn, net déi Effekter bruecht hunn, déi geduecht waren, an déi se och hätte misse bréngen! An et geet am Fong ëm Moossnamen, déi da susceptibel sinn, déi Effekter ze bréngen - hors, mir stelle fest, datt déi elo net kommen! An dat ass dat, wat mer hei politesch reprochéieren a soen - dat ass dat Éischt.

Dat Zweet, wat ech wëll soen, dat ass, datt ech awer elo mat Staune gelauschert hunn, datt Der plädéiert hutt, an ech gleewen dat souguer, datt ... - also ech gleewen et wierklech! -, datt am Fong d’Kanner genau déi selwecht Ustiechungsgefor hätten, wéi aner Leit! Dat hutt Der eis hei elo zwee- oder dräimol repetéiert - ech kann dat och verstoen! Ech kommen duerno, d’ailleurs nach op déi Chrëschttagsgeschicht zrëck, wat net eppes ass, wat mir froen, wierklech net, mir froen eppes ganz anescht! Mee zrëck op d’Ustiechungsgefor: Dir sot genau dat selwecht!

Mee wann ech dann awer dem Här Meisch säi Bericht liessen, dee seet mer awer da ganz kloer: „An de Schoulen ass dat absolut net de Fall gewiescht!“ Ben, Här Meisch, ech kann lech d’Konklusiounen nach eng Kéier virlesen, ech hunn et a menger Ried gemaach. Dir sot: „An der zweeter Well sinn déi Ustiechungen, déi geschitt sinn, net an der Schoul geschitt, wann do een ugestach ginn ass, dann ass dat an der Famill, bei soziale Kontakter geschitt, a wéi och ëmmer.“ D’Madamm Lenert seet, et wär genau déi selwecht Ustiechungsgefor bei de Kanner - da muss ech awer soen: Wéi brénge mer dat dann zesummen? Et kann een awer net dat eent an dat anert soen! Et muss awer eppes richtig an eppes falsch si bei där doter ganzer Geschicht.

Esou, op de Rescht kommen ech bei de Motiounen zrëck.

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci, Här Wiseler. Da wier et um Här Goergen.

■ **M. Marc Goergen (Piraten).**- Merci, Här President. Eng Bemierkung, an duerno eng Fro: Ech hunn Är Bemierkung mat Chrëschttag opgehooll - „d’nächst Joer ass nach e Chrëschttag“ -, et ass awer och esou, dass verschidde Familljen elo scho wëssen, dass eenzel Membere leider haut e Stand hunn, wou se d’nächst Joer net méi wäerten do sinn. An trotz allem, och wann déi all Precautiounen géifen huelen - Mask, Désinfectants, alles doheem -, kënnen déi net d’Kanner alleguerten invitéieren, an et kann een deene Leit dës Kéier kee schéine gemeinsame Chrëschttag erméiglechen. Do hätt ee kéinten eng Ouvertür maachen a soen: Et si schwiereg Fäll, wann een d’Virsichtsmaossnamen hält, hätten déi nach kéinten e Chrëschttag hunn, well ee weess, dass d’Gesondheet am Moment schwéier leit an een d’nächst Joer riskéiert, dass déi Leit leider net méi do sinn.

Zu menger Fro: Ech deele ganz genau Är Analys, déi Der gemaach hutt mat Chrëschttag an och mat de Schoulen an de Kanner, an dofir froen ech nach eng Kéier - ech hat lech mengen ech am Oktober fir d’éischt gefrot, ech hat lech virun dräi, véier Wochen an der Ried nach eng Kéier gefrot -: Firwat verlängere mer dann net, wa mer alleguerten déi Zuelen hunn, déi Dir elo hei gesot hutt, déi Chrëschtvakanz ëm zéng Deeg, fir do e kleng Wellebriecher anzebauen?

Well Dir hutt genau gesot: Dee Wellebriecher, dat ass am Summer och duerch d’Vakanz gewiescht, dat ass, wat et a Lëtzebuerg ofbremst! Firwat verlängere mer net, mat all deenen Zuelen, déi Dir hei erkläert hutt, einfach no Silvester zéng Deeg - eng natierlech Quarantän? An d’Kanner wären doheem, d’Leit bremsen of, mir huelen den Drock aus de Spideeler - firwat gi mer net dee Wee?

Merci.

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Här Goergen. Ech géif elo emol d’Wuert zrëckginn un d’Madamm Gesondheetsministesch. An dann ass et um Här Baum an um Här Kartheiser. Fir d’éischt d’Madamm Gesondheetsministesch.

■ **Mme Paulette Lenert, Ministre de la Santé.**- Jo, merci! Ganz kuerz: Ech mengen, et ass genau dat, wat ech wollt illustréieren! A Frankräich, an der Belsch si ganz drastesch Mesurë geholl ginn, ech hunn hei keen héiere plädéieren - och net an der Chamberskommissioun zu deem Zäitpunkt, Mëtt Oktober -, dass mir sollte Mesuren huele wéi a Frankräich oder wéi an der Belsch, dat heescht, eng Stonn eraus goen, während enger Stonn am Dag, an doriwwer Buch féieren.

(Interruption)

■ **M. Claude Wiseler (CSV).**- Mir hunn lech awer eng ganz Rei Mesurë proposéiert! Mir hunn erëm Motiounen hei abruecht ...

■ **Mme Paulette Lenert, Ministre de la Santé.**- Jo, de Port du masque an der Groussgaass, ...

(Interruption)

■ **M. Claude Wiseler (CSV).**- ... Dir hutt se awer net ugehooll!

■ **Mme Paulette Lenert, Ministre de la Santé.**- ... hätt eis Courbe ...

(Interruption et coups de cloche de la présidence)

... net geännert, dat ass meng Iwwerzeegung - dat ass richtig! An da géif ech just gären ënnersträichen - mee gutt, dat ass och schonn oft erkläert ginn -, et ass jo net den Taux de positivité! D’Fro ass: wou? Mat engem nammlechten Taux de positivité, wann een an enger ongeschützter Situatioun ass, wéi doheem un lessen, bei enger Feier, dann ass dat en anere Risk, wéi wann et an engem organiséierte Kader ass oder wéi wann een anzwousch ass, wou een e Mask unhuert oder op der Aarbechtsplaz, wou eppes gereegelt ofleeft. Dat kann een net 1:1 extrapoléieren. Méi wollt ech dozou net soen.

■ **Une voix.**- Et geet och duer.

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci. Da géif ech d’Wuert ginn un den Här Marc Baum.

■ **M. Marc Baum (déi Lénk).**- Jo, merci, Här President. Ech wëll vläch och just kuerz op dräi Saachen agoen, déi gesot gi sinn.

Dat Éischt ass déi Plaidoirie, déi mer hei scho bal héieren hunn, fir de Black Friday. Also éischstens, mengen ech, muss ee soen: Deen Éischten, deen de Black Friday kritiséiert huet, dat war de Rapporteur vun deem Projet de loi. Domat huet et ugefaangen. Ech fannen awer déi Argumentatioun, déi de Premier elo benotzt, fir ze soen, mee de Black Friday, dat wär iwwerhaupt net schlëmm gewiescht, well duerno hätt et soss missen eng Explosioun ginn - déi mécht mech awer ganz stutzeg! Well éischstens kann een dat iwwerhaupt net esou erausfannen, an zweetens hält en domadder argumentativ de Bienfondé vun der eenzeger Neierung vun dësem Gesetz! Ech mengen, datt de Premier besser gehat hätt, sech net zum Black Friday ze äusseren, well dee Schoss ass definitiv no hanne lassgaangen!

■ **Plusieurs voix.**- Très bien!

■ **M. Marc Baum (déi Lénk).**- Zweetens: Et huet mengen ass, kee gesot, datt déi Mesuren, déi bis elo geholl gi sinn, iwwerhaupt näischt gedéngt hunn. Wat ech op jidde Fall gesot hunn, ass: Se hunn d’Zil verfeelt, fir d’Spideeler ze entlaaschten. Dat hunn déi Mesurë verfeelt, dat ass net erreecht ginn! Dat muss een objektiv esou gesinn!

Virun zéng Deeg hate mer en Trend, wou et no ënne gaangen ass, wou d’Zuel vun den Hospitalisatiounen an d’Zuel op den Intensivstatiounen erofgaangen ass. Mee zënter zéng Deeg ginn déi erëm an d’Luucht mat dem Rekordwäert op den Intensivstatiounen, déi mer gëschter iwwermëttelt kritt hunn - esou steet et op jidde Fall op der Säit vu Covid-19. Dat ass domat gemengt, datt déi Mesuren net zillfürend sinn, besonnesch an deem Beräich, deen entscheidend ass: nämlech an de Spideeler. Dat heescht net, datt se näischt gedéngt hunn, well, na-



tierlech stëmmen all déi Saachen, déi Der gesot hutt! D'Neiinfektiounen gi llicht erof, just - se ginn ze llicht erof, fir fir Entspannung ze suergen, well mer wëssen: Déi Neiinfektiounen vun haut, dat sinn d'Hospitalisatiounen vun an zwou Wochen. A wann et deemnächst net signifikativ erofgeet, dann ass déi Situatioun an de Spideeler eng, déi nach Wochen, an deemno wéi, Méint wäert daueren, an ech weess net, ob mer dat als Gesellschaft packen. Dat hunn ech domadder gemengt.

An drëttens wëll ech awer e bësse mat deem Regierungsmythos brieden, dee seet, d'Ausgangsspär hätt d'Well quasi ënnerhielegt oder d'Well zum Scheitelpunkt bruecht. Dat ass net esou! Dir selwer berufft lech op de Reproduktionsfacteur, den R. Den R hat säin Héichpunkt an dëser leschter grousser Well de 24. Oktober, dat heescht, eng Woch, ier déi Mesuren, wéi d'Ausgangsspär, a Kraaft getruede sinn. Dee Moment, wou se a Kraaft komm sinn, den 30. Oktober, do hate mer en R-Facteur, dee scho bei 1,1 war, an zënter deem d'Gesetz a Kraaft ass, oscilléiert et emol eng Kéier knapps iwwer, emol knapps ënner 1. Dat heescht, et kann een net soen, objektiv wier et esou, datt d'Ausgangsspär d'Well gebrach hätt! Zumindest kann een dat net opgrond vun Donnéeën, wat de Reproduktionsfacteur ugeet, soen.

Merci.

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci, Här Baum. An da ginn ech d'Wuert direkt weider un den Här Fernand Kartheiser.

■ **M. Fernand Kartheiser (ADR).**- Jo, Här President, villmools merci. Ech mengen, dat, wat mer haut de Moien hei héieren hunn, dat léisst eigentlech nëmmen eng Konkusioun zou: Dat ass e schrecklechen Echec vun dëser Regierung! An ech wëll erklären, firwat mir dat esou gesinn.

(Brouhaha et coups de cloche de la présidence)

D'Regierung, an ech mengen do si mer eis heibanen eens, ass u sech zoustänneg, fir d'Liewen am effentleche Raum och ze geréieren am Fall vun enger sanitärer Kris, an och fir Schutzmoosnamen ze huelen. A wat gesi mer? - An dat ass an den Diskussiounen de Moien hei ganz kloer erauskomm: Mir ginn hei gewuer, datt d'Kanner genee esou ustiechend sinn, wéi aner, méi grouss Persounen. Mir wëssen, den Här Educationminister huet dat ganz laang Zäit einfach niéiert, an haut ass nach e grouse Problem an de Schoulen! Firwat gëtt net besser reagéiert?

Zweete Punkt: Mir bedauern, datt d'Familljeministesch net hei ass. Mir hunn haut an deene verschiddenen Exposéen héieren, wéi grav d'Situatioun an den Heemer ass. Et ass ee vun deene Secteuren, wou dës Regierung am meeschte versot huet, eng komplett Inaktivitéit, fir en effikasse Schutz vun den eelere Leit an de CIPaen ze garantéieren. Dat wär Är Zoustännegkeet, an d'Regierung huet dat net gemaach, net genuch an de Schoulen, net genuch an de CIPaen!

Drëttens: Den Här Delles huet gesot, an dat hu mer de Moien och hei als ADR gefrot, en hätt prezis Indicationen, firwat den Horeca-Secteur huet mussen zougemaach ginn - mir waarden elo nach op déi prezis Indicationen! Dat ass och net lichterfankeg: D'Madamm Minister huet hei gesot: „Jo, et huet ee keng Masken un.“ - et geet och ëm d'ekonomesch Existenz vu ganz ville Leit hei am Land! An et dierf een net lichterfankeg mat deene Konsequenzen ëmgoen, déi dat huet, weeder am Horeca, nach an der Geschäftswelt! Déi Leit maache sech Suergen ...

■ **M. Roy Reding (ADR).**- Très bien!

■ **M. Fernand Kartheiser (ADR).**- ... si maache sech zu Recht suergen! An de Staat, an dat soen ech hei och dem Här Premierminister, soll net nach derzou bäidroen, datt d'Geschäfte an eng Faillite kënnen gedriwwen ginn, well de Staat zum Deel synchron, ouni weider Ofschätzung vun der Situatioun, tëschent verschiddenen Administratiounen Saachen zesummen afuerdert, déi d'Geschäfte wierklech un de Bord vun der Existenz dreien. Dir hutt eng Verantwortung an dëser Situatioun, fir och Är staatlech Aktiounen esou ze koordinéieren, datt d'Situatioun net nach méi schlimmt gëtt!

An eng lescht Bemierkung - well ech gesinn, datt dat vläicht och schonn e bësse laang ass fir den Här President -: Den Här Baum huet a sengen Ausféierungen eng ganz interessant Bemierkung gemaach, an dat ass d'Infizéierung an der Aarbechtswelt, en Aspekt, deem net genuch gekuckt gëtt. Wou ass den Här Kersch dann haut? Wann et wierklech esou ass, datt mer esou vill Infektiounen op der Aarbecht hunn an ...

■ **Mme Nancy Arendt épouse Kemp (CSV).**- Deen ass scho säit Laangem verschwonnen!

■ **M. Fernand Kartheiser (ADR).**- ... datt dat och sozioekonomesch e Problem ass, firwat ass den Här Kersch dann net hei? Loosse mer d'Leit do protegéieren, wou se musse protegéiert ginn: Am effentleche Raum. An ech géif der Regierung recommandéieren, hir Verantwortung am effentleche Raum

eescht ze huelen, ier se ufänkt d'Privatliewe vun de Leit wëlle bis an de leschten Detail ze reegelen - dat ass net d'Zoustännegkeet vun der Regierung!

Merci.

(Brouhaha)

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Här Kartheiser. An da ginn ech d'Wuert zrëck un d'Regierung: d'Madamm Gesondheetsministesch Paulette Lenert.

■ **Mme Paulette Lenert, Ministre de la Santé.**- Jo, vläicht just e puer Observationen: Dat mat de Spideeler ass ganz richtig, mee den Effet, dee wäert méi differéiert spierbar sinn. Mir hunn de Phänömen, dass d'Leit jo ganz laang an de Spideeler leien, och ëmmer méi op de Soin-normalen, an do duerch ass et statistesch gesinn normal, dass dat nach nowierkt, an den Effet vum Reduzéiere misst eigentlech elo eréischt antrieden. Dat kënn awer duerch déi Durée vum Openthalt.

Wourunner mer ausmaachen ... also ech hu sécher net behaupt, dass d'Ausgangsspär aleng en Effet hätt, justement, mäi Message war den, fir ze soen: „Mir kënnen net soen, wat et genau ass.“ Mir hunn en Effet gesinn, an dee maache mer effektiv aus ... Wann ech lech misst soen, wat den Hauptindicateur ass, wou mer et elo drun ausmaachen, dat ass et den Taux de positivité um Niveau vum Large-Scale-Testing - ech hat dat an der Chamberskommission schonn e puermol erkläert. Dat ass fir eis e ganz gudden Indicateur, well mer jo do op engem Echantillon vun der Bevëlkerung testen, deen asymptomatesch ass, an dee geet awer erof, relativ kloer. Dee geet erof, deen huet deen Trend no ënnen. Mee et ass richtig, aleng um R kann een dat net erausliesen.

Fir de Rescht vun der Aarbecht si mer selwer ganz och un dem Detail vun där Etüd interesséiert. Dat wat ech lech ëmmer gesot hunn, dat sinn déi Echoen, déi mir hu vun eiser Inspection sanitaire vum Tracing. Mir konnte weeder Secteuren ausmaachen, wou op der Aarbecht eppes Genaues siichtbar ass nach Situatiounen ...

Dat wat ee gesinn huet, waren dann éischter eebe Kontexter, déi erëm deem nokommen, wat och am Privaten ass: Dat ass, wa Leit sech während der Paus gesinn hunn oder Covoiturage fir op d'Aarbecht. Mir hate quasi keng Wochen, wou elo wierklech e staarken Trend ..., wou een hätt kënnen soen: „Do gesi mer spezifesch anzwousch eppes, wat wierklech ganz alarmant ass.“ Mee sécherlech wäerte mer och déi Etüd, déi rezent déi do ass, ganz genau kucken a probéieren, doraus Réckschlëss ze zéien.

Zum Fleegesecteur: Ech mengen, do hu mer ons scho ganz oft echagéiert. De Monitoring, deen d'ailleurs och vun der Madamm Lorsché ugeschwat ginn ass, ben, deen hat Lëtzebuerg schonn extreem fréi en place par rapport zum ganze Fleegesecteur. Mir hu schonn en informatésche Monitoring - ech mengen, bannent dräi Wochen hate mer dee mam Centre informatique stoen -, wou mer d'Donnéeën vun de Maison-de-soinen hunn. Do wore spezifesch Aarbechtsgruppen an der Cellule de crise, déi sech just mat deem Thema befaassen. Dat ass e schwierege Sektour, dat wësse mer alleguer, dat ass an all Land esou. Mir si jiddefalls do vun Ufank u beméit, e ganz, ganz enke Suivi ze maachen an den Altersheemer, mat der Teststrategie. Mee ech erspueren lech dat, Dir kennt dat alleguerten. Et ass och net direkt de Sujet vum Dag.

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools der Madamm Gesondheetsministesch. D'Diskussioun ass elo ofgeschloss.

Ier mer elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 7733 kommen, stëmme mer fir d'éischt iwwert den Amendement Nummer 1 vun der ADR of, deen als Objet huet, am Ufank vum éischte Saz vum Artikel 4. (1) « à l'exception des 24, 25, 26 et 31 décembre et du 1^{er} janvier » derbäi ze setzen.

Vote sur l'amendement 1

De Vott fänkt un. Fir d'éischt de Vote électronique fir déi perséinlech Stëmmen.

Duerno maachen ech den Appel nominal fir déi, déi wëllen e Vote par procuration ofginn.

Appel nominal (votes par procuration)

Domadder ass dësen Amendement mat 4 Jo-Stëmmen a 56 Nee-Stëmmen ofgeleent.

Ont voté oui : MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding.

Ont voté non : Mmes Diane Adehm (par M. Marc Lies), Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen (par Mme Nancy Arendt épouse Kemp), Paul Galles (par M. Georges Mischo), Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo, Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding, MM. Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Serge Wilmes (par M. Gilles Roth), Claude Wiseler et Michel Wolter ;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer ;

Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Claude Haagen, Mmes Cécile Hemmen et Lydia Mutsch ;

Mme Semiray Ahmedova, MM. Carlo Back, François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché et M. Charles Margue ;

MM. Sven Clement et Marc Goergen ;

MM. Marc Baum et David Wagner.

Mir kommen dann elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 7733. Den Text steet am Document parlementaire 7733³.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 7733 et dispense du second vote constitutionnel

De Vott fänkt un. Fir d'éischt de Vote électronique fir déi perséinlech Stëmmen.

Duerno maachen ech och hei den Appel nominal fir déi, déi wëllen e Vote par procuration ofginn.

Appel nominal (votes par procuration)

Domadder ass dëse Projet de loi mat 31 Jo-Stëmme géint 29 Nee-Stëmmen ugeholl.

Ont voté oui : MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer ;

Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Claude Haagen, Mmes Cécile Hemmen et Lydia Mutsch ;

Mme Semiray Ahmedova, MM. Carlo Back, François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché et M. Charles Margue.

Ont voté non : Mmes Diane Adehm (par M. Marc Lies), Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen (par Mme Nancy Arendt épouse Kemp), Paul Galles (par M. Georges Mischo), Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, M. Georges Mischo, Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding, MM. Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Serge Wilmes (par M. Gilles Roth), Claude Wiseler et Michel Wolter ;

MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding ;

MM. Sven Clement et Marc Goergen ;

MM. Marc Baum et David Wagner.

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass et esou decidéiert.

Motions

Mir kéimen dann zur Ofstëmmung vun deene verschiddene Motiounen.

Motion 1

Fir d'éischt d'Motioun Nummer 1, déi d'CSV ofginn huet a wou et ëm eng Stratégie politique globale geet. Ass nach een, deen zu där Motioun d'Wuert wëllt ergräifen?

D'Madamm Gesondheetsministesch Paulette Lenert.

■ **Mme Paulette Lenert, Ministre de la Santé.**- Jo, entschëllegt, ech war mer net bewosst, dass ech eppes dozou sollt soen.

Selbstverständlech wäerte mer eis eng Laangzäit-Strategie ginn. Mir hunn och elo eng Strategie en place, an déi gëtt au fur et à mesure ugepasst. A mat all neien Erkenntnisser, déi een huet, kritt ee Bausteng bäi. Ech hunn et virdru gesot: All Well war bis elo eng aner. Mir hunn awer elo réckbléckend natierlech eng Rei Erfarungen an déi wäerten eis sécherlech ... - ech mengen, dat ass eppes, wat mer selbstverständlech fannen, dass mer déi Erfarunge beienee bréngen an au fur et à mesure kucken, wéi een dat kann no vir projezéieren, wëssend, dass keen déi absolut Wourecht huet. Et ass och nach néierens e Stufeplang an deem Sënn, wou ee géif soen: „Dat ass elo de Modell, deen zücke mer an dee kopéiere mer.“ Mee mir sinn natierlech beméit, alleguerten zesummen eis Strategien - Teststrategien, Preventiounsstrategien, all déi Mesuren, déi mer hunn -, unzepassen. Asoufern hunn ech absolut kee Problem domadder.

■ **Plusieurs voix.**- Très bien!

■ **Une voix.**- Yes! Très bien!

Vote sur la motion 1

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Kënnen mer dann iwwert dës Motioun par main levée ofstëmmen?

(Assentiment)

Wie mat dëser Motioun d'accord ass, soll d'Hand an d'Luucht hiewen.

Wien ass dergéint?

Wien enthält sech?

Domadder ass dës Motioun eestëmmeg ugeholl.

Motion 2

Da kéime mer zur Motioun Numero 2, déi vun der CSV deposéiert ginn ass. Gëtt et do nach Wuertmeldungen derzou?

(Brouhaha)

■ **M. Xavier Bettel, Premier Ministre, Ministre d'État.**- Si kënnen se zrëckzéien, wa se wëllen.

(Hilarité et brouhaha)

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Dat schéngt net de Fall ze sinn.

De Vote électronique ass gefrot.

■ **Plusieurs voix.**- Jo.

Vote sur la motion 2

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Fir d'éischt déi perséinlech Stëmmen.

Duerno maachen ech den Appel nominal fir déi, déi wëllen e Vote par procuration ofginn.

Appel nominal (votes par procuration)

Domadder ass dës Motioun mat 23 Jo-Stëmmen, 34 Nee-Stëmmen an 2 Abstentionen net ugeholl.

Résultat définitif après redressement : la motion 2 est rejetée par 35 voix contre, 23 voix pour et 2 abstentions.

Ont voté oui : Mmes Diane Adehm (par M. Marc Lies), Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen (par Mme Nancy Arendt épouse Kemp), Paul Galles (par M. Georges Mischo), Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo, Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding, MM. Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Serge Wilmes (par M. Gilles Roth), Claude Wiseler et Michel Wolter ;

MM. Marc Baum et David Wagner.

Ont voté non : MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer ;

Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Claude Haagen, Mmes Cécile Hemmen et Lydia Mutsch ;

Mme Semiray Ahmedova, MM. Carlo Back, François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché et M. Charles Margue ;

MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding.

Se sont abstenus : MM. Sven Clement et Marc Goergen.

Motion 3

Da kéime mer zur Motioun Nummer 3, déi vun der ADR deposéiert ginn ass. Ass nach een, deen d'Wuert zu där Motioun wëllt ergräifen? Dat ass net de Fall.

Da kënnen mer och hei zum Vott kommen.

Vote sur la motion 3

Fir d'éischt de Vote électronique fir déi perséinlech Stëmmen.

An dann ass et och hei den Appel nominal fir déi, déi wëllen e Vote par procuration ofginn.

Appel nominal (votes par procuration)

Domadder ass dës Motioun mat 4 Jo-Stëmmen a 54 Nee-Stëmmen ofgeleent.

Résultat définitif après redressement : la motion 3 est rejetée par 56 voix contre et 4 voix pour.

Ont voté oui : MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding.

Ont voté non : Mmes Diane Adehm (par M. Marc Lies), Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen (par Mme Nancy Arendt épouse Kemp), Paul Galles (par M. Georges Mischo), Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo, Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding, MM. Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Serge Wilmes (par M. Gilles Roth), Claude Wiseler et Michel Wolter ;



MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer ;

Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Claude Haagen, Mmes Cécile Hemmen et Lydia Mutsch ;

Mme Semiray Ahmedova, MM. Carlo Back, François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché et M. Charles Margue ;

MM. Sven Clement et Marc Goergen ;

MM. Marc Baum et David Wagner.

Domadder si mer um Enn vun der Sitzung vun haut de Mëtten, ...

■ **Plusieurs voix.**- Nee!

(Brouhaha)

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Ass nach eng do? O!

■ **Une voix.**- Déi Lénk!

Motion 4

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- A mir hunn eng Motioun vun déi Lénk, entschëllegt! Jo! Ass nach een, deen d'Wuert zu där Motioun wëllt ergräifen?

■ **Plusieurs voix.**- Nee!

(Brouhaha)

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Madamm Lorsché, wannechgelift.

■ **Mme Josée Lorsché (déi gréng).**- Merci, Här President. Ech war elo net selwer an där Mobilitéitskommissioun, wou déi fréier Motioun schonn eng Kéier diskutéiert ginn ass. Ech weess awer ongeféier, wéi d'Diskussiounen gelaf sinn, an ech weess virun allem och, datt den Här Minister d'Pasagéier vum ëffentlechen Transport natierlech och wëllt schützen - dat soll guer net a Fro gestallt ginn.

Ech wëlt zu dëser Motioun awer just eng Präzisioun ginn: Et ass déi, datt net all Transportmëttel, déi ëffentlech genannt ginn, awer ënnert der Responsabilitéit vum Transportministère lafen: beispillsweis d'Busse vun der Stad Lëtzebuerg, vum TICE a vun de kommunale Reseauen, déi vun de Gemenge geréiert ginn. Dat ass déi eng Präzisioun.

An dofir wëilt ech proposéieren, den Text e bëssen ëmzeänneren, an deem Sënn, datt mer soen, datt all déi Transportmëttelen, déi ënnert der Responsabilitéit vum Ministère des Transports publics lafen, heirënner falen, an an deem Sënn: « à mettre à disposition des usagers des transports en commun qui se trouvent sous la responsabilité du Ministère des Transports » an da weiderfueren « du gel désinfectant » - dee ganzen Tiret do -, a preziséieren, datt bei de Quae just d'CFL-Quae gemengt sinn, well och d'Quae vun de Bussen an de Gemenge falen ënnert d'Responsabilitéit vun de Gemengen, an net vum Transportminister. Do sinn dann och déi Permissioun-de-voirien unzefroen, wann een do eng Installatioun wëll hi maachen.

A fir deem dann awer och Rechnung ze droen, géife mer en zweeten Tiret proposéieren, dee géif soen: « à inviter les prestataires des services de transports privés ou communaux à s'associer à cette initiative » - dat heescht, datt de Ministère och op déi Acteuren zougeet a se invitéiert, och do derfir ze suergen, datt Gel désinfectant op der Plaz ass. Esou hätte mer dann dee ganze Secteur ofgedeckt, wann déi Partner da matmaachen. An deem Sënn, wann d'Kollege vun déi Lénk mat där Ännerung, mat där Nuance d'accord sinn, wäre mer och bereet, d'Motioun unzehuelen.

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Madamm Lorsché. An da ginn ech direkt d'Wuert zrëck un den Auteur vun der Motioun, den Här Marc Baum.

■ **M. Marc Baum (déi Lénk).**- Jo. Merci, Här President. Mir sinn averstanen domadder.

Wat wichteg ass, dat ass, datt de Staat, do wou en d'Responsabilitéit huet, selwer mam gudde Beispill virgeet an dat, wat en notamment och a Centre-commercialen obligatoresch mécht, selwer applizéiert. De Minister seet, datt elo verschidden aner Reseauen net direkt ënner seng Responsabilitéit falen -jo, mee se falen awer schonn zumindest ënner sâi Kompetenzberäich, a fir do ze soen: „Déi ginn natierlech och invitéiert, sech deem ze associéieren“ ... An ech mengen, datt dat eppes ass, wou ech och scho vu verschiddenen héieren hunn, datt esou Reseauen och bereet wieren, genau op deen dote Wee ze goen. Duerfir, mir wieren domadder averstanen.

Merci.

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Här Baum. Dann hat den Här Goergen d'Wuert gefrot, an duerno den Här Wiseler.

Här Marc Goergen.

■ **M. Marc Goergen (Piraten).**- Merci, Här President. Et freet mech wierklech, de Wieder vun der Madamm Lorsché nozelauschteren, well ech war an där Kommissioun, an do gouf e bëssen eppes anescht gezielt. Ech hoffe just, dass d'Regierung all de Ministeren an Zukunft wäert mat op dee Wee ginn, dass esou e Gel wierklech effektiv ass an datt deen och iwwerall seng Wierkung huet. A mir freeën eis, dass dat elo wäert am ëffentlechen Transport ëmgusat ginn.

Per Zoufall hu mer an engem passende Gemengerot och gëschter eng Resolutioun deposéiert, dass eeben den TICE am Komitee genau och dat soll entscheeden. Dat heescht, et gëtt och Weeër, fir déi, wou den Här Bausch elo net direkt d'Responsabilitéit dréit, mee awer indirekt - mir wëlle schonn drop opmierksam maachen, dass en déi dréit -, fir dass och déi mat deem Gel ausgestatt ginn, well mir kommen do wierklech e Schratt méi wäit.

An ech wëll et nach eng Kéier betounen - ech hat et och an der Kommissioun gesot: Esou e Schratt ass dee Wee, fir dass den ëffentlechen Transport net muss zougemaach ginn. Dat dote si Mesuren, déi mer brauchen, fir dass den Transport ka weiderhi fueren.

Merci.

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Här Goergen. An dann ass et um Här Claude Wiseler.

■ **M. Claude Wiseler (CSV).**- Merci, Här President. Ech wëll soen: Selbstverständlech stëmmen mer déi do Motioun mat. Mir hätten och déi original matgestëmmt, mee wann déi Ännerunge vun de Regierungsparteien et erlaben, dat mat ze maachen, dann ass dat fir eis evident. Ech wonnere mech just, datt mer se net schonn d'leschte Kéier gestëmmt hunn, well et war quasiment déi selwecht, a mir hunn esou vill Woche verluer. Mee schlussendlech sinn ech awer elo frou, datt mer e Stéck weiderkommen.

Ech hätt just eng kleng Suggestioun ze maachen, Här Baum: Ech fannen, datt Der den Tram och sollt draschreiwén.

■ **Plusieurs voix.**- Très bien!

■ **M. Claude Wiseler (CSV).**- Wann dat nach géif derbäikommen, « de même que dans les trains et le tram », da wär se effektiv komplett.

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci, Här Wiseler. Dann hat den Här Michel Wolter d'Wuert gefrot.

■ **M. Michel Wolter (CSV).**- Ech maache mäi Mikro un. Här President, mir stëmmen hei eng Motioun, wou mer verschidde Leit opfuerderen, a verschiddenen Instanzen eppes ze maachen. Wa mer als Chamber d'Regierung opfuerderen, dann ass dat an der Rei. Wa mer als Chamber méi wäit ginn, a mer fuerderen Acteuren op, mat deene mer eigentlech net direkt eppes ze dinn hunn - wéi d'AVL oder wéi den TICE, déi no anere Reegelen, also no anere Finanzreegele gefouert ginn -, da sinn ech schonn

der Meenung, datt ee vun der Regierung misst héieren, ob hir Statute stëmmen, an datt dat dann och vum finanzielle Standpunkt aus neutral gehale gëtt.

Mir sinn hei zu Lëtzebuerg an engem System, wou op där enger Säit eng Gemeng, op där anerer Säit néng Gemengen eigentlech e System an hirer Regioun ënnerhalen, deen déi aner zur Verfügung gestallt kréien iwwert den RGTR. Ech si ganz fir dat hei, mee ech sinn awer och ganz do derfir, datt, wann dat gemaach gëtt, datt dat vum finanzielle Standpunkt aus vum Staat esou organiséiert gëtt, datt déi 102 Gemengen - egal op wat fir eng Aart a Weis se hiren ëffentlechen Transport organiséieren -, dat och esou kompenséiert kréien, wéi dann déi 90 aner, fir et emol ze soen, an de Staat selwer. Dat ass mer awer eng weesentlech Prezisioun.

Et setzen eng Rei Leit heibannen, déi och an enger Rei vun deenen Entreprises direkt oder indirekt setzen, an ech wär awer scho frou, wann ech vun der Regierung - déi ... ech weess net, ob se nach present ass -, awer géif d'Assurance kréien - well soss stëmmen ech déi Resolutioun hei net! -, d'Assurance kréien, dass dat vum Finanziellen esou organiséiert gëtt ... - dat Technesch, dat Organisatiounell, dat mécht all Träger -, mee dee Gel, dee muss awer vun deem zur Verfügung gestallt ginn, deen der Meenung ass, dass dat an deenen einzelnen Transportmëttelen sollt zur Verfügung gestallt ginn.

Merci.

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Här Wolter, fir déi Remark. Ech mengen, da kënnen mer elo iwwert déi Motioun ofstëmmen. Kënnen mer dat par main levée ...? Den Här Wolter nach eng Kéier.

■ **M. Michel Wolter (CSV).**- Ech hat lech gefrot, Här President, datt ech gären ...

■ **Une voix.**- Eng Äntwert!

■ **M. Michel Wolter (CSV).**- ... eng Äntwert op déi Fro hätt! An ech mengen, datt eng Rei ... Ech kucken hei an d'Gesichter vun enger Rei vun anere Kollegen, déi ech a verschiddene Gremien erëmbegënnen, an ech mengen, datt déi sech berechtigterweis awer déi selwecht Fro stellen.

Ech wollt den Här Baum froen: Ass et wichteg, dass mer dat elo nach de Moien um 13.00 Auer hei stëmmen oder gi mer der Regierung d'Chance, fir eis eng propper Äntwert ze ginn? An da kënnen mer dat vläicht de Mëtten à l'unanimité stëmmen, wann déi Fro - déi awer keng onwichtig Fro ass, well do lafen awer Honnerte vu Busse ronderëm -, bis gekläert ass.

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Dann d'Madamm Polfer. Duerno den Auteur vun der Motioun, den Här Marc Baum.

■ **Mme Lydie Polfer (DP).**- Also ech versti scho gutt, wat den Här Wolter seet. Mee ech muss lech awer soen, fir effektiv d'AVL ganz gutt ze kennen ... an et war awer och richtig, fir hei den Tram ze ernimmen. Den Tram dat ass eng Société anonyme, déi gehéiert also net dem Ministère. Dat ass eng Société anonyme, wou d'Stad Lëtzebuerg zu engem Drëttel dran ass an deen och matgedroen huet.

Fir mech ass awer an där heiter Motioun dat Wichtigst, datt mer eis alleguerte Méi ginn, dat Beschte ze maachen, fir datt d'Leit déi beschte Méiglecheeten hunn, fir sech an deenen ëffentlechen Transporter a Sécherheet ze bewegen. An d'finanziell Fro, wéi gesot, datt ass sécher eng, mee ech mengen, wa mer heimat zum Ausdrock bréngen, datt mer, jiddwereen op där Plaz, wou en ass, dat Beschte maachen, fir datt d'Leit de Gel zur Verfügung gestallt kréien, dat ass fir mech an dëser Motioun dat Wichtigst. An dofir kann ech, souguer ouni elo déi Präzisioun vum finanzielle Volet ze kréien, awer derfir stëmmen.

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Madamm Polfer. An da ginn ech d'Wuert un d'Madamm Josée Lorsché.

■ **Mme Josée Lorsché (déi gréng).**- Majo, ech wëilt der Madamm Polfer Merci soe fir déi Präzisiounen. Mir gesinn dat genee d'selwecht: Mir sollen eis hei net an den Detailler verfänken, wie mer dann elo kofinanzéieren op där enger Säit, op där anerer Säit.

Ech ginn dem Minister ganz gär dee Message mat. Mir wäerten him erklären, datt dat e Wonsch ass, do, wou et méiglech ass, mengetweegen och dozou bäizesteieren. Ech ka mer net virstellen, datt en dat wäert refuséieren. Mee generell soll déi Motioun hei jo soen, datt mer alles maachen, fir d'Sécherheet vun de Passagéier ze erhéijen, an et ass och dat, wat déi Lénk domat wëllen erreechen - wuelwëssend, dat wëll ech dann och widerhuelen, datt den Tram jo eng Société anonyme ass, déi ënner Luxtram leeft an net direkt ënnert der Kompetenz vum Staat, soudatt ech awer géif mengen, datt den Tram éischer an den zweeten Tiret gehéiert. Mee natierlech, de Kontakt ass ganz enk tëschent dem Ministère an de Bedreier vum Tram, soudatt ech mer net ka virstellen, datt déi géife refuséieren, hei mat op dee Wee ze goen. Dat wär jo éischer

kontraproduktiv an et wär kee gudden Image de marque, wa se dat net géife maachen, soudatt ech voll Confiance hunn, datt dat do och geschitt.

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Madamm Lorsché. Dann den Auteur vun der Motioun, den Här Marc Baum.

■ **M. Marc Baum (déi Lénk).**- Jo. Merci, Här President. Also effektiv, de But vun der Motioun ass, datt mer kucken, datt déi Gelen esou séier, wéi et nëmme geet, och am ëffentlechen Transport zur Verfügung gestallt ginn.

Ech verstinn och d'Fro nom Käschtepunkt, an datt de Ministère och do eng gewësse Verantwortung huet. Ech perséinlech hunn elo kee Problem wa mer soen: „Ma kommt, mer stëmmen de Mëtten als Éischt driwwer of, wa mer do eng Reaktioun vun der Regierung hunn.“

Ech mengen awer, datt heibannen och vu Majoritéits- an Oppositionsparteien de Wonsch geäussert ginn ass, datt d'Regierung do och hir Verantwortung soll iwwerhuelen, wat d'Käschten ugeet. An ech géif et schued fannen, wann de Vott vun där Motioun elo just un deem reng Finanzielle géif scheitern, wuelwëssend, datt dee finanziellen Opwand fir esou e Gel awer een ass, deen, zumindest an enger éischer Etapp, awer iwwerschaubar ass, soudatt ech hoffen, datt mer eis eenege kënnen, an datt dat hei elo wierklech kann unanime - egal, ënner wéi enger Form, entweeder elo oder de Mëtten als Éischt - ugehall ginn. Well ech mengen dat ass awer wichteg.

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Här Marc Baum. Dann huet d'Madamm Martine Hansen d'Wuert gefrot.

■ **Mme Martine Hansen (CSV).**- Jo. Merci, Här President. Ech denken, wa mer eis eens si mat der Interpretatioun vum éischte Saz « à mettre à disposition [...] », heescht dat fir mech: D'Fraise si vun der Regierung ze iwwerhuelen, d'Regierung muss dat zur Verfügung stellen!

(Brouhaha)

A wann dat esou ass, da si mer eis eens, da kënnen mer dat natierlech gäre matstëmmen.

■ **Une voix.**- Très bien!

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Ech mengen, elo kënnen mer zum Vott vun dëser Motioun kommen. Iwwert de Kärmessage si mer eis eens.

Motion 4 modifiée

La Chambre des Députés,

- vu le nombre élevé d'infections au Covid-19 parmi les personnes résidentes et/ou travaillant au Luxembourg ;

- vu la gravité de la situation sanitaire et sa repercussion sur le système de santé et des soins ;

- considérant que les gestes barrières préconisés par le Gouvernement dépendent aussi de certains moyens de protection sanitaire tel que le gel désinfectant mis à disposition de la population ;

- considérant que les protocoles sanitaires à mettre en place obligatoirement par les centres commerciaux dotés d'une galerie marchande prévoient la mise à disposition aux visiteurs du gel désinfectant ;

- considérant les discussions menées le 10 décembre 2020 au sein de la Commission de la Mobilité et des Travaux publics sur la mise à disposition aux usagers des transports en commun de gel désinfectant,

invite le Gouvernement

- à mettre à disposition des usagers des transports en commun, qui se trouvent sous la responsabilité du Ministère de la Mobilité et des Travaux publics, du gel désinfectant en quantité suffisante en veillant à installer des bornes de distribution de gel désinfectant respectivement dans les bus ainsi que dans l'enceinte des gares et sur les quais, de même que dans les trains ;

- à inviter tous les prestataires des services de transport privés ou communaux à s'associer à cette initiative.

(s.) Marc Baum, David Wagner.

Vote sur la motion 4 modifiée

Kënnen mer par main levée ofstëmmen?

(Assentiment)

Wie mat dëser Motioun esou d'accord ass, wéi se textuell modifizéiert ginn ass, dee soll d'Hand an d'Luucht hiewen.

Wien ass dergéint? Wien enthält sech?

Domadder ass dës Motioun mat deem modifizéierten Text ugehall.

D'Chamber kënnst de Mëtteg um 14.30 Auer nees zesummen.

D'Sitzung ass opgehewen.

(La séance publique est levée à 13.12 heures.)

Le saviez-vous ?

VOTE DE LA LOI

La Chambre des Députés se prononce sur les projets et propositions de loi dans le cadre de plusieurs votes. Un projet ou une proposition de loi peut être soumis au vote par division sur demande de cinq députés au moins. Si des modifications ont été adoptées, la Chambre procède ensuite au second vote réglementaire sur ces amendements après que le Conseil d'État a donné son avis à leur sujet. Ce vote tient son nom du fait qu'il est prévu par le Règlement de la Chambre. L'étape suivante concerne le vote sur l'ensemble du projet ou de la proposition de loi. Finalement, au moins trois mois après le vote sur l'ensemble, le second vote constitutionnel achève l'œuvre législative de la Chambre. Néanmoins, la Chambre, avec l'accord du Conseil d'État, peut décider de se dispenser de ce second vote constitutionnel.